

INFO °07 19 BLAT

Den analytische Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 17. JULI 2019

Séance du 9 octobre 2019

Séance du 18 septembre 2019

Séance du 17 juillet 2019

Séance du 19 juin 2019

Séance du 5 juin 2019

Séance du 29 mai 2019

Séance du 14 avril 2019

Séance du 8 mars 2019

Séance du 10 janvier 2019

Séance du 14 décembre 2018

Séance du 5 décembre 2018

Séance du 21 novembre 2018

Séance du 17 octobre 2018

Séance du 22 septembre 2018

Séance du 14 juillet 2018

Séance du 8 juin 2018

Séance du 25 avril 2018

Séance du 15 mars 2018

Conseil communal du 18 septembre 2019

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, délégué), Tom Cléang (L'Éclair, CSV), Georges Lisch (député, délégué), Lucien Piegno (député, délégué), Robert Mingeux (député, CSV), Paulo Aguiar (délégué), Guy Altmeppen (LSAP), Fred Bartsch (LSAP), Christiane Bressel-Rausch (délégué), Gary Dierich (délégué), Serge Gellman (LSAP), Jerry Hartung (CSV), Erine Mouch (L'Éclair), Jerry Muller (LSAP), Yvonne Richartz-Nilles (délégué), Ali Ruckert (EPL), Christine Seel (DP), Fräna Schmitgen (délégué), Guy Toppels (CSV)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestres et échevins

▶ 12:10

2. Projets communaux : réaménagement de la rue Beyle et de la rue Posteur à Differdange – plans et devis, article budgétaire qu'on s'occupe d'élaborer

▶ 12:35

3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :

- Modifications possibles du plan d'aménagement particulier de l'arrondissement "Pays des sports" à Oberkorn conformément aux dispositions de l'article 17bis de la loi modifiée du 15 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;
- Plan d'aménagement particulier de l'arrondissement "Estée de ville - Tover" à Differdange, orientation et plans d'exécution.

▶ 13:00

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)
[Annuaire](#)
[Comet du citoyen](#)
[Services administratifs](#)
[Formulaires administratifs](#)
[Galerie photos](#)
[Informations](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{07 19}

COMPTE-RENDU DU 17 JUILLET 2019

4-58

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Rita Noël

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 07/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 17 JUILLET 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)

Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Paulo Aguiar (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : projet d'aménagement particulier au lieu-dit « rue Pierre-Gansen — rue des Lignes — Tower » à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de Heliosmart SA.
3. Office social de Differdange : convention 2019.
4. Actes et conventions :
 - a. Acte d'achat d'un immeuble d'habitation et de commerce situé au lieu-dit « avenue de la Liberté » à Differdange ;
 - b. Avenant au contrat de bail avec la société Il Cavaliere SARL, anciennement The Game Differdange SARL, et portant sur un local situé au n° 4 de la place du Marché à Differdange ;
 - c. Convention services pour jeunes 2019 ;
 - d. Contrats de bail au 1535° Creative Hub.
5. Enseignement fondamental et cours de langues :
 - a. Plans d'encadrement périscolaire 2019-2020 ;
 - b. Organisation des cours de langues pour adultes 2019-2020.
6. Organigramme actualisé du personnel communal – adaptations et créations de postes.
7. Règlements communaux :
 - a. Règlement des taxes, tarifs et prix — modifications au sein du chapitre G-1 stationnement ;
 - b. Règlement de circulation — modifications ;
 - c. Règlements temporaires de circulation.
8. Motion déi Lénk : précision sur le règlement sur l'allocation de solidarité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance et excuse M. Aguiar. Il passe à un PAP dans la rue Pierre-Gansen. Il s'agit d'un terrain cédé en emphytéose par la commune pour y construire des appartements. L'AIS en assurera la gestion.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *précise que le site se trouve au coin de la rue Pierre-Gansen et de la rue des Lignes près du centre et à 250 m de la gare. L'aire de jeux qui s'y trouvait a été déplacée. Une petite résidence de 11 logements va y être construite. Le terrain fait 11,6 a. Le COS est de 0,7 et le CMU de 1,35.*

La résidence se composera d'un rez-de-chaussée, de deux étages et d'un retrait. Un transformateur ne pouvant pas être reculé se trouve sur la parcelle. L'arbre à côté sera aussi conservé.

Ce PAP dépend de l'ancien PAG. En effet, la procédure d'approbation du nouveau PAG n'a été lancée que lors de la dernière séance du conseil communal. Mais en 2017, la commune a décidé de protéger certaines façades et maisons. Une partie de cette parcelle est concernée par la protection.

La société Heliosmart a présenté ce projet en 2016. L'ancien collègue échevinal en avait été satisfait, mais au fil du temps, il a fallu le modifier. Le PAP datant de 2018 déroge quelque peu du règlement des bâtisses.

À l'époque, l'aire de jeux a été déplacée, car le collègue échevinal pensait que les choses iraient vite. Cela n'a pas été le cas. Mais l'aire de jeux Astérix est en tout cas réussie. En 2016, Heliosmart avait proposé un concept un peu différent. L'idée consistait à élaborer un projet de logements à louer à prix abordable qui pourrait être construit sans devoir demander d'énormes subsides ou d'autres formes de financement. Parmi les éléments moins traditionnels figure le fait que la cage d'escalier se trouve à l'extérieur. Mais ce n'est pas la seule idée un peu particulière.

Heliosmart est en effet d'avis que tous les matériaux utilisés doivent être recyclables à 100 % et regrette que ce ne soit pas encore le cas par-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien. Mir kéinte mat eiser Sitzung ufänken. Ech wéilt den Här Aguiar entschëllegen. Bei de Kommunikatiounen hu mer näischt.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen. Dat ass e PAP an der rue Pierre Gansen, en Terrain, dee mer virun e puer Joren an d'Emphytéose ginn hunn, datt do sollte Wunnenge gebaut ginn. Endlech ass et souwäit. Soubal déi Wunnenge fäerdeg sinn, wäerte se un d'AIS Kordall goen, fir datt déi se kënnen geréieren.

Den Här Liesch wäert eis de PAP virstellen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Moien alleguerten. Ech fänken u mat der Situation, wou de Projet haut drun ass, fir d'Leit, déi eis nolauschten oder liesen. Mir befannen eis hei zu Nidderkuer um Eck rue Gansen, rue des Lignes. Viru Jore war do eng Spillplaz. Am Kader vun dësem Projet ass déi geréckelt ginn. Op där Parzell soll elo eng kleng Residence gebaut ginn. Mir befannen eis an der Proximitéit vum Nidderkuerer Zentrum, 250 Meter ewech vun der Gare. Also zimlech zentral geleeën, zu Nidderkuer.

Dee ganzen Terrain huet eng Fläch vun 11,6 Ar. Mir hunn en COS vun 0,7, wat zimlech moderat ass. An en CMU vun 1,35. Hei entstinn eelef Logementer. Gebaut gëtt e Rez-de-chaussée, zwee Stäck an e Retrait.

Et muss ee wëssen, dass op där Parzell vir op der Haaptstrooss en Trafo steet. Dee bleift do stoen. Dee kann net geréckelt oder verbaut ginn. Dat heescht deen Trafo, deen do steet, dee bleift bestoen. An och dee Bam, deen nieft dem Trafo ass, bleift bestoen.

Dëse PAP schreift sech nach an deen ale PAG an, vu dass mer am leschte Gemengerot deen neie PAG op de Wee ginn hunn, an deen heiten awer schonn heibanne war. Soudass dee sech nach am ale PAG befënnt. Wou een awer muss wëssen, dass mer 2017 eng Propektioun vun de Fassaden a vun den

Haiser drop geluecht hunn. An een Deel vun dëser Parzell läit doranner. Wat dëse Projet net méi komplizéiert gemaach huet, mä et huet een awer missen dorunner denken.

Vläicht kuerz en Historique. 2016 ass d'Firma Heliosmart bei eis virstelleg ginn, fir esou e Projet wéi deen heiten ze bauen. Dat heescht, de vieregte Schäfferot huet schonn un dësem Projet geschafft an huet deen eigentlech och a senger Form, a senger Saach, a sengem Usaz ganz gutt fonnt.

Am Laf vun der Zäit hate mer awer du gesinn, dass de Projet e bësse misst ëmgeännert ginn, fir dass en op déi Situation passe géif. 2018 war dunn decider ginn, e PAP ze maachen, fir dass ee kann op verschiddene Punkten derogéieren zum Bautereglement. Soss wär de Projet a senger Form net esou realisabel gewiescht.

Mir waren der Iwwerzeegung deemools, dass dat alles relativ schnell géif goen. Mir haten dunn d'Spillplaz réckele gelooss. Dat ass am Fong haut déi Asterix-Spillplaz zu Nidderkuer. Dat ass déi, wou an der rue des Lignes war. Haut stelle mer fest, dass de Projet net esou schnell war. Mir hätten also do nach e bëssen Zäit gehat. Mä trotzdem mengen ech, ass déi nei Spillplaz zu Nidderkuer ganz flott ginn. An déi heite Plaz konnt nach genotzt gi vun de Kanner, fir nach e bëssen do ze spillen.

Zum Projet selwer, well dat awer elo e bëssen en anere Projet ass, wéi mer e bis ewell an der Gemeng kannt hunn. Déi Leit vun Heliosmart sinn, wéi gesot, 2016 bei eis komm mat enger Iddi, fir en anert Konzept vu Wunnengsbau ze proposéieren.

Hir Iddi war, oder ass, fir eppes ze bauen, wat sech direkt an engem Loyer modéré erëmfënnt. Wou d'Leit en abordable Wunnraum fir ze loune fannen. An dat direkt esou ze plangen, dass dat och bautechnesch opgeet, ouni musse vill grouss Subsiden a soss Finanzementer ze kréien. Dat war hir Iddi.

Si hunn en anert Konzept. Dat gesäit een am Bau, an der Volumétrie. Do gesitt Der, dass se e puer Saache mat agebaut hunn. Zum Beispill, dass d'Trapenhaus bausse läit. Also net an der gehéizter Hüll. Dat ass eng vun den

Iddien. Si hunn awer nach e ganze Koup aner Iddien abruecht.

Gläichzäiteg hu se sech gesot, et kann net sinn, dass mer zu Lëtzebuerg esou weiderbauen, andeem mer Materialie verwenden, déi net méi kënnen recyceléiert ginn, déi net méi kënnen benotzt ginn. Dass mer Saache bauen, déi herno, wa se ofgerappt ginn, schwéier trennbar sinn an hir Stoffer.

Dat heescht, hiren Usaz war vun Ufank un, datt dat Gebai muss mat nohaltege Stoffer gebaut ginn. Et muss zu 100 Prozent recyclabel sinn. Och wann et an enger Durée de vie vun 20, 25 Joer zum Beispill misst komplett sanéiert ginn, misst dat och méiglech sinn. Et misst awer och méiglech sinn, dat Haus komplett erëm ze demontéieren.

Et schreift sech also wierklech an eng Économie circulaire an, wou si gesot hunn, si probéieren emol esou en Haus ze bauen, wat sech honnertprozenteg an de System vun der Économie circulaire aschreift. Also e spannende Projet, wou mer gespaant sinn, wéi en herno wäert ausgesinn.

Si hunn nach aner Saachen agebaut. Si bauen am Passivstandard. Wat jo haut souwisou Standard ass. Si maachen eng Photovoltaik um Daach. Mir hunn nach e Gréngdaach mat ageschriwwen, dee se och musse maachen, mat enger gewässer Déckt, fir dass dat och seriö ass. Zu Wolz ass e Projet an där heite Form schonn am Bau. A menges Wessens ass an Esch och een an der Pipeline, fir en ähnleche Projet ze maachen.

Den Terrain selwer gehéiert der Gemeng. A wann et souwäit ass, wäerte mer hinnen den Terrain iwwer e Bail emphytéotique zur Verfügung stellen.

ENG STËMM:

Dat ass scho geschitt.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass scho geschitt.

Wéi gesot, mer hunn e PAP gemaach, fir op verschidde Punkten ze derogéieren. Ech géif elo déi wichtegst Punkten

ervirhiewen, déi mer derogéiert hunn. Dat waren, ënner anerem, d'Parking. An eise Bautereglement steet 1,5 Parking pro Logement. Vu dass et sech awer hei ëm e Sozialbau-Projet handelt, wann een dat esou kann nennen, a Proximitéit vun der Gare, si mer der Meinung gewiescht, dass mer hei kéinten derogéieren an op 0,5 Parkplaze pro Logement erofgoen.

Wat bedeit, dass vill manner Kellerraim musse geschaf ginn. De Parking ass jo am Souterrain. Den Aushub vum Buedem, wat jo och zu Lëtzebuerg e Problem ass, kann hei drastesch reduzéiert ginn. Wa mer d'Parking-privatisten e bësse reduzéieren, kënnen mer d'Verkéierssituatioun an der Gemeng verbessern, zemools wa se esou no ugebonne sinn. Wéi gesot, mer schwätze vun 250 Meter vum Zentrum vun Nidderkuer, wou een all Bussen an all Zuchverbindungen kritt.

D'Topologie vum Terrain geet e bëssen erop. Dat heescht, laanscht d'rue des Lignes geet den Terrain an enger Pente no uewen. Am Bautereglement steet, dass en erhéichte Rez-de-chaussée vun 0,5 Meter maximal erlaabt ass. Wat awer duerch déi Pente hei vum Terrain bedeit hätt, dass deen hënneschten Deel quasi e Meter am Keller gewiescht wär. Dat ass net ganz glécklech.

Duerfir ass hei als Mesurage e Punkt an der Mëtt vun der Parzell geholl ginn. Soudass een op der viischter Front op 1,3 Meter kennt par rapport zum Rez-de-chaussée. Dat sinn déi grouss Derogatiounen, déi mer an dëse PAP ageschriwwen hunn.

De Projet hu mer esou an d'Prozedur geschéckt op d'Cellule d'aménagement. Dat läit och an Ärem Dossier. Dir gesitt, dass se eng Partie Remarque gemaach hunn. Ech huelen hei och vläicht just déi wichtegst Remarken. Et gouf eng ganz Partie Tippfeeler, Schreiffeeler, Inkohärenzen tëscht Partie graphique a Partie écrite. Déi sinn natierlech behuewen ginn.

Ee Punkt, dee se beanstand haten, a mat Recht, ass, dass d'Gebai misst an der Fassad de Rhythmus vun der Architektur vun der Strooss iergendwou erëmginn. Wat dann och deem Rechnung dréit, vu dass mer jo eng Servitu-

tout au Luxembourg. Tous les éléments sont durables. En d'autres termes, dans 20 ou 25 ans par exemple, il sera possible d'assainir entièrement l'immeuble ou même de le démonter. L'immeuble s'inscrit donc à 100 % dans le système de l'économie solidaire. Georges Liesch se dit curieux.

Le bâtiment sera passif et comprendra un système photovoltaïque. Le toit sera écologique. Des projets similaires sont également prévus à Wiltz et à Esch.

Le terrain appartient à la commune et sera mis à la disposition d'Heliosmart sous forme d'un bail emphytéotique.

Contrairement au règlement des bâtisses, qui prévoit 1,5 places de stationnement par logement, ce projet n'en comprendra que 0,5, étant donné son caractère social et sa proximité à la gare. Cela signifie qu'il faudra moins de volume sous terre. Ce projet contribuera aussi à améliorer la situation sur les routes. Georges Liesch rappelle que le centre de Niederkorn se trouve à 250 m, où l'on peut prendre le bus ou le train.

Le terrain se situe dans une pente. Or un rez-de-chaussée ne peut pas être surélevé de plus de 0,5 m d'après le règlement des bâtisses. La partie postérieure du bâtiment aurait donc dû être construite un mètre sous terre. C'est pourquoi une dérogation a été accordée.

La procédure a été lancée. La Cellule d'aménagement a remis son avis. Elle signale des fautes de frappe ainsi que des incohérences entre la partie écrite et la partie graphique. Par ailleurs, la façade doit être adaptée à l'architecture de la rue. Mais c'est le cas de toute façon puisque le site est soumis à une servitude.

La Cellule et le promoteur se sont rencontrés pour discuter de ces points. Il en est ressorti que le bâtiment doit respecter le rythme vertical des façades. En ce qui concerne la surélévation du rez-de-chaussée, la Cellule était d'avis qu'il fallait la limiter à un mètre au maximum. Mais après les discussions, ils ont accepté une surélévation de 1,3 m. Pour ce qui est du parking, la Cellule d'aménagement a suggéré 0,75 place pour le logement social et 1 place pour le logement standard. Mais comme il s'agit d'un projet exclusivement social, la Cellule a accepté de limiter le nombre à 0,5. La Cellule d'aménagement a aussi demandé que l'aire de jeux soit remplacée. Le collègue échevinal lui a expliqué que cela a déjà été fait. D'autres petites réclamations ont été effectuées telles quelles. L'avis de publication mentionne une réclamation. Il s'agit d'une erreur. Entretemps, le secrétariat a envoyé un courriel aux conseillers communaux pour leur expliquer qu'il n'y avait pas de réclamations. Georges Liesch espère avoir présenté ce PAP intéressant de manière adéquate. Le service technique se rendra à Wiltz pour voir leur projet. En effet, beaucoup de personnes sont curieuses d'en apprendre plus.

ERNY MULLER (LSAP) *n'est pas entièrement d'accord avec ce qui vient d'être dit.*

M. Liesch a parlé du PAP. Le projet est intéressant et il n'a pas évolué de manière conséquente depuis la première présentation.

En revanche, Erny Muller croit savoir qu'un permis de construire a déjà été octroyé. Le promoteur aurait donc pu commencer à construire immédiatement. Pourquoi ne l'a-t-il pas fait?

Ce qui est particulièrement intéressant dans ce projet, c'est que chaque appartement dispose d'un balcon ou d'un rez-de-jardin. Cela représente un véritable confort pour des logements sociaux.

de do drop leien hunn, déi dat eigentlech och verlaangt.

Et war eng Reunioun gewiescht, nom Avis, wou d'Gemeng, de Promoteur an d'Cellule zesummekomm sinn, fir iwwert déi eenzel Punkten ze diskutéieren. Do ass festgehalen ginn, dass d'Gebai a senger Fassad dee vertikale Rhythmus muss bäibehalen. Dat gesi mer herno an der Baugeneemegung.

Et ass diskutéiert ginn iwwert d'Surélévation. Wou d'Cellule der Meenung war, dat sollt een op ee Meter maximal reduzéieren. No den Erklärungen, déi an deem Gespréich komm sinn, ware se averstanen, op 1,3 Meter Surélévation ze goen.

Beim Parking war d'Cellule der Meenung, et sollt een éischter op e Mix goen. Dat heescht, vun deenen 1,5, déi am Bautereglement sinn, sollte mer erofgoen op 0,75 fir deen Deel, deen effektiv soziale Wunnengsbau wär an op 1 pro Logement fir de Logement standard.

Eis Leit hunn an der Cellule nach eng Kéier erkläert, dass dat heiten exklusiv fir soziale Wunnengsbau ass. An no-deems se verstanen haten, ëm wat fir ee Bau et sech géif handeln, ware se domat averstanen, fir op deenen 0,5 Parkplazen ze bleiwen.

Du war nach ee Punkt, deen ech scho gesot hunn, dass se gesot haten, dass déi Spillplaz misst fortkommen an dass ee misst kucken, dass déi sollt ersat ginn. Dat hate si net matkritt. Dat ass awer net hire Feeler. Do hu mer hinnen erkläert, dass mer déi scho geréckelt hätten. Soudass dee Punkt dunst och vum Dësch war.

Et waren e puer kleng Reklamatiounen, déi se haten, déi mer alleguerten iwwerholl hunn an déi Der korrigéiert schonn am Text erëmfant.

Eis ass e kleng Feeler ënnerlaf. Am Avis de publication, deen Der ausgedelt kritt hutt, steet, et wär eng Reklamatioun erakomm. Dat ass awer net richteg. Et ass keng Reklamatioun erakomm zu dësem Projet. Dir hutt kuerzfristeg e Mail kritt vum Sekretariat, wou dat richteggestallt gouf. Also et ass zu dësem Projet keng Reklamatioun erakomm.

Ech hoffen, ech konnt Iech e bëssen de Resumé maache vun deem klengen, awer interessante PAP fir eis Gemeng. Fir ze kucken: Wéi geet dee Bau hei? Wéi sinn d'Erkenntnisser? Mir ginn och eng Kéier op Wolz kucken. Dee Projet ass jo e bëssen en avance zu eisem Projet. Dat heescht, deen ass elo am Bau. Eis Leit ginn op Wolz sech dat doten ukucken, fir ze kucken: Wéi gëtt dat elo gebaut? Wéi gëtt dat gehandhaabt? Wéi gesäit dat wierklech aus? Soudass mer eis schonn e Bild kënne maachen. Well et awer e Projet ass, deen hei am Haus vill Leit interesséiert. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Den Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen an Häre vun der Press, ech sinn net ganz d'accord mat deem, wat ech haut héieren hunn. A meng Fraktioun och net. Mir sinn elo e bëssen agaangen op de Bâti, dat heescht de Projet an de PAP. Mir hunn awer net vill iwwert de Fong geschwat.

Zum Projet selwer muss ech soen, et ass en interessante Projet an en huet och net wesentlech geännert par rapport zu deem, wéi en déi éischte Kéier virgeluecht ginn ass. Dat hunn ech op jidde Fall net erkannt.

Mä – an Dir kënnt mech korrigéieren, Här Buergermeeschter –, et war schonn eng Baugeneemegung ausgestallt fir dee Projet. Dat heescht, deen hätt kënne direkt ugefaange ginn. An da muss een hannerfroen: Firwat ass dat net de Fall?

Ech wëll awer nach soen, firwat en interessant ass. Dat hutt Der elo net gesot. En ass interessant, well all Appartement huet säi Balcon oder säi Rez-de-jardin. Fir sozial Wunnengen ass dat e relative Confort, deen deene Leit allerdéngs och zousteet. Och déi Leit solle sech kënne an d'Loft setzen, an d'Sonn erausgoen an e Fräiraum hunn

2. PAG et PAP

ausserhalb vun hirer Wunneng. Dat ass hei bei deem Projet de Fall.

Et sinn eelef Appartementer. D'Unzuel vun de Studioen huet mer e bëssen héich geschéngt. Mä dat gëtt jo ofgestëmmt mat der AIS Kordall. Soudass do d'Besoinen am Fong definéiert ginn, ier dat definitiv festgehale gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Da wéilt ech e Wuert soen zu Heliosmart. Dir hutt ganz positiv vun deene Leit geschwat. Ech hat och eng ganz positiv Impressioun, muss ech soen – am Ufank. Elo net méi grad esou. Well ech kenne se an ech jugéiere se als Meeschter vun der Économie circulaire, wéi Der och richteg gesot hutt. Do maache se wierklech ganz interessant Saachen.

Ech hat se awer och als Meeschter gesi vun enger Realisatioun vun engem Projet. An et muss een awer elo soen, wat mer elo hei ännere ginn, dat war au départ alles bekannt. A si woussten och, wat dat ze stoe géif kommen, fir dass dat käschtedeckend wär. An am Endeffekt ass déi Rechnung net opgaangen. Dat ass haut hei net gesot ginn – bon, dat gehéiert vläicht och elo net zu engem PAP.

Mä déi Käschtedeckungsrechnung ass net opgaangen. An do hu mer gekuckt, wat een elo muss maachen. Et muss een Ännerunge maachen. An déi Ännerungen, déi sinn ausserhalb vum Kader vun eisem Bautereglement. An dat kann een nëmmen doduerch, dass een e PAP mécht an Derogatiounen, déi dann net méi laut dem Bautereglement sinn. Déi si gemaach ginn, fir dass de Projet méi bëlleg gëtt.

Dat heescht, et ass alles gesicht ginn, wou mer elo kënnen aspueren. Fir dass dee Projet méi bëlleg gëtt. Esou gesinn ech dat op jidde Fall.

An ee Facteur war natierlech de Souterrain, wat ëmmer en deiere Käschtepunkt ass. An d'Rampe dohin, wat jo

och net einfach ass. Soudass iwwert dee Wee emol direkt – wéi Der gesot hutt – den Niveau op 1,3 Meter eropgaangen ass.

Awer wat mer wierklech bedauern dat ass, dass dann och mat de Parkplaze jongléiert ginn ass. Ech mengen, et kann een dat verstoen, dass e soziale Projet vläicht net déi Unzuel brauch wéi aner Projeten. Dat kann een emol einfach esou soen. Mä dat ass och nach net bewisen.

Dat heescht, mir ginn elo bei engem Projet, dee laut Bautereglement 17 Plaze misst hunn – 1,5 war vläicht iwwerdriwwen, dat muss ech éierlech zouginn – zrëck op sechs. Dat ass dat anert Extrem. 0,5x11 – dat sinn da sechs Parkplazen. Dat heescht mir befannen eis elo op sechs. Mer hunn elo e bësse gekuckt, déi ganz Ënnerkellerung wäert dann nach 1/3 vun där Gesamtfläch vun der Basis vum Gebai ausmaachen.

Wa mer elo déi geréng Fläch kréien, dann hätt mer och kënnen nach méi déif setzen. Mä dat steet jo elo net méi zur Diskussioun.

Op jidde Fall, ech wonnere mech wierklech, éierlech, firwat dass nodeem éischters d'Baugeneemegung ausstellt ginn ass, zweetens all déi Kontrakter ënnerschiwwen gi sinn, de Bail emphytéotique, de Kontrakt mat der AIS an esou weider – alles dat ass fäerdeg, an dann op eemol fänke mer en neie Projet un. Ech hat och schonn eng Kéier gefrot, wou mer dru si mat deem Projet. Op eemol fänke mer en neie Projet u mat PAP, duerch d'Instanzen ... Wou mer jo wëssen, dass dat dauert.

Dee Projet kéint scho fäerdeg sinn, menger Meenung no. Well et gëtt jo nach Alternativen. Dir sot, dat do ass interessant, et ass méiglech, fir esou eppes ze bauen. An och, wéi gesot, ouni dass ee Subside kritt. Mir wëssen awer als Gemeng, wa mir Bauhär sinn, kréie mer 75 Prozent vum Staat bäigesteiert. An ech géif awer och emol op dee Wee goen an dem Gemengerot oder dem Schäfferot wäermstens recommandéieren, mol esou e Projet auszuféieren an dann ze kucken, wou mer dann hikommen. Da schaffe mer och méi effikass. Well schliisslech hu mer awer gutt zwee

Erny Muller rappelle qu'il est question de 11 appartements et de plusieurs studios. Les besoins exacts seront définis avec l'AIS Kordall.

M. Liesch a dressé un portrait positif d'Heliosmart. Au début, ils ont fait bonne impression à Erny Muller aussi. Désormais, il voit les choses différemment.

Heliosmart réalise de bonnes choses en matière d'économie circulaire. Mais les modifications dont il est question aujourd'hui étaient connues dès le départ. Heliosmart savait à quoi s'attendre. Mais ils n'ont pas réussi à rentrer dans leurs frais. C'est pourquoi il a fallu apporter des modifications au projet en dehors du cadre du règlement des bâtisses. Les dérogations ont pour objectif de rendre le projet moins onéreux. On a essayé de réduire les frais partout — et notamment en ce qui concerne le souterrain.

Les socialistes regrettent particulièrement la décision prise au sujet des places de stationnement. Il est facile de dire qu'un projet social n'a pas besoin d'autant de places de parking. Mais où en est la preuve? D'après le règlement des bâtisses, il aurait fallu aménager 17 emplacements pour les 11 appartements. C'est exagéré. Mais voilà que l'on descend à six. La partie souterraine ne fait plus qu'un tiers de la surface de la base du bâtiment.

Erny Muller répète qu'un permis de construire a déjà été accordé. Le bail emphytéotique et le contrat avec l'AIS ont été signés. Pourquoi lance-t-on un nouveau projet aujourd'hui? Le collège échevinal sait pertinemment qu'il faudra beaucoup de temps pour terminer ce projet. Certes, il s'agit d'un projet intéressant. Mais la commune a droit à des subsides de 70 % lorsqu'elle est maître d'ouvrage. Si elle réalisait elle-même un projet de ce type, ce serait plus efficace. Car on a déjà perdu deux ans.

2. PAG et PAP

Malgré ce constat, les socialistes approuveront le projet, parce qu'il est nécessaire et parce qu'ils l'ont soutenu quand ils faisaient partie de majorité.

JERRY HARTUNG (CSV) annonce que les chrétiens sociaux saluent ce projet. Il était temps de le lancer.

La commune est déjà intervenue il y a un moment puisqu'elle a remplacé l'aire de jeux. Les arbres ont, quant à eux, été déplacés plus en bas dans la rue Pierre-Gansen, à hauteur de l'accès vers le parc de recyclage.

Ce projet établit de nouveaux critères écologiques, sociaux et sanitaires. Les matériaux utilisés pour la construction et l'isolation remplissent les critères d'une construction passive triple A. Des installations photovoltaïques sont également prévues.

Les appartements avec un balcon ou une terrasse, et de taille adéquate, seront confortables. La qualité de l'air est un facteur important.

Les appartements seront gérés par l'AIS.

Un bémol cependant : le nombre de places de stationnement. Mais Jerry Hartung rappelle qu'il s'agit d'un projet social à proximité du train et du bus. Un grand parking se trouve par ailleurs en face dans la rue Pierre-Gansen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que déi Lénk soutient ce dossier depuis le début et continuera à le faire. Mais pour lui, la commune doit se montrer plus active et agir rapidement. Ce projet-ci a pris du retard, ce qui est dommage compte tenu de l'urgence sur le marché de l'immobilier.

Par ailleurs, on parle de logements sociaux à louer alors qu'ils seront gérés par l'AIS. La terminologie n'est pas claire. Le conseil communal devrait faire un effort en utilisant les termes de manière claire. Un logement social est un logement dont le loyer est fixé sur la base des revenus du locataire. Or ici, il est question de gestion locative sociale et le loyer n'est pas fixé en fonction du salaire. Il faut savoir de quoi on parle. Gary Diderich a souvent été en désaccord avec le bourgmestre à

Joer verluer. An dat ass schued. Dat ass wierklech schued.

Trotz alle Bedenke stëmme mer dee Projet, well mer en awer onbedéngt brauchen. A well mer och sengerzäit, wéi mer nach am Schäfferot waren, ganz intensiv matgehollef hunn, dass dee Projet soll Realitéit ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, d'CSV begréisst dëse Projet. Et ass eng gutt Saach, wann e bis fäerdeg ass an endlech lassgeet. Well et schleift schonn eng Zäitche. Vun der Säit vun der Gemeng hu mer scho viru méi laanger Zäit gemaach, datt dëse Projet ka starten. D'Spillplaz am Quartier selwer gouf duerch d'Astrix-Spillplaz ersat, déi flott an zäitgeméis ass. D'Beem op deem Bouterain goufe weider no ennen an d'rue Pierre Gansen, wou et an de Recyclingszenter erageet, emgeplant.

De Projet Nesto setzt souwuel ekologesch, sozial wéi gesondheetlech Moossstief. Et ginn natierlech Materialie benotzt fir de Bau an d'Isolatioun. En erfëllt d'Kritäre vun engem Passivhaus am AAA, an et si Photovoltaik-Elementer virgesinn.

Fir de Confort vun de Leit sollen d'Appartementer eng uerdentlech Gréisst hunn, mat Balcon oder enger Terrass. Och op d'Loftqualitéit gëtt héije Wäert geluecht. Zudeem erfëllt en d'sozial Aspekter. Et gouf scho gesot, datt en heru fir d'AIS ugeduecht ass.

De Bemoll vun dësem Projet, meng zwee Virriedner hunn et schonn ugeschwat, ass d'Unzuel vun de Parkplazen. Et ass e soziale Wunnengsbau, et läit no un den Zuch- a Busverbindungen. An op där anerer Säit vun der Strooss, net wäit ewech, ass ee groussen Opfangparking an der rue Pierre Gansen, wat u sech dëst awer erlaabt.

Am grouse Ganze si mer frou, datt et mat dësem interessante Projet elo virugeet. Mir stëmme dëse PAP mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemeengerot, als déi Lénk hu mir de Projet bis elo ëmmer ënnerstëtzt. Wäerten en och haut ënnerstëtzen. Mä ech bekräfigen nach eng Kéier déi Saachen, déi mer schonn deemools gesot hunn, dass mer denken, dass d'Gemeng selwer aktiv sollt ginn. An de Verlaf vun dësem Projet bestätegt, dass d'Gemeng selwer méi schnell kann aktiv ginn.

Hei si mer elo a Versuch geroden, wat ganz schued ass, bei där Urgence, déi mer an der Logementssituatioun hunn. Hei gëtt erëm vu soziale Mietwunnenge geschwat, et gëtt awer och gesot, dass et der AIS verlount gëtt. Do wär et scho flott, wa mer do allgemeng – mëttlerweil ass et jo en nationaalt Thema, dass déi Begrëffer net kloer sinn – eis selwer mol géifen d'Méi maachen, déi Begrëffer méi kloer ze verwenden.

Bei soziale Mietwunnengen, do gëtt meeschtens geschwat vu Wunnengen, déi nom Fonds-de-Logement-Modell verlount ginn – net nëmme vum Fonds de Logement. Dat heescht, wou de Loyer opgrond vum Revenu berechent gëtt. An dat ass och ausserhalb vum Gesetz vum Bail à loyer.

Hei si mer net ausserhalb vum Gesetz vum Bail à loyer. Hei si mer bei der Gestion locative sociale, déi ënner anere vum der AIS geréiert gëtt. An dat ass net en fonction vum Salaire.

Et ass wichteg ze wëssen, vu wat ee schwätzt. Well mer jo schonn hei des Efteren en Desaccord haten, ech mam Här Buergermeeschter, wéi ee Pourcentage vu soziale Mietwunnenge mer dann zu Déifferdeng hunn. Wou ech nach ëmmer behaapten, dass mer do bei maximal 5 Prozent sinn.

2. PAG et PAP

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do läit Der total falsch.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An do eben ëmmer eppes anescht behaapt gëtt. An an de Chifferen alles Méigleches a Wunnengen dragesat gëtt, wéi ënner anerem eben d'Gestion locative sociale.

Vun der Conception hier ass de Projet interessant. Am Géigesaz zum Här Muller, fannen ech interessant, dass mer hei manner Parkingen abauen. Dat ass e reelle Problem. Wou ech och scho kritiséiert hunn, dass deen an eise PAG perpetuéiert gëtt. Dass déi obligatoresch Parkingen eng iwwerliefte Mobilitéit weider ënnerstëtzen.

An dat sinn net nëmmen ech, deen dat seet. Ech war op enger Formation iwwer Klimawandel a Gemengen, wou och Leit vum Ministère dat gesot hunn. Oder och Leit, déi Expert an där Matière sinn. Do muss onbedéngt eppes dru geännert ginn.

An an dësem Fall gëtt eng Derogatioun an deem Sënn gemaach. Dat ënnerstëtzen ech. Net well et sozial Mietwunnenge sinn, mä well ech allgemeng der Meinung sinn, dass do, wou mer Parking kreéieren, mer och Verkéier produzéieren.

Ähnlech wéi de PAP Anciens Ateliers hu mer eng Plaz, déi ganz no bei Bus an Zuch ass. Ech hat och bei Anciens Ateliers gesot, mir sollen dat autofräi maachen. Mä dat ware jo keng sozial Mietwunnengen. Dofir huet d'Majoritéit gemengt, do misst een eng Parkplaz an eng Garage bei all Haus stellen. Hei sinn et sozial Mietwunnengen, do kënnen mer da vun de Leit eppes anescht verlaangen. Dat fannen ech u sech net gerecht.

Ech begrëssen awer, dass et elo hei gemaach gëtt. An ech hoffen, dass dat och an nächste Projete gemaach gëtt. Mir müssen eis punkto Mobilitéit ëmstellen. A virun allem muss mer eis och ëmstellen a punkto Logementspolitik. Well wa mer esou vill Käschtchen an d'Kreatioun vu Stellplazen investéieren, da ginn déi herno an de Logements-

präis ofgewéckelt. An dat bréngt de Leit näischt.

Virun allem bréngt dat mat sech, dass ee sech seet: Ech bezuelen dofir, da profitéieren ech och dovunner. An dann hunn d'Leit oft nach vill méi Käschtchen. Well en Auto ze hunn, ze ënnerhalen, ass bei wäitem méi deier wéi op den öffentlichen Transport an, par besoin, op Carsharing zrëckzegräifen.

Wichtig bei deem hei Projet ass den Aspekt vun der Économie circulaire an d'Gesamtiwwerleeung vun der Bauökologie, géif ech dat elo nennen. Déi ganz Conception, wat den Här Muller ugeschwat huet, vum Accès vu jidderengem no baussen, aus sengem Logement.

Awer och, dass d'Materialie kënnen erëm benotzt ginn, wann dat Gebai eng Kéier géif ofgebaut ginn. Ënnert dem Begrëff Économie circulaire leeft ganz vill. Hei kritt een elo net esou vill Detailler, dass ee kann erausfannen, ob do herno just Schrauwe mussen ewechgehäit ginn. Dat ass schwéier virzestellen. Mä dat ass awer zum Deel méiglech.

Jiddefalls ass den Effort hei do. An ech denken, et ass ze ënnerstëtzen, dass eng Expertise an deem Beräich hei am Land opgebaut gëtt.

Mä ech géif ebe staark virschloen, dass d'Gemeng an Zukunft selwer Projeten an déi Richtung op d'Been setzt. Déi Fro, ob et sech rechent, stellt sech jo da manner wéi bei engem Privaten. An da géife mer net aus finanzielle Grënn zrëckkommen op d'Conception vum Projet, mä aus Grënn vun Iwwerzeugung, wat d'Qualitéit an den Design vum Logement ugeet.

Dat ass hei net de Fall. Et ass e Promoteur, dee muss op seng Käschtchen kommen an am beschten och eng Marge ofsetze bei der Saach. An dat hätte mer net, wann d'Gemeng et selwer gemaach hätt. En plus hätte mer Subside vum Ministère kritt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Schwachtgen, w.e.gl.

ce sujet. Pour le conseiller communal, le pourcentage de logements sociaux est inférieur à 5 %.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rétorque que M. Diderich a complètement tort.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répète que les chiffres sont gonflés par toutes sortes de logements comme la gestion locative sociale.

Contrairement à M. Muller, il trouve que le nombre de places de stationnement est suffisant. Il critique d'ailleurs souvent le fait que le PAG favorise une mobilité à l'ancienne. Il a assisté à une formation sur le changement climatique et des experts voient les choses de la même façon. C'est pourquoi il soutient la dérogation dans ce projet-ci. Cela n'a rien à avoir avec le fait qu'il s'agit d'un projet social, mais avec le fait que le site est bien desservi par les transports en commun. D'un autre côté, la même chose est vraie pour les anciens ateliers, mais la majorité a voulu y construire des garages parce qu'il ne s'agit pas de logements sociaux. C'est injuste.

Pour Gary Diderich, la commune doit revoir sa politique du logement et sa politique de mobilité. Car les investissements dans les places de parking se répercutent sur les prix de vente et de location. En plus, les gens veulent profiter de ce qu'ils paient de toute façon. Sans oublier que les frais récurrents augmentent, car maintenir une voiture coûte plus cher que prendre les transports en commun.

Les aspects de l'économie circulaire et de la construction écologique sont importants. Gary Diderich mentionne le fait que les accès aux logements se trouvent à l'extérieur et que tous les matériaux pourront être recyclés. Le dossier n'est cependant pas très explicite. Pourra-t-on par exemple réutiliser les vis ?

Gary Diderich se réjouit du fait que des experts en la matière existent au Luxembourg. Mais il répète que la commune devrait réaliser elle-même ce type de projets. Les retards s'expliquent en effet par le fait que le promoteur doit rentrer dans ses frais et même gagner de l'argent. Une commune, en revanche, réalise les projets par

conviction et dans ce cas-ci, elle aurait touché des subsides du ministère.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

constate que ce projet est résolument écologique et durable avec des panneaux solaires, des plantations indigènes, des matériaux recyclables, une toiture végétalisée, la proximité à la mobilité douce, etc. Un abri pour vélos et des espaces verts sont également prévus. Pour Frenz Schwachtgen, ce projet est entièrement positif.

M. Diderich a donné son point de vue quant au volet social. Frenz Schwachtgen ne veut pas revenir dessus, mais il estime que si le logement est à cout modéré, les gens peuvent en profiter. Le projet est social, écologique et durable, c'est-à-dire exactement ce que déi gréng demandaient.

En ce qui concerne le parking, le collège échevinal souhaite une mobilité différente. Il est également vrai que les couts ont joué dans la réduction du nombre de places de stationnement. Frenz Schwachtgen se borne à constater que si les 11 ménages ont tous une voiture, ils devront se garer dans l'espace public, ce qui n'est pas idéal non plus. Par ailleurs, comment les six emplacements vont-ils être gérés? Ils ne pourront pas être loués par appartement comme c'est le cas habituellement. Cela fonctionnera-t-il selon le modèle du premier arrivé, premier servi? Quelqu'un pourra-t-il bloquer une place pendant plusieurs mois? Frenz Schwachtgen salue le modèle choisi, mais se demande comment cela se déroulera dans la pratique.

Frenz Schwachtgen ne comprend pas pourquoi les caves seraient plus petites dans un projet social. Elles devraient correspondre à la norme. Pour ce qui est de la gestion des déchets, le dossier mentionne un abri que l'on pourrait construire à l'extérieur pour les poubelles. Mais le plan ne prévoit rien dans ce sens. Autrement, il faudra prévoir de la place à l'intérieur. Frenz Schwachtgen rappelle que le service écologique est en train d'élaborer des modèles pour la gestion des déchets dans les immeubles.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren elo e bëssen d'Synthees aus menger Vu erauszéien. De Georges Liesch, eise Schäffen aus der Majoritéit huet d'Detailer gesot. Déi aner Riedner virdrun hunn och schonn Detailer gesot.

Fir eis Gréng ass dat e Projet résolument écologique an durable, wann een einfach déi Saachen hält, déi doranner ernimmt sinn: Energie AA, Panneaux solaires, Plantation indigène, Matériaux recyclables, Toiture végétalisée, Déchets, Ofwaassergestioun, Reewaassergewannung, Proximitéit an der Mobilitéit zu deene verschiddene Buslinnen, Gare, Schoul, Spidol an esou weider.

Mobilité douce: Un de Vëlo ass geduecht ginn, fir do en Espace ze schaffen, wou d'Vëloë kënnen ënnergestallt ginn. An Espace-verte sinn op fënnf oder 28 Prozent ronderëm virgesinn. Wat dann herno e Raum ass, wou d'Leit hir Qualitéit de vie an deenen Appartements/Studios kënnen verbesseren, duerch e Balcon, duerch e kleng Gärtchen.

Wann een déi Saachen all zesammenhëlt ass dat wierklech eng ganz positiv Saach. An an déi Richtung sollt all Bauprojet ausgericht ginn.

Sozial – den Här Diderich huet Säint gesot. Do huet jidderee verschidde Vuen op verschidde Saachen. Ech ginn net weider drop an. Mä ech mengen, wann ech coût modéré bauen an et ass herno och coût modéré, dann ass dat jo eng Saach, wou déi Leit kënnen profitéieren, déi am Fong an deem Beräich ugesidelt sinn.

Sozial, ekologesch, durabel ass dat, wat mir als Gréng ëmmer gesot hunn, datt mer müssen dohinner schaffen. Hei ass jo emol e Wee. Quitte dass e vläicht elo net honnertprozenteg ass.

Zum Parking-Problem: Deen ass generell. Mir si fir eng aner Mobilitéit. Et ass hei reduzéiert ginn. Héchstwahrscheinlech och aus Käschtegrënn. Den Hannergedanken ass mir och e bësse bewusst. Et kann een et elo esou oder esou deiten.

Ech maache mer just Gedanken, wa mer an déi Situatioun kommen, dass bei deenen eelef Stéit oder eelef Bewunner vun deenen Appartements/Studios trotzdeem jiddweree sän Auto hätt. An der Realitéit kéint dat jo ganz gutt esou kommen. Da géifen Autoen erëm an den ëffentleche Raum gesat ginn. Wat net onbedéngt dat Gielte vum Ee wier.

Déi aner Saach, wouriwwer ech mer Gedanke maachen: Wéi maache mer d'Gestioun vun deem Haus, wann do effektiv nëmme sechs Parkplazen ënnen am Keller sinn? Déi kënnen jo net pro Appartement vergi ginn, wéi dat üblecherweis ass, oder mat verlount ginn. Do muss eng Formel fonnt ginn, dass déi Leit an deem Keller eens ginn.

Dat ass zwar net Objet vum PAP hei, mä et muss een herno an der Praxis kucken, wéi dat da ka funktionnéieren. Ass et herno esou, dass deen, deen den Auto als éischt dobannen huet, eng Parkplaz huet an deen anere geet op d'Strooss? Ass bei deem, dee vläicht dräi Méint net do ass a sän Auto am Keller ofstellt, dann déi Plaz dauernd blockéiert? An esou virun.

Gëtt do eng Regelung fonnt? Ass se schonn ugeduecht? Ech weess dat net. Mä an der Praxis, obschonn, dass ech dee Modell do begrëssen, muss ee kucken, wéi een do kann eens ginn.

Am Dossier fënnt een eraus, dass d'Kellereen e bësse kleng sinn. Ech vollzéien déi Grënn net onbedéngt no, dass e Keller muss méi kleng sinn, wann ech an enger sozialer Schicht liewen, déi anscheinend dann net esou vill huet. Ech hu Kreemche genuch am Keller. A jiddweree brauch ebe seng Plaz, fir vläicht eppes ofstellen. Dofir sinn ech der Meenung, dass déi Kellereen awer och sollen déi Norm anhalen, wéi jiddweree se huet.

Déi aner Fro stellt sech am Dossier iwwert d'Poubellen, iwwert d'Gestion des déchets an deem Gebai. Dat steet op zwou Plazen. Et gëtt eng Kéier gesot, et kann ee baussen eppes bauen. Et ass awer keng Plaz virgesinn op de Pläng, wou ee seet, do kann d'Poubelle hkommen.

Oder ech muss se eranhuelen. Wann ech awer manner ausschachten, aus

2. PAG et PAP

verschiedene Grënn, muss ech dann och kucken, dass ech awer déi Plaz bannendra virgesinn. Well mer si jo mat eisem Service écologique am Gaang, grad fir d'Appartementshaier Modeller auszeschaffen, déi eng anstänneg Gestion des dechets méiglech maachen.

Am Dossier steet och d'Mobilité douce, mam Vélo an esou virun. Dee géif an deem Sënn hei e Réckschlag fannen, wann ee seet, e Vëloshaische ka bausse gebaut ginn, oder banne gëtt Plaz gemaach fir Vëloen. Dat vermessen ech e bëssen am Konzept. Wann een dat widerdenkt, muss een elo drun denken, ier een eng Baugeneemegung gëtt. Dass dat wierklech e Ganzt gëtt.

Och d'Rampe voitures. Dat ass jo vun der Cellule kritiséiert ginn, well se ebe Plaz am Bausseraum ewechhëlt. Se soll dann eventuell elo begrängt ginn, wat eng positiv Saach wier. Ech kann elo net novollzéien, wat do finanziell de risegen Ënnerscheid wier, fir dat ze integrieren an d'Gebai oder net.

Souwäit ech weess ass de Volume massif geännert ginn, ech kann do korrigéiert ginn. De Volume massif vun deem Projet ass jo e bësse kritiséiert ginn. Fir méi Harmonie mam Bâti existant ze kréien, ass gesot ginn, dat Gebai soll strukturell op all aacht Meter eran-, erausgesat ginn. Dass dat e bëssen an d'Baulandschaft vun deem Quartier passt. Ech huelen emol un, dass dat dann och geschitt.

Am grouse Ganze fanne mir Gréng dee Projet, esou wéi en elo ausgesäit, tipp-toppp. D'Antecedente kennen ech elo net esou. Mä am grouse Ganze stëmmen mer dee Projet ganz gär. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei dee Projet, deen elo verwierklecht gëtt, begrëissen. Do ginn eelef Wunnenge gebaut fir Leit, deenen et net esou gutt geet. Dat ass

also eng wichteg Initiativ, déi do geholl gëtt.

Ech muss soen als Kommunistescher Partei géife mir et léiwer gesinn, wann eis Gemeng bei esou Projekte selwer Bauhär wär. Trotzdeem ass dat awer eng gutt Saach, déi hei geschitt. Wéi gesot, mir hätten et léiwer, wann d'Gemeng dat selwer géif maachen. Well bei de Privatpromoteuren ass et ëmmer esou, och wa se ekologesch bauen, muss nach ëmmer hannen eraus e gewëssene Gewinn kommen. Wat bei der Gemeng net onbedéngt de Fall ass.

Ech hätt och eng Fro am Zesammenhang mat deene Parkingen: Firwat grad bei esou engem Haus e Koeffizient geholl gëtt, dee vill méi déif ass wéi bei anere Logementer? Gëtt et do Erfahrungswärter bei ähnliche Wunnengen, wou ee kéint dorop schlësse loossen, dass dat net noutwendeg ass? Well et ass jo esou: Mir wëssen net, wien dohinner wunne kënn an dat Gebai.

Elo kann ee soen, de Bus hält virun der Dier, an a fënnf Minutten ass een am Zuch. Dat heescht awer nach laang net, dass déi Aarbechtsplazen, wou déi Leit schaffen, direkt mam Bus a mam Zuch ze erreeche sinn. Soudass se op e Privatauto ugewise sinn. Onofhängeg der vun, wat fir e Schloss d'Gemeng hëlt.

Dat féiert awer dann derzou, dass vläicht am ëffentleche Raum méi privat Autoe stinn. A wann een d'Situatioun do an deem Eck kennt, weess een, dass do ëmmer alles zougeparkt ass. Dat heescht de Problem kéint méi grouss ginn. Dofir nach eng Kéier meng Fro: Gëtt et do Erfahrungswärter, firwat Der dat esou decidéiert hutt? Oder ass et einfach – wann dat esou ass, da sot eis et – eng Saach fir Suen ze spueren, fir méi bëlle ze bauen?

Et steet do, eelef Wunnengen. Ech hunn awer elo net am Dossier erausfonnt, wéi grouss déi Wunnenge ginn. Hunn ech dat vläicht iwwersinn? Do gi jo eng Rei Studioe gebaut an e bësse méi grouss Wunnengen. Wéi deelt sech déi Saach do op? Dat hunn ech elo net richtig matkritt.

Mä nach eng Kéier: Mir begrëissen, dass dee Projet elo endlech awer verwierklecht gëtt.

La même remarque vaut pour les vélos. Un abri sera prévu à l'intérieur ou à l'extérieur. Mais ces points doivent être clarifiés avant l'octroi d'un permis de construire afin de disposer d'un concept global.

La rampe pour les voitures a été critiquée par la Cellule, car elle enlève de la place à l'extérieur. Frenz Schwachtgen salue le fait qu'elle sera végétalisée. Il ne connaît pas la différence de coûts en cas d'intégration de la rampe au bâtiment.

S'il ne se trompe pas, le volume massif du projet a été réduit pour harmoniser le bâtiment au bâti existant.

Les écologistes trouvent ce projet excellent. Frenz Schwachtgen ne connaît pas les antécédents.

ALI RUCKERT (KPL) salue ce projet qui va enfin devenir réalité. Onze appartements vont être construits pour des personnes en difficulté. Les communistes auraient préféré que la commune soit maître d'ouvrage. Car un promoteur doit toujours gagner de l'argent même si le projet est écologique. C'est moins vrai pour une commune.

Ali Ruckert voudrait savoir pourquoi le coefficient des places de stationnement est nettement plus bas que pour d'autres résidences. Existe-t-il des estimations démontrant que ce type de logements ont besoin de moins de places? En réalité, le collège échevinal ne sait pas qui habitera dans ces appartements. Et même si le site est bien desservi par le train et le bus, cela ne signifie pas que ces personnes pourront aller travailler facilement en transports en commun. En plus, il risque d'y avoir plus de voitures dans l'espace public, ce qui ne fera qu'empirer la situation dans le quartier. Pourquoi cette décision? S'agit-il seulement d'économiser de l'argent?

Ali Ruckert n'a pas trouvé de mention de la surface des 11 appartements. Il croit savoir qu'il y a aussi des studios.

Il répète qu'il soutient ce projet.

TOM ULVELING (CSV) cède la parole à M. Liesch pour répondre aux questions.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) signale que le collège échevinal est transparent. Le projet aurait dû être réalisé plus tôt, mais cela n'a pas été possible pour diverses raisons.

La question s'est alors posée de savoir comment faire pour louer ces appartements à des personnes en difficulté. Comme M. Diderich, Georges Liesch est d'avis qu'une mobilité différente est nécessaire. Pourquoi la décision de construire moins de places de stationnement a-t-elle été prise pour ce projet et pas pour d'autres? La question est justifiée. Georges Liesch est d'avis qu'il faut aller dans cette direction pour tous les nouveaux projets. Quand une résidence se trouve à proximité du centre, de la gare et des transports en commun, il n'y a pas de raison d'aménager autant de places de parking. Car plus d'emplacements signifient plus de voitures sur les routes. Il est vrai que tous les lieux de travail ne sont pas faciles à atteindre en transports publics. Mais cela ne doit pas empêcher la commune de faire ses devoirs. En outre, dans le sud du pays, le TICE couvre le territoire de manière relativement efficace — y compris pour les trajets est-ouest. Le collège échevinal a insisté pour qu'un emplacement pour vélos soit prévu pour chaque appartement. Car si l'on vit et travaille à Differdange, on n'a pas besoin de voiture. Ou alors, on peut recourir au « car-sharing ».

C'est pourquoi Georges Liesch trouve que la décision se tient, même si au début, c'était une question d'argent. À l'avenir, il s'engagera au sein du collège échevinal pour qu'on ne fasse plus de distinction entre un projet social et un projet traditionnel.

Pour ce qui est du financement, le projet aurait dû figurer sur le plan quinquennal. Ce qu'a dit M. Muller est vrai en partie. Le promoteur s'attendait à un subside du ministère du Logement, qui n'a pas été accordé. C'est pourquoi il a fallu revoir le projet. Le collège échevinal a décidé de soutenir les modifi-

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wëllt nach ee Stellung huelen? Nee? Da ginn ech dem Här Liesch d'Wuert, fir op déi Froen ze äntwerten, déi gestallt gi sinn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Et gouf ganz vill iwwert d'Parkinge geschwat. Dofir géif ech vläicht ufänke mam Gary Diderich senger Interventioun, déi meng Vue an déi vum Schäfferot am beschten trëfft. Mir si ganz transparent. Dee Projet war effektiv geduecht, fir um Plan quinquennal och matfinanzéiert ze ginn. E war awer do net opgeholl ginn. Aus Zäitgrënn, aus aner Grënn, déi ech net genau weess.

An dunn ass gekuckt ginn, wéi kënne mer dann awer op de Loyer kommen, dee mer gär hätten. Fir dass déi Leit, deenen et, wéi den Här Ruckert seet, net esou gutt geet, awer des Wunnenge kënne kréien. Déi Diskussioun hunn ech am Nachhinein awer ganz gutt fonnt.

Well ech si genau dem Gary Diderich senger Meinung, dass mer an eise Bauprojeten oft iwwer eng iwwerliefte Mobilitéit schwätzen. An dat net nëmmen. An do ass jo, wou d'Differenz gemaach gëtt: Firwat maache mer dat hei a bei engem anere Projet, deen net soziale Wunnengsbau ass, net? Do hutt Der ganz recht. Ech menge schonn, dass mer an deenen neie Projeten – jiddweree léiert jo och bäi – müssen op deen dote Wee goen, fir eng aner Mobilitéit ze maachen.

Et gëtt, beim beschte Wëllen, keng Grënn, wann een esou no vun engem Zentrum wunnt, esou no bei enger Gare, bei all ëffentlechen Transport, fir d'Parkingsunzuel esou héich ze maachen. Domadder suggeréiert een eigentlech just, dass nach méi Autoen op d'Strooss kommen an net, dass der manner kommen.

Natierlech hu mer nach Problemer am Land, fir op déi eng oder aner Aarbechtsplaz ze kommen. Vun Ost op West hei am Land, do weess een, wéi komplizéiert dat ass mam ëffentlechen Transport. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen, dass déi national Aufgaben

do geléist ginn, wou se mussen geléist ginn. An dass mir eis Aufgaben hei an der Gemeng maachen.

Doriwwer eraus, muss ech soen, hei ënnen am Süden ass déi Ost-West-Verbindung iwwert den T.I.C.E. relativ gutt ofgedeckt an iwwert den Zuch. Woubäi, wann een e bësse méi eropgeet, dat natierlech méi schwéier ass.

Et ass awer net erwäant ginn hei – an dat wëll ech awer eng Kéier ënnersträichen –, dass mer eis derfir agesat hunn, dass hei och muss e Vëlosemplacement pro Logement gemaach ginn. Dat ass och nei. Dat heescht, dat wëlle mer favoriséieren, am Plaz vun engem Auto. Dass jiddwereen emol eng Plaz huet, fir säi Vëlo ofzustellen an dee benotzt am Alldag.

Well wann een hei zu Déifferdeng schafft, wunnt a leeft, da brauch een eigentlech keen Auto. Oder jiddefalls ganz weening. A wann, da gëtt et, wéi den Här Diderich gesot huet, och d'Méiglechkeet vu Carsharing, dee mer jo och hei an der Gemeng ubidden, fir sech domadder auszehëllefen.

Duerfir fannen ech déi Argumentatioun zum Deel richtig. Jo, déi initial Iwwerleeung war sécher eng finanziell. Mä am Nachhinein fannen ech se awer logesch a schlëssig. An ech wäert mech och dofir asetzen am Schäfferot, dass mer bei neie Projeten déi Differenz hei net méi maachen, ob dat soziale Wunnengsbau ass. Mä einfach kucken: Wéi ass d'Ubannung vun engem neie Projet un den ëffentlechen Transport haut? Kréie mer se vläicht kuerzfristeg verbessert? An dass mer dann op eng aner Mobilitéit hei an der Gemeng wäerte goen.

Et ass geschwat gi vu Finanzéierung. Dat hunn ech jo schonn e bëssen erklärt. Dass de Projet sollt op de Plan quinquennal kommen, awer net drop komm ass. Wat den Här Muller do gesot huet, dass mer hei just probéiert hunn, e Spagat ze maachen, fir et méi bëlle ze maachen, wéi gesot, dat ass zum Deel richtig.

Dat war jo déi Diskussioun, déi mer am Schäfferot haten, wou se eis gesot hunn, dass se sech géifen erwaarden, hei vum Ministère de Logement eng Aide ze kréien. Déi awer net komm ass.

2. PAG et PAP

Doropshin huet de Projet mussen nei iwwerduecht ginn, oder et hätt een de Projet einfach misse fale loosse. An dat wär awer ganz schued gewiescht. Dofir ware mer d'accord, fir op de Wee ze goe vun dem PAP. Fir dat hei ze maachen.

Och déi Surélévatioun, do kann ee soen, d'initial Iwwerleeung ass aus Käschtegrënn komm, fir ze soen, wa mer dat Gebai hiewen, da musse mer manner Keller bauen. An e Keller, wéi Dir, Här Muller, gesot hutt, ass ëmmer immens deier. Mä am Nachhinein fannen ech et awer erëm richtig.

Wa mer kucken, wat mer hei am Land vu Problemer hu vu Bauschuttdeponien, da mengen ech, musse mer bei all Projet den Aushub esou geréng wéi méiglech halen. An da fannen ech déi Iddi, fir en Haus op der Säit vum Talus e bëssen ze hiewen, eigentlech ganz sympathesch. Well domadder gi mer genau an déi dote Richtung. Wa mer en Haus op der déifster Säit ee Meter an d'Luucht hiewen, fir doduerch vill manner Aushub ze hunn, fannen ech dat am Nachhinein eng richtig an eng gutt Iwwerleeung.

Iwwert d'Ausso vum Här Schwachtgen sinn ech e bësse verwonnert. Dat waren elo ganz vill Aussoen, déi betreffen eigentlech net de PAP, mä wéi et herno gebaut gëtt. All déi Saachen, déi Dir ernimmt hutt, stinn am Dokument. Wéi se herno realiséiert ginn, dat gesäit een herno, wa mer de Plang bis hunn, mat der Baugeneemegung, wa se eis virläit.

Da gëtt natierlech gekuckt, ob de Plang konform ass zum PAP, wéi mer en hei gestëmmt hunn. Dir schwätzt vun der Gestiou vum de Parkplazen. Wann een nëmme sechs Parkplazen huet, bei eelef Logementer, da muss ech Iech soen, bei all Residence, déi ech kennen, déi a leschter Zäit gebaut ginn ass, ass dat genau d'selwecht.

Do gi Parkplaze gebaut nom Schlëssel, dee mir virgesinn hunn. A wahrscheinlech net emol d'Halschent vun de Locataire oder Propriétaire, déi do erakommen, hunn d'finanziell Moyenen, sech déi Parkplaz ze kafen, a maachen dat also de facto net.

Wat geschitt, dat ass, dass déi Parkplazen dann um Marché verlount oder och

verkaf ginn, an aner Leit se da benotzen. Elo kann ee soen, dat ass dann och gutt, well dann ass jo een aneren Auto eventuell vun der Strooss. Wat awer erëm net stëmmt. Well et ass just een Auto méi am ganze System.

Soudass dat souwisou mengen ech net stëmmt. An déi Parkplazen, wéi se herno verlount ginn, dat ass un der AIS Kordall, fir dat ze maachen, wéi se dat maachen. Déi Leit kréien dat wahrscheinlech ugebueden, an dann huele se et. Si wëllen et oder si wëllen et och vläicht net.

Ech fannen et am Umkehrschluss op jidde Fall falsch, fir jiddwerengem eng Parkplaz wëllen ze verlounen an ze verkafen, och wann e seet, ech brauch déi iwwerhaupt net. Well et muss ee jo net dreemen. Wann déi Parkplaze gebaut ginn, da ginn déi am Loyer oder am Kafpräis vun de Wunnengen natierlech mat ofgewälzt. An notament dreift dat de Loyer just nach an d'Luucht. A parallel gëtt se dann un een anere verlount.

Dir schwätzt vun de klenge Kellere. Dir hutt den Dossier net ganz gutt gelies. Dat ass jo erausgeholl ginn. Dat war jo eppes, wat d'Cellule geschriwwen hat. Dee Saz ass aus dem PAG erausgeholl ginn.

D'Müllgestiou hutt Der nach ugeschwat. Do hutt Der och am Dossier net gesinn, dass drasteet, dass muss en Tri gemaach ginn iwwert de Standard, deen haut en vigueur ass. Do kann een natierlech soen, dat ass e bëssen e vague Begrëff. Mä do kann awer elo kee kommen a soen, ech setze just eng Drecks-këscht dohinner.

An et steet eben dran, dass fir d'Müllgestiou muss bannen oder baussen eng Léisung fonnt ginn. A wéi se fonnt gëtt, dat ass elo dem Promoteur iwwerlooss, fir ze kucken, wéi en dat reegelt. Wou e se genau hisetzt. Wou se am beschten accessibel ass.

Mä mir ginn awer hei op en neie Wee. Mir hunn dat bis elo net gemaach. Hei war d'Iddi, dem Promoteur d'Méiglechkeet ze ginn, esou Infrastrukture wéi d'Vélosabrien an d'Müllabrie baussen ze maachen. Wat de grouesse Virdeel huet, wann dat net am Keller ass, an engem Parkhaus – éisch-

cations, car il aurait été dommage de laisser tomber le PAP.

En ce qui concerne la surélévation, elle a permis de réduire la surface des caves. Il s'agit donc d'une réflexion financière à la base. Mais finalement, la décision est justifiée. D'un côté, il faut essayer de réduire les déchets de gravats. De l'autre, l'idée d'une maison à côté du talus est sympathique. En d'autres termes, surélever la maison d'un mètre a permis de creuser moins, ce qui est une bonne chose.

Georges Liesch est étonné de ce qu'a dit M. Schwachtgen, car les points qu'il a mentionnés figurent sur les plans. Il faudra alors voir si ceux-ci seront conformes au PAP. Les six places de stationnement seront gérées comme dans toutes les résidences. Les emplacements sont construits selon une clé prédéfinie. Mais il est probable que moins de la moitié des acquéreurs et des locataires auront les moyens financiers pour une place de parking. Ces places de stationnement sont alors vendues ou louées à d'autres personnes. En théorie, cela signifie qu'il y aura une voiture en moins sur la chaussée, mais dans la pratique, il s'agit d'une voiture en plus dans le système. De toute façon, c'est l'AIS Kordall qui gèrera la location des places de stationnement. Pour Georges Liesch, il ne sert à rien de vendre ou de louer une place à quelqu'un qui n'en a pas besoin. En plus, il ne faut pas oublier que le prix de la place est répercuté sur le loyer ou le prix de vente.

Frenz Schwachtgen a aussi mentionné les caves. Visiblement, il n'a pas lu le dossier comme il faut, car la phrase en question a été supprimée du PAP.

Le dossier précise que la gestion des déchets est à faire en fonction des standards d'aujourd'hui. Cela est peut-être vague, mais il ne suffira pas d'installer une seule poubelle dans la résidence. Il faudra trouver une solution à l'intérieur ou à l'extérieur. Parmi les avantages figure le fait que le local des poubelles et l'abri pour les vélos ne se situeront pas dans un espace chauffé.

Il ne faudra pas non plus d'ascenseur pour sortir les poubelles. En Allemagne ou en Suisse, les abris externes sont répandus. Ils facilitent aussi le travail des éboueurs. Ce système devrait être pris en considération pour chaque nouveau projet.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souhaite revenir sur les propos de M. Schwachtgen et de M. Ruckert. (Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que c'est M. Diderich qui a la parole.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) suggère comme M. Ruckert et M. Schwachtgen de prévoir dès le départ avec les promoteurs à qui les résidences sont destinées ainsi que le nombre de places de parking. Le volet de la mobilité est absent du dossier. Il n'y a qu'un tableau concernant les conséquences sur la santé. Gary Diderich rappelle que la première coopérative d'habitation au Kirchberg a prévu le volet mobilité au préalable — notamment avec le « car-sharing ».

La commune devrait se montrer plus active lorsque les habitants seront sélectionnés. Une résidence doit être vue dans son contexte — avec notamment son emplacement. Le site est bien desservi par le train et le bus. Il est facile de se rendre à Luxembourg-ville. Mais si l'on travaille par exemple à Munsbach, c'est plus compliqué. Il faut réfléchir à ces questions dès le départ.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que l'AIS s'occupe de tout cela. L'agence ne loge pas quelqu'un à Lasauvage qui n'a pas de voiture et qui travaille à un endroit qui n'est pas desservi par les transports en commun. Il est inutile d'attendre la coopérative du Kirchberg pour prendre de telles mesures.

tens emol hate mer et an engem gehëtzte Volume mat agebaut, wat jo totale Quatsch ass, eigentlech.

En plus ass d'Gestioun vum Müll, fir se erauszedroen an esou weider komplizéiert, zemools iwwer eng Ramp, da brauch een och nach e Lift an ech weess net wat alles. Wa mer den Accès, wéi et an anere Länner, notamment an der Schwäiz oder an Däitschland, ganz oft gemaach gëtt, fir esou Abrie bausse maachen, huet eis Müllabfuhr vläicht souguer en Accès.

Esou vereinfache mer fir d'Locataire an fir eise Betrib wesentlech d'Gestioun vum Müll. Also och dat ass eppes Neies, wat mer hei probéieren. Wou mer kucken, dass mer dat och an neie Projeten, wann dat sech bewäert, wäerte mat abréngen.

Ech mengen, op déi meescht Froen hätt ech geäntwert. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt do awer nach eng Kéier drop zrëckkommen, den Här Ruckert an och den Här Schwachtgen hunn ...

(Interruption)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt d'Wuert, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... do interessant Ureegung gemaach, am Sënn, dass ee mam Promoteur vu vir era kéint kucken, déi dote Saachen unzegoen. Virun allem, wat d'Emplacementer ugeet. An och ze kucken, wien dohinner wunne kënnt.

Den Aspekt Mobilitéit feelt an deem Sënn an deem Dossier. Et huet een en Tableau zum Beispill, awéiwäit et sozial gutt fir d'Gesondheet an ekologesch ass. De Volet Mobilitéit kënnt doranner

net vir. Vläicht ass en net esou beduecht vum Promoteur, wéi een dat kéint.

Als Beispill huelen ech déi éischt Wunn-Kooperativ, déi um Kierchbiereg wäert gebaut ginn. Déi hunn de Volet Mobilitéit direkt mat ageplangt. Do gëtt e Carsharing just fir déi Leit, déi do wunnen, direkt matgeduecht. An dat ass hei net de Fall.

An dat kéint een awer vläicht als Ureegung ginn, als Gemeng aktiv mat op de Wee ginn, an net soen, dat ass hinnen iwwerlooss. Mä aktiv mat op de Wee ginn a mat der AIS ze kucken, wann do Leit ausgewielt ginn, fir do ze wunnen, fir och ze kucken, wou se schaffen. Kucken, ob den Accès do ass.

Dass dat net nëmmen op de Wunnraum geduecht ass, mä och wéi de Wunnraum sech op där Plaz do situéiert a wéi do d'Connectioun sinn. Et gëtt eng ganz Rei Plazen, wou ee mam Zuch a mat deene Bussen hikënnt, déi och vun där Strooss aus direkt an d'Stad fueren. Mä wann awer een an der Industriezon Mënsch schaff oder wat weess ech, da gëtt et schonn erëm e bësse méi komplizéiert. An dat muss een dann einfach aktiv uschwätzen, vu vir eran. An net sech herno wonneren, firwat et net klappt, wann een et einfach sech selwer iwwerlooss huet, dee Volet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech just, datt dat alles scho gekuckt gëtt, Här Diderich. D'AIS kuckt, wéi eng Famill am beschte wou hi passt, an där Situatioun, an där se am Moment ass. Mir setzen natierlech keen op Lasauvage, deen ech weess net wou schaff an den ëffentlechen Transport net dohinner kënnt an dee keen Auto huet. Dat gëtt haut scho gekuckt. Dofir brauche mer net ze waarden, dass d'Kooperativ um Kierchbiereg eppes mécht. D'AIS kuckt dat haut schonn. Mir ginn dat awer ganz gäre weider, datt dat nach besser soll gekuckt ginn.

Här Muller, w.e.gl.

2. PAG et PAP / 3. Office social

ERNY MULLER (LSAP):

Dat sinn alles theoretesch Iwwerleeungen. Mä d'Prioritéit ass jo, dass d'Leit eng Wunneng kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass d'absolutt Prioritéit. Un zweeter Stell gëtt gekuckt, wéi komme se op hir Aarbecht an esou virun an esou weider. Mir hunn hei e Wunnengsproblem. Dat anert sinn theoretesch Iwwerleeungen, déi ee ka spannen a weiderféieren a wahrscheinlech och nützlich sinn, mä elo geet et drëm, dass d'Leit mol Wunnenge kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier au lieu-dit « rue Pierre-Gansen – rue des Ligures – Tower » à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de Heliosmart Développement SA.

Villmoos Merci. Da géife mer zum drëtten Punkt kommen, dat ass d'Konventioun mam Office social. Ech géif fir d'éischt dem Här Mangen d'Wuert ginn. An duerno dem President vum Office. Här Mangen, w.e.gl.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Ech wëll nëmme kuerz e puer Wuert soen. De President wäert nach completéieren.

D'Konventioun tëschent dem Familljeministère an der Gemeng Déifferdeng gëtt all Joer nei ofgeschloss. De Betrag fir de Fonctionnement vum Office social gëtt ëmmer erëm nei berechent. Dës

Joer si ronn 1,3 Milliounen Euro virgesinn, déi opgedeelt ginn, hallef/ hallef: 670.000 Euro fir d'Gemeng Déifferdeng a 670.000 Euro fir de Familljeministère.

D'Personalkäschten, déi sech op ongeféier 870.000 Euro belafen, ginn och opgedeelt op déi zwou Parteien. An dëser Konventioun gëtt och nach den Deel vum Fonctionnement vum Office social geregelt. Ënner anerem d'Modalitéite vum Tiers payant social bei den Dokteschrechnungen an d'Ënnerstëtzung vun Energie-Apparater, déi de Leit zoustinn. Wou se en Zouschoss kréien, mat Limiten.

Fir de Gemengerot ass et eng alljäerlech Flichtofstëmmung fir de Finanzement vun onsem Déifferdenger Office social.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Den Här Mangen huet elo vill gesot, Merci. Dir Dammen, Dir Hären, déi Konventioun leet d'Engagement vum Office social, vum Staat a vun der Gemeng fest. Ech ginn op zwou Chapitren e bësse méi an.

E grouse Chapter an dëser Konventioun behandelt d'Fonctionnement vum Office social. Hei geet et ëm de Conseil d'administration. Fir d'éischt ëm d'Personal vum Office social, wat elo just ugeschwat ginn ass. Och wat et kascht. D'Frais de fonctionnement, d'Participation financière vun alle Säiten. D'Recetten, déi een och kann hunn. Och en Office social huet Recetten. Den Décompte annuel an esou weider.

En aneren, ganz wichtege Punkt ass d'Prise en charge directe, wéi den Här Mangen scho gesot huet, vun de Prestations médicales et médico-dentaires. Hei geet et ëm den Tiers payant social mat allem, wat drun hänkt. En Thema, wat zimlech komplex ass, wéi verschidde Leit bestëmmt heibanne wëssen.

Dës Konventioun gëllt vum éischte Januar bis de leschten Dezember. Gëtt all Joer erneiert. Ech wier frou, wann all

ERNY MULLER (LSAP) souligne que toutes ces réflexions sont purement théoriques. La priorité concerne le logement.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à la convention avec l'office social. Il cède la parole à M. Mangen et ensuite au président de l'office.

ROBERT MANGEN (CSV) rappelle que la convention entre le ministère de la Famille et la Ville de Differdange est renouvelée tous les ans. Le montant pour le fonctionnement de l'office social se monte à 1,3 million d'euros pour 2019. L'office social est financé à 50 % par la commune et à 50 % par le ministère.

Les frais de personnel s'élèvent à quelque 870 000 € et sont également subdivisés entre les 2 parties. La convention fixe aussi les modalités du tiers payant social et le soutien pour l'acquisition d'appareils électriques subventionnés.

Robert Mangen explique que le conseil communal doit approuver le financement de l'office social de Differdange tous les ans.

SERGE GOFFINET (LSAP) précise que la convention fixe les engagements de l'office social, de l'État et de la commune.

Un premier chapitre de la convention traite du fonctionnement de l'office social, c'est-à-dire du conseil d'administration, du personnel de l'office social, des frais de fonctionnement, de la participation financière des différents acteurs, des recettes...

L'autre point concerne la prise en charge directe des prestations médicales et médicodentaires, le tiers payant social, etc.

La convention vaut du 1^{er} janvier au 31 décembre. Elle est renouvelée une fois par an. Serge Goffinet demande aux conseillers communaux de l'approuver.

3. Office social

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que les dispositions de la convention entre le ministère de la Famille et de l'Intégration, la commune de Differdange et l'office social n'ont pas évolué. Elle espère que la collaboration restera fructueuse.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) s'associe à ce qui vient d'être dit. Les écologistes approuveront la convention.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il approuvera la convention. Cependant, il ne se fait pas d'illusions. La vérité est que le Luxembourg gère la pauvreté au lieu de l'éliminer. Le nombre de pauvres est en augmentation, mais le gouvernement ne prend pas les décisions qui s'imposent. Les communes ne disposent, quant à elles, pas des moyens nécessaires. Finalement, on met en place des structures administratives de plus en plus grandes pour aider un peu les gens. Mais cela ne suffit pas à les sortir de la pauvreté. Ces remarques sont particulièrement vraies pour la population differdangeoise.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que la convention entre la commune et l'État fixe le fonctionnement, le rôle et le financement de l'office social. Il reste beaucoup de personnes ayant besoin d'aide. C'est pourquoi Differdange a besoin d'un office social fonctionnant comme il faut.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) tient à souligner l'importance du travail de l'office social. Ce travail est très important. Gary Diderich remercie le conseil d'administration et le personnel.

L'office social ne fait que réagir à une situation qui ne devrait pas exister. Les injustices et la pauvreté ne font que croître malgré une croissance constante.

Mënsch déi Konventioun géif matstëmmen a soen Iech am Viraus scho Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Kollegen a Kolleginnen, Dir Häre vun der Press, bei dëser Konventioun fir den Exercice 2019 tëschent dem Familljen- an Integratiounsministère, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social Déifferdeng relativ zur Organisatioun an dem Finanzement vun den Aktivitéiten, bleiwen d'Dispositiounen an déi finanziell Opdeelung d'selwecht, fir 2019 an dësem Sënn weiderzefueren.

Mir wënschen eis weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht a soen dem Staff Merci fir hiert Engagement. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Saeul. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemen-gerot, ech schlësse mech einfach menge Virriedner un. Mir gréng stëmmen dofir.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Verrieder vun der KPL soen, dass ech selbstverständlech déi Konventioun stëmmen wäert. Ech maache mer allerdéngs keng Illusiounen, wat fir e grouse Fortschrëtt dat brénge wäert. D'Realitéit ass nach

ëmmer déi, hei am Land, dass d'Aarmut net besäitegt gëtt, mä dass se verwalt gëtt.

Mer hunn ëmmer méi aarm Leit hei zu Lëtzebuerg. An déi richteg Decisiounen, déi misste geholl ginn, déi ginn net vun der Regierung geholl. D'Gemengen hunn d'Moyenen net fir et ze maachen. An am Endeffekt féiert dat dann derzou, dass um Enn vun der Ketten ëmmer méi grouss Administratiounen opgebaut ginn, wou d'Leit dann e bësse gehollef kréien. Mä wat net derzou féiert, dass se aus der Aarmut erauskommen. An dat wëll ech awer hei nach eng Kéier däitlech soen. Dat gëllt och besonnesch fir d'Bevëlkerung an eiser Gemeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, an dëser Konventioun gëtt d'Fonctionnement, d'Roll an d'Finanzement vum Office social tëscht der Gemeng an dem Staat, déi sech zu gläiche Parten hei bedeelegen, festgehalten. Leider hu mer nach ëmmer vill Leit, déi op Hëllef uge-weise sinn. Dofir ass et wichteg, datt mer en Office social hunn, dee gutt fonctionnéiert. Mir soen dem Personal e grouse Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Lénk aus, wëll ech d'Wichtigkeet vun der Aarbecht vum Office social ënnersträichen. Zu Déifferdeng wéi am ganze Land ass déi Aarbecht ganz wichteg. Dofir Merci deene Leit, déi am Conseil d'administration a beim Personal déi Aarbecht maachen.

In der Tat fänke mer domadder op, wat am Fong net dierft sinn. Dat heescht sozial Ongerechtegkeeten an Aarmut, déi

3. Office social / 4. Actes et conventions

ebe besteet an déi wiisst. Déi net zréckgeet. Obwuel mer an engem permanente Wuesstum sinn. Dat ass net nëmmen e Phenomen zu Lëtzebuerg, wou de Wuesstum nach méi staark ass. Mä a ganz Europa respektiv an der ganzer Welt kënnt de Wuesstum virun allem dem héchsten ee Prozent vun der Bevëlkerung zegutt.

Dat heescht déi, déi scho ganz vill hunn, kréien nach méi duerch de Wuesstum. A relativ wéineg gëtt verdeelt op déi niddregst 20 Prozent. Do musse mer einfach nach vill méi den Accent drop leeën, kucken, wéi eng Decisiounen do musse geholl ginn. Dat ass méi um nationalen Niveau.

Hei an der Gemeng musse mer déi do Aarbecht maachen, wéi och aner Aarbechten, fir ze evitéieren, dass Leit an d'Aarmut kommen oder an der Aarmut bliwen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention 2019 relative à l'office social de Differdange.

Merci. De véierte Punkt ass e Kaf vun engem Commerce mat Habitation matzen an eiser Foussgängerzon. Dir wësst, vu wéi engem Haus ech schwätzen. Et ass dat mat der stengener Fassad. Mir waren dat kucken.

Mir hunn, mengen ech, gutt verhandelt. Am Ufank krute mer e ganz anere Präis ugebueden. D'Iddi ass, fir herno e Commerce doranner ze maachen an och Wunnengen. Et musse kleng Aarbechten dra gemaach ginn, kleng Renovatiounen. An da kéint dat fonctionnéieren.

Et géif mech freeën, wann Der dem Acte d'achat géift zoustëmmen. Wéi gesot, et ass matzen am Zentrum. Eng strategesch wichteg Plaz.

D'Madamm Richartz, w.e.gl.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

E puer Wuert zu der Maison Guisch, fréier Chapellerie Jager, wann nach ee sech dorun erënnere kann. Mir gréng begreissen, dass d'Gemeng d'Confession Guisch an der Avenue de la Liberté, zone piétonne kaf huet, fir spéiderhin do e Commerce ze exploitéieren. An dat zu engem moderate Loyer, fir haaptsächlech der Déifferdenger Geschäftswelt entgéintzekommen. Well ganz oft um ze héije Loyer vill Commerce scheitern.

Fir de Moment fënnt nach eng Vente de liquidation statt, déi awer Ufank 2020 fäerdeg wäert sinn. Also kann d'Gemeng ab 2020 sech Gedanken maachen, fir do e Commerce op d'Been ze stellen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Richartz. Den Här Altmeisch Guy, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP Déifferdeng ass fir de Prinzip vum Kaf vun Haiser mam Zil, d'Geschäftswelt am Zentrum vun Déifferdeng méi attraktiv ze gestalten. Mir kréien haut en Acte d'achat virgeluecht vun engem Geschäftslokal mat dräi Appartementer am Zentrum vun Déifferdeng op 4, Avenue de la Liberté, fir de Präis vun 900.000 Euro.

Folgend Froen dränge sech op: Wéi vill Metercarré huet d'Geschäftslokal? Wéi vill Metercarré hunn d'Appartementer? Wat ass de Käschtepunkt vun der Renovéierung, wëssend, dass keng Isolatioun besteet, weder vum Daach nach vun der Fassad nach vun der Kellerdall? Och si keng isoléiert Fënsteren dran. D'Heizung ass 20 Joer al a gëtt mat Mazout bedriwwen. Wéi vill Interessente waren um Objet interesséiert a wat rechtfäerdeg de Präis vun 900.000 Euro?

Ce phénomène existe au Luxembourg, en Europe et à travers le monde. Mais la croissance améliore surtout la situation de 1 % de la population. Les 20 % tout en bas n'en profitent que peu. Le gouvernement doit réfléchir aux mesures à prendre. La commune doit, quant à elle, faire en sorte d'éviter que les gens ne tombent dans la pauvreté et y restent.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à l'acquisition d'un commerce avec une habitation dans la zone piétonne. Il s'agit de la maison avec la façade en pierre.

Le prix a dû être négocié.

Le collège échevinal veut y implanter un commerce et aménager des appartements. De petites rénovations sont nécessaires.

Roberto Traversini demande au conseil communal d'approuver l'acte d'achat.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

signale qu'il s'agit de l'ancienne chapellerie Jacques. Les écologistes saluent cette acquisition dans la zone piétonne permettant d'exploiter un commerce. Le prix est modéré. De nombreux commerces font faillite à cause des loyers trop élevés.

Une vente liquidation aura lieu jusqu'en janvier 2020. Ensuite, la commune pourra réfléchir à l'implantation d'un commerce.

GUY ALTMEISCH (LSAP) soutient le principe de l'acquisition de maisons pour rendre le commerce dans le centre-ville plus attractif.

L'acte d'achat d'aujourd'hui porte sur local et 3 appartements au 4, avenue de la Liberté pour 900 000 €. Mais quelle est la surface du local de commerce et des appartements? Combien coûteront les rénovations sachant que le toit, la façade, les fenêtres et la dalle de la cave ne sont pas isolés? Le système de chauffage a vingt ans et fonctionne au mazout. Y avait-il d'autres personnes intéressées à l'acquisition? Qu'est-ce qui justifie un prix de 900 000 €?

4. Actes et conventions

Guy Altmeisch propose de recourir à un expert assermenté à l'avenir. Cela permettra de connaître le prix réel du marché. L'expertise pourra ensuite être présentée au conseil communal.

CHRISTIANE SAEUL (DP) signale qu'acquérir des locaux de commerce vides ou en liquidation ne garantit pas la dynamisation de l'artisanat et du commerce dans le centre-ville. Le local sera exploité par le CIGL dans le secteur de la prestation de services. Christiane Saeul admet que les artisans comme les pâtisseries, les glaciers et les bouchers sont bien représentés. Ce qui manque, c'est un concept permettant de relever les défis auxquels la ville est confrontée. Le « city manager » devra connaître Differdange et ses voisins, et avoir un lien fort avec la ville. Le DP approuvera l'acquisition.

GUY TEMPELS (CSV) signale qu'il est question l'acquisition de la maison Guisch pour 900 000 €. Le financement sera assuré par le loyer des trois appartements. Ce projet est conforme au programme de coalition et le CSV l'approuvera.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'acquisition d'habitations en plein centre-ville. C'est de ce point qu'il faut parler davantage. Il faudra voir comment les gérer et à qui les louer. Pour ce qui est du commerce, Gary Diderich soutient l'achat de surfaces. Il reste à définir une stratégie pour voir comment ces surfaces doivent être louées ensuite. Un débat à ce sujet est absolument nécessaire. Gary Diderich rappelle qu'une commission doit être créée. Des discussions sont nécessaires au sein du conseil communal — et ce, le plus vite possible. Il faut éviter de louer ces locaux à des magasins qui disparaîtront rapidement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répondra à une partie des questions et M. Liesch à l'autre.

Mir proposiere fir d'Zukunft eng Evaluatioun vun engem vereedegten Expert virun esou engem Kaf. Dëse Fachmann informéiert iwwert de Wäert vum Haus an de Präis vun enger Renovatioun. Eleng duerch dës Moosnam kann een de reelle Maartpräis kennen. Dës Expertise soll dem Gemengerot virgestallt ginn an da sollen déi weider Schrëtt ënnerholl ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, zum Kaf vum Geschäftshaus op 4, Avenue de la Liberté.

Wa mer esou viru reagieren, andeems d'Gemeng Déifferdeng déi Geschäftshaiser a Lokaler opkeeft, déi eidel stinn oder an der Liquidatioun sinn, ass dës nach keng Garantie fir d'Opliewe vum Artisanat a Commerce am Zentrum. Wuelwëssend, dass dës Lokaler ënnert der Regie vum CIGL erëm weitergefouert ginn, haaptsächlech an der Dénegschtleeschung.

Wou ech awer bemierke wëll, dass eisen Artisanat wéi Bäcker, Pâtissier, Glacëbuttek, Metzler an Traiteur hei zu Déifferdeng gutt vertruueden ass.

Wat mer brauchen ass e konkret neit Konzept, wat der Zäit viraus ass an d'Erausforderungen unhëlt, dass d'Stad Déifferdeng mat zu den éischten zielt, fir eng interessant an unzëiend Geschäftstad ze sinn. An dann de City Manager, e Kollaborateur, deen d'Gegebenheete vun Déifferdeng, sengen Awunner a sengen Nopeschgemenge kann ëmsetzen an – wichteg – e Lien zu Déifferdeng huet. D'DP stëmmt fir de Kaf vun dësem Geschäftshaus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Madamm Saeul. Den Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären. Um Ordre du jour solle mer d'Guichenhaus fir 900.000 Euro kafen. Dëse Kaf wäert sech praktesch iwwert de Loyer vun dräi Wunnengen an dësem Haus droen. D'CSV ass der Meenung, dëse Kaf gëtt dat weider, wat mir an eise Koalitiounsprogramm stoen hunn a stëmme mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Léng begrësse mer, dass hei och Wunnraum opkaf gëtt. Dat kënnt e bëssen ze kuerz an dëser Diskussioun. Bon, et ass awer erwäant ginn. Hei gëtt Wunnraum matzen an der Stad opkaf. Wou sech d'Fro opdrängt, wéi dee Wunnraum wäert geréiert ginn. U wien dee wäert verlount ginn.

Wat de Commerce ugeet, ënnerstëtze mir, dass d'Gemeng Commerce-Fläche keeft. Mä mir fannen, dass et wierklech eng Diskussioun brauch, wéi mer déi Gewerbefläche verlounen a benotzen a strategesch asetzen an der Gemeng.

De Kaf ënnerstëtze mer. Mä mir ënnersträichen nach eng Kéier, dass et do wierklech déi Diskussioun brauch. Ënner anerem sollt jo eng Kommissioun gegrënnt ginn. Wat bis haut nach net de Fall ass. An do mussen déi Diskussiounen lafen.

Och am Gemengerot mussen déi Diskussiounen lafen. An dat esou schnell wéi méiglech. Ier mer nach weider opkafen an herno u Geschäfte verlounen, déi op eemol guer net méi do sinn, guer net méi bezuelen a wou net vill vun deem geschitt ass, wat ugekënnegt ginn ass. Do muss een op jidde Fall op eng aner Aart a Weis virgoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Ech äntwerthen op e puer Saachen, déi ech weess.

4. Actes et conventions

An den Här Liesch äntwert op déi aner Saachen, déi hie weess. Op alles wäert eng Äntwert kommen.

Et war eng Expertise gemaach ginn. Déi kritt Der nogereecht. Déi ass net am Dossier. Wann esou eppes gemaach gëtt, da soll dat och drakommen.

D'Iddi ass – wann Der e puer Säite weider kuckt, gesitt Der, datt mer en neien Organigramm hunn. An do gëtt en Département Logement geschafen. Do wäerte mer an deenen nächste Sitzungen hoffentlech dann och déiselwecht Ënnerstützung kréien, wéi ech haut vun der Oppositounssäit héieren hunn: Mir solle méi Saachen an d'Hand huelen, selwer bauen a selwer opkafen.

Am Hierscht wäerte mer da gesinn, ob Der nach ëmmer darselwechter Mee- nung sidd, wéi Der haut gesot hutt. Well mir wäerte massiv, massiv do investeieren. Wat souwisou am Koalitioun- saccord steet. Et brauch een awer Leit, fir dat ze maachen.

Op alles aneschters wäert den Här Liesch Iech eng Äntwert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Wéi mer d'Haus ugebuede kritt hunn, si mer eis et als Schännerot emol ukucke gaangen, fir eis en éischt Bild ze verschafen. Mir haten eis Techniker vun der Gemeng matgeholl, fir eis eng Estimatioun vum Zoustand vum Gebai ze ginn, ob een dat esou verloune kéint, wéi et haut ass. Dat ass jo och eng Optioun. Oder ob ee misst oder sollt Saachen doranner renovéieren.

Duerno hate mer en Expert agréé dozou geholl, mat deem mer dunn nach eng Kéier op d'Plaz kucke waren. Deen eis och beroden huet, wat mer sollte maachen. An Dir gesitt am Energiepass, deen am Dossier bäläit, do sinn eng Partie Recommandatiounen. Dat ass elo näischt, wat ee muss maachen. Mä notamment déi Mazout-Chaudière, déi ass net esou al, wéi Dir elo sot, déi ass méi rezent. Mä et läit op der Hand, dass een zum Beispill esou eng Mazout-Chaudière géif ersetzen duerch eng Gas-Chaudière, oder eventuell souguer Pellets. Do hu mer gekuckt, ob mer Plaz am Gebai hätten.

Haut hu mer nach kee genaue Chiffer, wat eventuell Renovéierungsarbechte géife kaschten, well et jo nach net kloer ass, wat mer alles wëllen a solle renovéieren. Soudass mer do nach keng Enveloppe budgétaire hunn.

Déi läit awer sécher an engem Mooss – déi Rechnung hu mer gemaach –, dass wa mer dat Haus op 20 Joer kafen, déi Suen iwwert de Loyer erëm an der Gemengekeess sinn. Dat ass de Modus operandi, dee mer iwwerall benotzen. Dat hu mer och hei gemaach. Do leie mer jiddefalls scho ganz gutt. Also de Präis ass hei ganz korrekt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte d'achat d'un immeuble d'habitation et de commerce situé au lieudit « avenue de la Liberté » à Differange.

Villmools Merci. Dat nächst ass en Avenant zu engem Kontrakt. Et sinn e puer Saache geännert ginn. Mer verzichten op zwee Méint Loyer, datt déi Leit investéiere kënnen. Si hunn och investéiert. En ass eropgaangen.

Op alle Fall war ech frou, d'lescht Woch ze gesinn, datt emol erëm véier Terrassen op der Maartplaz op waren. Hoffentlech bleift dat déi nächst Joren esou. Ech wollt dat an de Gemengerot bréngen, datt Der do Bescheid wësst.

Jo, Här Altmeisch, ganz gären.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, de Punkt véier behandelt de Contrat de bail vum Geschäftslokal op der Maartplaz Nummer véier.

Une expertise de la valeur de l'immeuble a été effectuée. Elle sera remise au conseil communal.

Roberto Traversini signale aux conseillers communaux qu'ils disposent du nouvel organigramme et qu'un département du logement sera créé. Il espère que le conseil communal soutiendra cette création. Tous les partis répètent que la commune doit prendre les choses en main, construire, acheter... En automne, on verra s'ils sont encore du même avis. Le collège échevinal prévoit des investissements massifs comme le prévoit l'accord de coalition.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que lorsqu'on a proposé cette maison au collège échevinal, celui-ci s'est rendu sur place avec le service technique pour voir si des rénovations étaient nécessaires. Ensuite, un expert a également visité les lieux. Des recommandations figurent dans le passeport énergétique. La chaudière à mazout est plus récente que ce que M. Altmeisch a laissé entendre. Mais il est évident qu'il faudrait la remplacer par une chaudière à gaz ou à pellets.

Le collège échevinal ne dispose pas encore de chiffres détaillés quant au coût des travaux de rénovation. Mais la commune devrait pouvoir rentrer dans ses frais en vingt ans à travers le loyer. Il s'agit du « modus operandi » habituel de la commune. Pour Georges Liesch, le prix demandé est tout à fait correct.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à l'avenant d'un contrat. La commune renonce à deux mois de loyer pour permettre aux locataires d'investir. Le bourgmestre est content de voir qu'il y a à nouveau quatre terrasses sur la place du Marché. Il espère que cela continuera ainsi.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle qu'il est question du contrat de bail d'un local situé 4, place du Marché.

4. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
précise qu'il s'agit d'un avenant.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *trouve ce dossier compliqué. Le 11 avril 2018, le collège échevinal a signé un contrat de bail avec la société The Game SARL. Ce contrat est entré en vigueur le 22 août 2018 pour une durée de sept ans. Le local a ouvert le 27 juillet. La société l'a exploité pendant cinq mois, dont un sans payer de loyer. Malheureusement, le local a fermé ses portes au bout de six mois.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
signale qu'ils ont payé leur loyer.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *rappelle que le 10 avril 2019, The Game SARL a été vendu. Le contrat de bail a été annulé et la société est devenue Il Cavaliere SARL. Le local a ouvert en juin, ce qui signifie que la commune a offert deux mois de loyer.*

Les socialistes se sont abstenus lors du vote du contrat de bail avec The Game le 11 avril 2018. Force est de constater que cette société n'était pas le meilleur candidat. Elle a réussi à se sortir du contrat de bail à travers des manipulations. Elle a vendu le fonds de commerce et quitté Differdange après cinq mois sans payer tous les loyers.

Pourquoi le collège échevinal distribue-t-il des loyers gratuitement? Il est question de 16 000 € aux frais du contribuable.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *n'avait pas approuvé le contrat avec The Game à cause du concept. Mais il est facile de parler après coup. Il y avait d'autres candidatures et à l'époque, il apparaissait évident que la commune s'engageait sur la mauvaise voie. Apparemment, des faveurs ont été accordées aux exploitants, mais cela n'a pas suffi. Aujourd'hui, le conseil communal est à nouveau confronté à un contrat de bail au sujet duquel il n'a pas pu débattre, parce que la majorité ne veut pas de discussions. Dans ce cas-ci, une société vend son fonds de commerce à une autre et le conseil communal ne dispose toujours pas d'un concept. C'est pourquoi Gary Diderich n'approu-*

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Avenant.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, den Avenant. Ech erkläre meng Bedenken an dësem komplizéierten Dossier.

Den 11. Abrëll 2018 ass e Contrat de bail mat der Gesellschaft The Game Déifferdeng Sàrl fir dëst Lokal vum Schäfferot ënnerschriwwen ginn. Dëse Kontrakt sollt eng Gültegkeet vu siwe Joer hunn an ass den 22. August 2018 a Kraaft getrueden. D'Ouverture vum Lokal war awer schonn de 27. Juli. De Loyer ass awer eréischt ab den 22. August ugelaf. D'Firma hat also fënnef Méint iwwert d'Lokal verfüügt, ee Mount exploitéiert, ouni Loyer ze bezuelen. Kee Wuert dovun am éischte Contrat de bail.

Leider hat d'Lokal Enn Dezember 2018, also sechs Méint no der Ouverture, seng Dieren zougemaach an ass sechs Méint zou bliwwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si hunn awer de Loyer bezuelt.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo. D'Firma The Game Déifferdeng ass den 10.4.2019 un aner Leit verkaf ginn. Mat dësem Schrëtt war eng Annulatioun vum Contrat de bail méiglech. De 16. Abrëll ass d'Firma ëmbenannt ginn an déi nei Firma: Il Cavaliere Sàrl. Déi huet de Contrat de bail iwwerholl. Erëm gouf e Kaddo vun zwee Méint Loyer gemaach. D'Méint Abrëll a Mee 2019 ware gratis. Mëtt Juni war dunn d'Ouverture.

Eis Schlussfolgerung: Beim Vott vum Contrat de bail den 11. Abrëll 2018 mat der Firma The Game Déifferdeng hat d'LSAP sech enthalen. D'Firma war virgestallt ginn als déi Beschte vu villen Interessenten. Haut mussen mir feststellen, dass dat net esou war.

Duerch Manipulatioun huet d'Firma sech aus dem Contrat geléist, de Fonds de Commerce gutt verkaaft an Déifferdeng no knapps fënnef Méint de Réck gedréit. Dobäi si vill Stonne vun eise Leit vum CID an d'Renovatioun gestach ginn. D'Gesellschaft huet fënnef Méint ouni Loyer iwwert d'Gültegkeet verfüügt an ee Mount ouni Loyer exploitéiert.

Mir froen eis, firwat dës gratis Loyere verdeelt ginn. Ëmmerhi gi 16.000 Euro Loyer verluer fir de Steierzueler. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat deemools schonn de Kontrakt net ënnerstëtzt gehat mat The Game a kritiséiert, no wéi engem Konzept dat sollt exploitéiert ginn. Dat huet sech jo dann och bestätegt. Duerno ass ëmmer einfach schwätzen. Wann et gutt gaange wär, da géif ech elo net hei setzen an dat soen.

Et ware Kandidaturen do. Aus dem Dossier war awer ervirgaangen – a wann ee kuckt, wéi eng Offer do war, war et awer mengen ech zimlech nahelegend, dass dat net de richtege Wee wär.

Et ass elo gesot ginn, dass do eng Rei Faveure gemaach gi sinn. Dass dat méi einfach gemaach ginn ass, dass dat sollt klappen. Et hat awer net geklappt. An elo si mer mat engem Contrat de bail hei konfrontéiert, deen eis erëm net d'Méiglechkeet gëtt, eng Diskussioun ze féieren.

Och d'leschte Kéier hate mer net wierklech eng Méiglechkeet, vu dass d'Majoritéit déi Diskussioun net wierklech wollt féieren, vu dass et keng esou eng Kommissioun gëtt, wou esou Diskussiounen kënne gefouert ginn. Respektiv hunn déi Kommissiounen, déi bestinn, wéi eng Finanzkommissioun, och deemools esou Saachen net virgeluecht kritt.

4. Actes et conventions

Hei ass et elo esou, dass déi Firma dat einfach weidergëtt un en aneren. Mir kréien erëm kee Konzept virgeluecht. Erëm keng richteg Selektioun dovunner fënnt statt. An deem Sënn kann ech dat net ënnerstëtzen, well ech et vun der Virgoensweis net richteg fannen.

Ech wënschen dem Restaurant Bonne Chance, dass et klappt. Mä ech ënnerstëtzen awer net, dass mer dat als Gemeng op déi Aart a Weis maachen. An ech ënnerstëtzen et als déi Lénk – an dat hu mer gemaach, wéi mer de Kaf heivunner ënnerstëtzt hunn –, dass mer verstänneg Loyerer op esou Plaze frouen. A mat verstännege Loyerer, wat jo hei de Fall ass, mussen dann awer déi jeeweileg Firmen oder Restaurateuren, déi dat da maachen, bestoen oder net bestoen.

Ech erënneren nach eng Kéier drun, beim Kaf vun deem heite Gebai stoung Utilité publique dran. An et stoung eppes vun SIS dran. Dat hu mer elo net, dat hate mer virdrun net, an do wäerte mer wahrscheinlech nach laang kee soziale Kritär dra kréien. A wa mer deem net hunn, da gesinn ech net, firwat mer weider Faveure solle maache fir e korrekte Präis.

Domadder hunn ech alles gesot. Ech wënsche Bonne Chance. Fir eis Maartplaz ass et am Moment op jidde Fall besser, et ass een do an deem ass op. Mir hoffen, dass dat laang esou bleift. Mä ech denken, dass ee sech anescht muss uleeën als Gemeng, wann een dat wierklech op laang Siicht wëll erreechen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, mir si frou, datt op eiser Maartplaz d'Restaurationsbetriber erëm well alleguerten op sinn. Verschidde Leit hei am Gemengerot hate recht, wéi mer d'leschte Kéier iwwert The Game ofgestëmmt haten. Et geet net duer, einfach nëmmen e puer grouss Bildschiermer opzehänken. Zu engem Succès gehéiert méi. Ech si sécher, datt

mat e bëssi Engagement an Häerzblutt ee Restaurant hei ka funktionnéieren. Jo, et geet net vum selwen.

Mir vun der CSV sinn awer frou, dass elo e Repreneur fonnt ass a wënschen dem Restaurant Il Cavaliere vill Succès. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech freeë mech iwwert déi Kommissioun, déi mer wäerten asetzen, well da wäerte mer nach just Leit heihinner kréien, wou alles geet. Här Diderich, Dir hutt ëmmer gutt Iddien. Dir wësst ëmmer alles besser. Ech freeë mech wierklech, wann déi Kommissioun elo stattfënnt, iwwer all déi Leit, déi Dir wäert virschloen, déi hei Schlaang stinn, fir zu Déifferdeng eppes opzemaachen. Ech freeë mech wierklech. An da kënnt Der jo och Ried an Äntwert hei stoen, wann déi Decisiounen do geholl ginn.

Gleeft mer, et mécht kee sech et hei ronderëm den Dësch einfach. Dir och net, ech weess dat. Mä, w.e.gl., geheit net ëmmer mat Steng op Saachen. Et ass net evident. An all Gemeng ass et net evident, Betriber ze kréien, déi duerchhalen. Et ass net evident. An et mécht een heiansdo Feeler. Et gëtt een heiansdo ee Bonbon, fir datt et soll ulafen. Mä ech freeë mech wierklech op déi Kommissioun an op Ären Input, wéi Déifferdeng da wäert opbléien. Ech freeë mech wierklech.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui et 6 abstentions d'approuver l'avenant au contrat de bail avec la société Il Cavaliere SARL, anciennement The Game Differdange SARL, et portant sur un local commercial situé au n° 4 de la place du Marché.

Merci. D'Konventioun mat eisem Service Jeunes. Et ass déiselwecht Konventioun, wéi mer scho 16 Joer dran hunn. Et ass opsichend Jugendaarbecht an eis Jugendhaiser. Déi Konventioun hu mer scho 15 oder 16 Joer. Wann dozou keng

vera pas ce contrat de bail. Cependant, il souhaite bonne chance au restaurant et soutient le fait que la commune propose des locaux à loyers raisonnables.

Gary Diderich rappelle par ailleurs que lors de l'acquisition du bâtiment, il était question d'utilité publique et de SIS. Or il n'est plus question de critères sociaux. Dans ces conditions, pourquoi accorder des faveurs supplémentaires?

Gary Diderich souhaite à nouveau bonne chance aux locataires. Pour la place du Marché, c'est une bonne chose que le local soit ouvert. Mais à long terme, il faut trouver une autre solution.

GUY TEMPELS (CSV) *se réjouit que tous les restaurants de la place du Marché soient ouverts. Certains conseillers communaux avaient raison de douter de The Game. Mais Guy Tempels est convaincu qu'avec un peu d'engagements, un restaurant peut fonctionner. Les chrétiens sociaux souhaitent bonne chance au restaurant Il Cavaliere.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *salue la création prochaine d'une commission économique, car à Differdange, il n'y aura plus que des magasins qui fonctionnent. M. Diderich a toujours de bonnes idées. Il sait tout mieux que les autres. Roberto Traversini est impatient de connaître tous les commerçants faisant la file pour ouvrir un magasin à Differdange. M. Diderich aura alors l'occasion de fournir des explications quand les décisions seront prises.*

Personne n'essaie de se faciliter la vie. Mais M. Diderich ferait bien d'arrêter de jeter la pierre. Toutes les communes ont du mal à attirer des entreprises qui durent. Parfois, on commet des erreurs. D'autres fois, on accorde des faveurs pour aider les commerçants. Roberto Traversini se réjouit des idées que M. Diderich apportera à la commission et qui permettront à Differdange de s'épanouir.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la convention avec le service jeunes. Elle est conclue depuis 15 ou 16 ans.

(Vote)

4. Actes et conventions / 5. Enseignement

Roberto Traversini passe à des contrats de bail pour le 1535°. Il y a de nouveaux contrats et des avenants. Parmi les nouveaux locataires figurent un studio de graphisme, une costumière, un nouveau magazine, des managers de musique...

Les locataires ont été approuvés par le comité de sélection.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que parmi les contrats figure une résiliation. S'agit-il de quelqu'un louant un local plus grand? Car c'est la première fois qu'une résiliation figure dans le dossier du conseil communal. Le conseil communal ne pourrait-il pas recevoir une liste actualisée des locataires? Gary Diderich a entendu dire que plusieurs entreprises avaient quitté le 1535°.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) a demandé au 1535° de faire une nouvelle liste. Le vote d'aujourd'hui porte sur les nouveaux contrats. Mais le bourgmestre ne voit pas d'inconvénient à communiquer une liste ajournée. Il la fera parvenir par courrier électronique au conseil communal pendant les grandes vacances.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) l'en remercie.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au PEP. Il cède la parole à M^{me} Pregno et à sa petite.

Wuertmeldung wier, da géife mer déi zur Ofstëmmung ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Services pour jeunes 2019

Deen nächste Punkt si Contrat-de-bailen. Et sinn neier an et sinn och Avenanten dobäi. Den Avenant vu Sonic Invasion, déi kréien en aneren Espace. D'Anouck Pesch, si vergréissere sech. Et stellt Leit an. Dofir brauch et méi Plaz. Mir hunn een neie Kontrakt. Dat ass eng Costumière, déi sech haapt-sächlech ëm Filmer këmmert. Alles, wat da schéin oder manner schéin ugedoe soll sinn.

En neie Kontrakt ass de Studio Blomst, e grafesche Studio. Dann hu mer och de City Savvy. Dat ass en neie Magazin, haapt-sächlech op Englesch an haapt-sächlech online. Si hu ganz vill Abonnenten. Dat fonctionnéiert zimlech gutt. An dann hu mer Fokus. Dat sinn dräi Jonker, déi sinn ënner anerem Musikmanager.

Dat ass duerch de Comité de sélection gaangen. Dat hutt Der am Dossier. Déi hunn eis déi virgeschloen, datt mer déi sollen huelen.

Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt froen: Et ass elo déi éischte Kéier, wou mer eng Resiliatioun am Dossier hunn. Ass dat vläicht, well deem nämmlechten eppes anescht, méi Grousses lount? Well aner Contraten, wa se opgeléist gi sinn, hate mer net am Gemengerot. Dofir wollt ech nofroen, ob déi net awer och missten an de Gemengerot kommen. Respektiv, ob et méiglech wär, emol eng Kéier eng aktuell Lëscht vun de Locataireen ze kréien. Well ech hu vun enger Rei Projeten, Entreprises, Architekten héieren, dass se eben net méi am 1535° sinn. An ech gesinn net, dass mir e Suivi dovunner hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat dat scho gefrot, datt se eis sollen en neie Listing ginn. Dat hei sinn nei Kontrakter, oder Leit, déi vun enger Plaz op eng aner ginn, een deen erausgeet, een dee kënnegt. Mir kënnen déi Matdeelung an Zukunft roueg eng Kéier maachen. Dat ass absolutt kee Problem. Dat solle mer maachen.

Ech kucken, datt Der dat d'Vakanz iwwer kritt, wien dee Moment dobannen ass, dee sämtleche Listing. Absolutt kee Problem. Dir wäert dat iwwer Mail kréien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gär geschitt.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 abstentions d'approuver les contrats de bail du 1535° Creative Hub.

Villmoos Merci. Da komme mer zum fënnefte Punkt, dat ass eise PEP. Gëtt deem esou genannt, Madamm Pregno? An dat Klengt.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Just ganz kuerz eng Kéier iwwert de Plan ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dréckt em d'Suckel gutt eran.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Mir kucken dat ze maachen. Et ass net ëmmer evident. Soit.

5. Enseignement

De Plan d'encadrement périscolaire ass a groussen Zich deen nammlechte wéi dee vum leschte Joer. Lescht Joer war déi grouss Ännerung virun allem tëscht der Kollaboratioun vun der Bësch-crèche an der Bëschspillschoul. Dir fannt zwee PEPen am Dossier. Eng Kéier Bëschspillschoul, Bësch-Maison-relais. A parallel dozou déi fënnf aner Grondschoulen a fënnf Maison-relais.

D'lescht Joer hate mer den Horaire vun der Bëschschoul adaptéiert. Dat huet op relativ gudden Echo gestouss. Souwuel beim Personal vun der Schoul an der Maison relais, wéi bei de Kanner an den Elteren.

Soudass mer déi laang Deeg méindes, mëttwochs a freides bäibehalen hunn. Wou d'Kanner mam Schoulpersonal a mat de Leit vun der Maison relais zesummen iessen. An déi kuerz Deeg, dat heescht dënschdes an donneschdes, ass d'Iessen optional. Wou d'Maison relais mëttes och optional ass fir déi Eltere respektiv Kanner, déi et brauchen

Bei deem System si mer bliwwen, well dee wierklech gutt funktionéiert. An esou och d'Kollaboratioun tëscht dem Schoulpersonal an der Maison relais immens gutt funktionéiert.

Am zweete PEP fannt Dir déi fënnf aner Grondschoulen a fënnf Maison-relais. Maison-relais, déi op verschidde Sitten, verschidde Gebaier opgedeelt sinn, well mer ëmmer méi Plaz brauchen, fir de Fuerderunge gerecht ze ginn. Wou Der och ëmmer de President vun der Schoul fannt an d'Responsabel vun der Maison-relais. Wou och e puer Ännerungen dra sinn, strukturell Ännerungen vum Personal, well mer eng ganz Rei Dammen hunn, déi am Congé parental sinn. An all déi Raim, déi während der Maison-relais-Zäit respektiv den Transitiounszeiten, déi et gëtt, kënnen benotzt ginn.

Mäi Meedche mellst sech. Ech mengen, ech hu gutt genuch erkläert. Dat ass eppes, wat Der kennt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Elo wollt ech et siche kommen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Nee, nee, nee, hatt bleift bei mir.

(Gelaachs)

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Pregno, fir déi interessant Erklärungen. Mir hunn dat all Joer, wéi Der sot. Eng vun eise Kollaboratricen, déi huet eis am Service scolaire verlooss. Ech wollt vun hei aus dem Marilena Falbo e grouse Merci soe fir déi Zäit, wou hatt do aktiv war. Et huet einfach erëm Interêt, Schoul ze halen, hunn ech héieren. Da loosse mer him deen Interêt. Mä wéi gesot, et huet eng gutt Aarbecht gemaach an dofir soll et vun eiser Säit op jidde Fall Merci gesot kréien.

Exzellent hei dran, dat ass, wéi déi Strukturen zesummeschaffen, wéi se aneneegräifen, souwuel vun der Raimlechkeeten hier, wéi vum Personal. Dat ass alles exzellent duergestallt.

Wat ech e bësse vermessen, do gëtt et jo nach aner périscolaire Aktivitéiten, sinn déi zesumme mat de Veräiner, haapt-sächlech am Sportberäich. Hei gëtt e bësse vun der LASEP geschwat. Et gëtt e bësse vun anere geschwat. Ech weess dat elo net, dofir wollt ech froen: Leeft do nach e Projet? Et wär interessant, wa mer dat erëm géifen ulafe loosse a verschidde Projete géife maachen, zesumme mat de Veräiner. Wann dat net de Fall ass. Ech weess dat elo net direkt esou.

Wat ech begrëssen – dat dréngt net ëmmer esou duerch: Ech hat eng Diskusioun, do war e Kand, dat war net an der Maison relais, dat war an enger anerer Struktur, an engem Foyer. An dat war der Meenung, dat kéint dofir net um Appui deelhuele. Dat si jo zwou getrennte Saachen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *explique qu'il s'agit du plan d'encadrement périscolaire. Celui de l'année dernière se concentrait surtout sur la collaboration entre la crèche en forêt et la maternelle en forêt.*

Les conseillers communaux disposent des PEP de la maternelle en forêt, de la maison relais en forêt et des cinq écoles fondamentales.

Laura Pregno rappelle que l'année dernière, les horaires de l'école en forêt ont été adaptés. Les échos de la part du personnel, des enfants et des parents ont été positifs. Le nouveau système est donc reconduit pour que le personnel de l'école et les enfants déjeunent avec le personnel des maisons relais le lundi, le mercredi et le vendredi. Le mardi et le jeudi, le déjeuner est en option. Ce système permet de renforcer la collaboration entre le personnel scolaire et celui de la maison relais. Le deuxième PEP comprend les cinq écoles fondamentales et les cinq maisons relais. Les noms des présidents et des responsables figurent dans le dossier.

Laura Pregno constate que sa fille la réclame.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *voulait la prendre.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *répond qu'elle préfère la garder.*
(Rires)

ERNY MULLER (LSAP) *constate qu'une collaboratrice a quitté le service scolaire. Erny Muller remercie Marilena pour son travail. Elle préfère retourner à l'enseignement. Elle a fait du bon travail et les socialistes l'en remercient.*

Erny Muller se réjouit du fait que les différentes structures collaborent, tant du point de vue des locaux que du personnel.

Il regrette que le dossier ne mentionne pas davantage la coopération avec les associations — notamment dans le domaine du sport. Il est question de la LASEP et d'autres clubs. Mais Erny Muller se demande si un projet est encore en cours. Il trouverait cela intéressant. Erny Muller a entendu parler d'un enfant qui n'était pas inscrit à la maison relais et qui pensait qu'à cause de cela, il ne pourrait pas

5. Enseignement

prendre part au cours d'appui. Mais il s'agit de deux éléments différents. L'appui est géré par le personnel enseignant et l'aide aux devoirs par la maison relais. Les enseignants devraient communiquer ces informations aux enfants. Car c'est important pour l'égalité des chances.

D'une manière générale, Erny Muller se déclare satisfait du dossier.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
constate que le PEP s'inscrit dans la continuité. Elle salue la collaboration entre la maison relais et l'école pour ce qui est des locaux et du personnel. L'important est de travailler au profit des enfants. Il est vrai qu'il faut améliorer la coopération avec les clubs. Cela est dû aux infrastructures communales, mais il s'agit aussi d'une question de responsabilités. Ce problème n'est pas facile à résoudre. Les écologistes approuveront le PEP.

FRANÇOIS MEISCH (DP) souligne l'importance de la coopération entre l'école et la maison relais pour permettre un encadrement qualitatif des enfants. Differdange compte cinq campus scolaires: Differdange, Fousbann, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer. S'y ajoute le campus du Kannerbongert. Le PEP fixe le cadre d'un accompagnement optimal des enfants. François Meisch se souvient avec plaisir des vacances-loisirs.

Les associations locales actives dans les domaines de la culture, de la musique et du sport doivent être intégrées plus efficacement.

Les temps changent et cela se ressent. L'offre doit être adaptée en permanence aux besoins des enfants. Chaque enfant doit être mis dans les conditions idéales pour bien commencer sa vie.

Les détails ont été présentés. François Meisch n'a plus qu'à remercier les présidents d'école, les responsables des maisons relais, les enseignants, les éducateurs, les services concernés et tous ceux ayant pris part à l'élaboration et l'application de l'offre d'encadrement périscolaire.

Den Appui ass jo vum Personal d'enseignement. An d'Aufgabenhëllef an den Encadrement vum Devoir domicile ass eben ënnert der Maison relais. Dat sinn zwou verschidde Saachen. Dat kéint d'Léierpersonal de Kanner awer matdeelen. Och wann dat da während där Zäit ass, wou dann am Fong d'Maison relais ass.

Mä och wann dat Kand net an der Maison relais ass, huet et awer Accès zum Appui. An dat ass eng gutt Saach. Dat ass wichteg fir d'Chancëgläichheet vun de Kanner. Well soss géif jo nëmmen een Deel Accès kréien an déi aner net. Wat jo net korrekt wär.

Grosso modo ass dat eng gutt Saach. Et ass gutt gereegelt, et ass eng gutt Aarbecht. An dofir Felicitatioun.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de PEP läit an der Kontinuitéit. Mir als gréng begréisste virun allem, dass déi Zesummenaarbecht tëschent Maison relais a Schoul souwuel wat d'Gebaier, wat d'Raimlechkeeten ugeet, wéi och wat d'Personal ugeet, méi verstärkt soll ginn. An dat an engem gudde Geescht. D'Zil muss jo sinn, fir d'Kand ze schaffen. An dee Kader schreift sech dëse PEP an. Dofir begréisst mir en.

Ech ginn dem Här Muller recht, dass een nach kann a muss Efforte maachen, fir virun allem d'Zesummenaarbecht mat de Clibb, de Sportsclubb ze verbessern. Mä dat huet mat der Infrastruktur vun eiser Gemeng ze dinn, vun eise ville Sitten. Do muss een erëm an den Dialog trieden a kucken, wéi een dat verbessert kritt. Well dat jo mat Responsabilitéiten ze dinn huet an et net esou einfach ass. Wann et einfach wier, wier de Problem geléist. An an deem Sënn begréisst mir de PEP a wäerten derfir stëmmen. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Meisch François, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, e gutt Zesummespill tëschent Schoul a Maison relais ass extrem wichteg, fir ee qualitativ héichwäertegt Encadrement vun eise Kanner ze garantéieren. An eiser Gemeng gëllt dat fir eis fënnef Schoulcampussen: Déifferdeng, Fousbann mat der Annex Zowaasch, Nidderkuer, Uewerkuer, Woiwer. Mat deene jeeweilege Maison-relaisen. Derbäi kënnt nach de Campus Kannerbongert. Nieft sozioedukativen Aktivitéiten, Appuis pédagogiques, LASEP, Liesclub, Hörclub, an enger Rei aner Projeten, gëtt an dësem Dokument de Kader gesat fir eng optimal Betreierung. Gutt Erënnerungen hunn ech selwer nach un d'Vacanzenaktivitéite Vacances-loisirs.

Eis zahlreich lokal Veräiner, an dësem Fall haaptsächlech Kultur a Sport, souwéi och eis Museksschoul mussen awer nach besser agebonne ginn.

D'Schoul ännert sech, d'Zäiten ännere sech. An dat spillt och an dësem Kontext. Et gëtt sécherlech net méi einfach. D'Offer muss permanent ugepasst ginn, fir se de Besoine vun de Kanner unzepassen. Soudass sech all d'Kanner entfale kënnen, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet.

D'Detailer dozou goufen all genannt respektiv hu mer gelies. Et bleift mer nach just Merci ze soen de Schoulpresidenten, de Responsabele vun de Maisons relais, den Enseignanten, Educateuren, bedeelegte Servicer an alle Leit, déi beim Ausschaffen an der Ëmsetzung vun dësem Plang bedeelegt waren a wäerte sinn. An esou eise Kanner eng beschtméiglech Offer an en ideale Kader an Encadrement bidden. D'DP stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire mat. Merci.

5. Enseignement

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der CSV begrëssen ech dës ugestriefte verstärkt Zesummenaarbecht vun der Maison relais an de Schoulen.

Hei sinn notamment den Appui pédagogique, d'LASEP, de Lies- an Hörclub vun den Enseignanten souwéi d'Hausaufgabenhëllef, d'Surveillance an d'Aktivitéite vun den Educateuren aus de Schoule festgehalen, déi ausserhalb der Schoulzäit stattfannen an esou an der Maison-relais-Zäit intervenéieren. Esou ass de PEP geduecht.

Virdu war ugeschwat ginn, wat ass, wann e Kand an enger privater Struktur ass. Dann ass et d'selwecht, wéi wann et bei sengen Elteren doheim wär. Wann – an dat ass jo d'Iddi hanner dem PEP –, wann tëscht deenen zwou Strukturen gekläert gëtt, wéi d'Iwwergäng sinn, dann ass dat natierlech méiglech. Esou war dat emol an der Zäit, wou ech nach zu Nidderkuer an der Schoul geschafft hat.

Et ass wichteg, datt dat festgehalé gëtt, aus Sécherheetsgrënn. D'Kand ass an där Zäit an der Maison relais geschriwwen. A wann et an der Schoulstruktur ass, dann ass et wichteg, datt dat och iergendwou festgehalé gëtt.

Ëmgedréit ass natierlech och gekläert, wann Educatricen aus der Maison relais oder déi vum Precocé och an der Schoul intervenéieren. Dat maache se haaptsächlech am Ufank vum Joer, fir e fléissenden Iwwergang ze gestalten fir d'Kanner. Wat eng ganz gutt Saach ass.

D'Säll sinn am PEP optimal fir béid festgehalen. Zum Beispill d'Schoulbibliothéiken, d'Musekssäll, d'Turnsäll. Datt déi optimal kënne genotzt ginn. Déi nei Schoulen a Maison-relais gi jo och extra esou geplangt.

Dëst Dokument, erstallt vun de Responsabele vun der Schoul an der Maison relais, woufir mer hinne Merci wël-

le soen, klärt tëscht dësen zwou Strukturen de reiwungslosen Oflaf fir d'Kanner. Wuelwëssend, datt de PEP nach en zimlech neien Outil ass, dee lues a lues muss wuessen, soll een an dësem Kader och kucken, fir d'Kommunikatioun tëscht der Basis vun der Schoul an der Basis vun der Maison relais ze fërderen. Esou géife bestëmmt nach méi flott a gemeinsam Projeten entstoën.

D'CSV stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire mat. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wëllt nach een eppes dozou soen? Gary Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Ulveling. De PEP ass e wichtegt Instrument fir déi verschidde Welten, an deenen d'Kanner sech beweegen, zesummenzebréngen, déi non-formal Bildung an déi formal Bildung an der Schoul. An dësem Plang gëtt dat vun den Horairen hier, vun de Methoden hier, vun de Leit hier kloer opgeléicht, wéi do wat gereegelt ass. An dat ass wichteg.

Wéi scho gesot ginn ass, kann ee mat deem PEP nach d'Ambitioun hunn, méi wäit ze goen an och aner Espacen, déi net nëmme vun der Gemeng selwer geréiert ginn, do aktiv anzebannen an d'Iwwergäng kloer ze kréien. An och an esou engem PEP ze regelen, wéi zum Beispill den Transport vun enger Maison relais an eng Museksschoul oder an e Veräin respektiv déi Horairë kënne iwwerene funktionéieren.

An deem Sënn ënnerstëtze mer, dass et de PEP gëtt, dass weider dru geschafft gëtt, an dass e sech hoffentlech nach weider verbessert an ëmmer méi nach op d'Plaz vum Kand an der Gemeng Déifferdeng ageet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Da géife mer zum Vott kommen.

JERRY HARTUNG (CSV) salue à son tour le renforcement de la coopération entre l'école et la maison relais.

Le PEP énumère l'appui pédagogique, la LASEP, le club de lecture, l'aide aux devoirs, la surveillance ainsi que toutes les activités périscolaires.

Qu'en est-il des enfants se trouvant dans une structure privée? Jerry Hartung suppose qu'ils sont dans la même situation que ceux restant à la maison à moins qu'une coopération entre les deux structures n'existe. C'est du moins ce qui se passait quand il travaillait à l'école de Niederkorn. Pour des raisons de sécurité, ces aspects doivent être clarifiés.

Il arrive aussi que les éducatrices de la maison relais interviennent à l'école en début d'année pour permettre une transition idéale.

Les salles communes comme la bibliothèque, la salle de musique ou la salle de sport peuvent être utilisées de manière idéale.

Jerry Hartung rappelle que le PEP a été réalisé par les responsables de l'école et de la maison relais. Le PEP est un outil relativement nouveau. Il va donc se développer et promouvoir encore plus la communication entre école et maison relais.

Les chrétiens sociaux approuveront le plan d'encadrement périscolaire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souligne l'importance du PEP en tant qu'instrument reliant les différents mondes des enfants — et notamment l'éducation formelle et l'éducation non formelle. Ce document permet d'intégrer activement des espaces qui ne sont pas gérés par la commune et de régler des éléments comme le transport entre la maison relais et l'école de musique ou un club.

Gary Diderich salue l'existence du PEP. Il espère que celui-ci continuera à s'améliorer pour définir la place de l'enfant dans la commune. (Vote)

5. Enseignement

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux cours de langues. Même si on parle souvent de cours du soir, ils ont lieu aussi en journée.

Il n'y a pas de grande différence par rapport à l'année dernière, mais quelques cours vont être ajoutés. Roberto Traversini mentionne notamment les cours pour l'obtention de la nationalité luxembourgeoise. Ces cours ont lieu de septembre à l'été de l'année suivante et fonctionnent bien.

L'année dernière, la commune a proposé un cours de portugais, mais seule une personne s'y est inscrite. Il n'a donc pas été reconduit. La commune a reçu des demandes pour d'autres langues. Il faudra voir avec M^{me} Brandenburger ce qu'il est possible de faire.

Roberto Traversini remercie l'école européenne pour les salles qu'elle met à disposition. La coopération entre la commune et cette école se passe bien depuis des années.

SERGE GOFFINET (LSAP) précise que la commune proposera 18 cours de luxembourgeois, 7 cours de français, 3 cours d'anglais et un cours d'italien en 2019-2020.

Les 18 cours de luxembourgeois à différents niveaux démontrent que l'intérêt pour cette langue est important. Pour Serge Goffinet, il serait temps d'envoyer les employés communaux ne parlant pas le luxembourgeois à ces cours. La même chose est vraie pour les conseillers communaux.

L'année dernière, Serge Goffinet a proposé des cours de portugais pour les Luxembourgeois. Mais il n'y a eu qu'une seule demande. Serge Goffinet a aussi demandé des cours d'arabe.

(Interruption)

Serge Goffinet estime que cette communauté prend de l'ampleur à Differdange. Le collège échevinal avait promis de s'informer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

a été impressionnée par le nombre d'étudiants présents lors de la remise des diplômes. Elle salue l'organisation des cours de langues. Malheureusement, il est de plus en plus difficile de trouver des enseignants agrémentés.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire 2019-2020.

Villmools Merci. Da géife mer zu eisen Owescoursen an de Sprooch kommen. Mir nennen et Owescoursen, mä déi Course ginn och am Dag gehalen. Dat heescht eis Sproochecoursen an der Gemeng. Et gëtt keng grouss Ännerungen.

Et gëtt Positives. Mir wäerten zwee Course bäisetze par rapport zum leschte Joer. Déi Coursen, déi mer offrëieren, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Dir wësst jo, wann een 20 Joer am Land wunnt, muss ee 24 Stonne präsent si bei Lëtzebuergercoursen. Da kann een d'Demande fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit maachen. D'lescht Joer hate mer der schrecklech vill. Ech kucken, d'Chifferen ze kréien, da kann ech Iech déi matdeelen. Déi ginn iwwert d'ganz Joer. Déi fänken am September un an halen d'nächst Joer am Summer op. Déi lafen zimlech gutt.

Fir de Rescht gesitt Der, datt mer alles widderhuelen. Mir haten d'lescht Joer Portugiseschcoursen ugebueden. Do hat sech awer just ee gemellt gehat. Do fir wäerte mer déi dëst Joer net méi ubidden. Et sinn déi eng oder déi aner Ufroer komm, fir aner Sproochen ze léieren. Do kuckt d'Madamm Brandenburger, wat do ze maachen ass. Wéi eng Sprooch, Här Goffinet? Wann Der Iddien hutt, wou Der mengt, datt déi d'Leit interesséieren, sot eis et. Mir sinn op fir alles.

Der europäescher Schoul e grouse Merci, datt si eis d'Säll zur Verfügung stellen. Zënter Joren ass dat wierklech eng flott Zesummenaarbecht. Mir hëllef en hinnen, a si versichen eis och ze hëllef en, wou et geet. Dat gesot, maachen ech d'Diskussiounsronn op. Den Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Joer 2019/2020 huet d'Gemeng Déifferdeng am Angebot, wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, 18 Lëtzebuergercoursen, siwe Franséischcoursen, dräi

Engleschcoursen an een Italieneschcours, op verschiddenen Niveauen.

Fir d'éischt emol wéilt ech op d'Lëtzebuergercoursen agoen. Dass mir 18 Coursen a verschiddenen Niveauen ubidden, dat weist, dass e ganz groussen Interessi do ass an der Lëtzebuerger Sprooch. Um Aarbechtsmaart ass et net vun Nodeel, wann een eis Sprooch nieft anere Sprooch beherrscht.

Et géif och Zäit ginn, déi Leit, déi mir agestellt hunn hei op der Gemeng, déi net Lëtzebuerger schwätzen, och an d'Lëtzebuergercoursen ze schécken. Ob dat dës Course sinn oder aner. Datselwecht géif dann och gëlle fir de Conseiller.

D'lescht Joer hat ech gefrot, fir Portugiseschcourse fir d'Lëtzebuerger unzebidden. De Buergermeeschter huet dorüber geäntwert, et wier nëmmen eng Demande do gewiescht.

Ech hat d'lescht Joer och gefrot, fir Arabeschcoursen unzebidden, Arabesch oder Farsi. Well mer do eng zimlech grouss Communautéit méttlerweil zu Déifferdeng hunn. Fir nozefuerschen, ob dat géif goen. Dat hat ech d'lescht Joer nogefrot. Deemools war mer versprach ginn, dass déi Damm sech géif do e bëssen engagéieren, fir ze kucken, ob e gewëssenen Interessi do wär. Dat gesot, Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Goffinet. D'Madamm Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, alles wat elo gesot ginn ass, stëmmt. Et huet een nëmme bräichten op der Remise des diplômes ze sinn, da konnt ee just staunen, wéi vill Leit do waren an deene verschiddenste Sproochen, déi Diplomer kritt hunn. Dat war absolutt impressionnant. Et ass ze begreissen, dass dat an deem Sënn virugeet.

Leider steet an deem Rapport, dee mer elo kritt hunn, dass et ëmmer méi

5. Enseignement

schwéier gëtt, Enseignanten ze rekrutieren, well déi en Agreement brauchen. Ech denken, do läit en Deel vum Problem.

Wat ech virschloen, dat wär Chinesesch. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir schwätzen dach scho Chinesesch hei.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Net jiddwereen, Här Ulveling. Merci. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Wéi schonn an der Vergaangenheet, fannen d'Sproochecoursen hei an der Gemeng eng grouss Resonanz bei eisen Awunner, well mer weiderhin e Plus un Aschreiwunge fir d'Saison 2019/2020 hunn. Wat mer natierlech begréissen.

Nei fir des Saison ass, dass d'Aschreiwungen online iwwert de Site vun der Gemeng kënne gemaach ginn. Dëst funktionéiert ganz gutt. 85 bis 90 Prozent vun den Aschreiwunge si schonn online.

Ech wéilt profitieren, fir der Madamm Brigitte Brandenburger Merci ze soe fir hiren Asaz bei der Aarbecht. Ob am administrative Volet oder an de Coursen, déi si hält. Net ze vergiessen, Merci den Enseignanten an den Enseignantën, déi d'Coursen ofhalen.

Wéi d'Madamm Brassel scho gesot huet, fir des Coursen ofzehalen, gëtt en Agrément ministériel gefrot. Vu Joer zu Joer gëtt et ëmmer méi schwier, Enseignante mat Agreement ze fannen, well d'Demande méi grouss ass, wéi d'Enseignanten disponibel sinn. Haaptsächlech am Lëtzebuergesch, Franséischen an Italienesch.

Vu dass den administrative Volet méi zougehooll huet – méi Klassen, méi Aschreiwungen a méi Präsenz am Büro

néideg ass –, wär et optimal, der Madamm Brandenburger hir 40-Stonnewoch opzedeelen an 20 Stonnen administrative Volet an 20 Stonnen Coursen. Fir dem Administrativen nozekommen.

Wéi schonns 2018/2019 ginn d'Owescoursen 2019/2020 weider an der internationaler Schoul, der EIDE ofgehalen. A véier Säll, déi tipptopp ageriicht sinn. D'Course vu mueres ginn an der Musiksschoul am Ale Stadhaus ofgehalen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'DP stëmmt des Sproochecoursen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Saeul. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, mir als CSV si frou, datt d'Gemeng des Offer u Sproochecoursen ubitt. Et ass eng grouss Demande do. Besonnesch fir d'Lëtzebuergeschcoursen. Där bidde mer insgesamt uechtzéng un.

Dëst ass ee wichtegen Integratiounsfacteur an ass och vu Virdeel um Aarbechtsmarché. Déi Leit, déi schonn zwanzeg Joer hei zu Lëtzebuerg wunnen, kënnen doduerch d'Lëtzeburger Nationalitéit ufroen. Fir des Persounen sinn extra fënnef Course reservéiert.

Des Weidere gi siwe Franséischcoursen ugebueden. An der Regel fir Leit, déi hir Chancen um Aarbechtsmarché wëlle verbessern.

Déi dräi Englesch- an een Italieneschcours, par contre, ginn éischter vu Leit besicht, déi méi aus perséinlechem Interesse sech wëlle weiderbilden.

Mir wollten d'Fro stellen, ob keng Demande fir weider Sproochen do ass. Den Här Buergermeeschter hat virdru kuerz drop geäntwert. No Arabesch a Chinesesch wollt ech e bësse méi no kommen a Spuenesch proposéieren.

Ofschléissend wëlle mer dem EIDE Merci soen, datt mer ons Owescoursen an engem adequate Kader kënnen orga-

Christiane Brassel-Rausch propose des cours de chinois.

TOM ULVELING (CSV) *plaisante sur le fait que le conseil communal parle déjà en chinois.*
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique que ce n'est pas le cas de tous.*
(Rires)

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que les cours de langues connaissent un succès croissant auprès des habitants. Le nombre d'inscriptions a augmenté en 2019-2020. Cette année, il était également possible de s'inscrire en ligne, ce que plus de 85 % des étudiants ont fait. Christiane Saeul remercie M^{me} Brandenburger pour son engagement ainsi que tous les enseignants. Ceux-ci doivent posséder un agrément. C'est pourquoi il est de plus en plus difficile d'en trouver.*

Comme le volet administratif ne cesse de croître, il faudrait subdiviser la tâche de M^{me} Brandenburger en vingt heures de travail administratif et vingt heures de cours. Les cours de langues se tiendront dans quatre salles de l'EIDE et dans l'école de musique. Les démocrates approuveront les cours.

JERRY HARTUNG (CSV) *constate que la demande est importante, surtout pour les cours de luxembourgeois. Ceux-ci représentent un facteur d'intégration important. Les gens habitant au Luxembourg depuis vingt ans peuvent en outre demander la nationalité luxembourgeoise s'ils suivent un des cinq cours prévus.*

Les sept cours de luxembourgeois permettent aussi d'améliorer les chances des étudiants sur le marché de l'emploi. En revanche, les cours d'anglais et d'italien servent surtout à se former par intérêt personnel.

Après le chinois et l'arabe, Jerry Hartung propose l'espagnol. Il remercie l'EIDE, grâce à laquelle les cours peuvent être organisés dans un cadre adéquat. Pendant la journée, les cours ont lieu dans l'école de musique.

5. Enseignement / 6. Organigramme

Les chrétiens sociaux approuveront l'organisation des cours de langue.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour les cours de langues ainsi que le fait que les diplômés reçoivent des tickets pour l'Aalt Stadhaus.

L'inscription aux cours coute un petit quelque chose, mais la somme est loin de couvrir les frais. Il s'agit surtout de s'assurer que les personnes qui s'inscrivent assisteront réellement aux cours.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au point fort de la séance, l'organigramme. Il souhaite expliquer pourquoi le collège échevinal souhaite le modifier.

Si l'on veut que la ville puisse offrir des services aux citoyens, il faut...

TOM ULVELING (CSV) complète la phrase du bourgmestre: il faut sortir le portemonnaie.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute que la commune essaie de proposer des services optimaux aux citoyens ainsi que de bonnes conditions de travail aux employés. Car on travaille mieux si l'on est content. Mais le responsable des finances doit aussi penser à l'argent. Or les recrutements ont une répercussion sur le budget ordinaire, et ce, pour dix, vingt ou même trente ans.

Des discussions ont eu lieu avec les chefs de service. Finalement, le collège échevinal a décidé de créer 53 postes, probablement un record.

Ces postes ne seront pas occupés du jour au lendemain. Il y aura peut-être aussi l'une ou l'autre mutation. Mais en tout cas, le collège échevinal entend créer 53 postes.

Differdange compte plus de 27 000 habitants depuis quelques jours. Le nombre de nationalités différentes se monte à 117. Comme expliqué lors de la présentation du PAG, la commune souhaite croître encore un peu, mais pas beaucoup.

Pour pouvoir offrir plus de services aux citoyens, il faut plus de personnel.

La commune a commencé à recruter du personnel en 2014-2015.

niséieren. D'selwecht wéi d'Coursen am Dag an der Museksschoul. Mir als CSV stëmmen d'Organisatioun vun de Sproochecourse mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass elo bal alles gesot. Als Déi Lénk begrësse mir d'Sproochecoursen. Mir begrëssen och, dass de Modell zréckbehale ginn ass, dass déi Leit, déi d'Coursen absolvéieren, Entréeë kréie fir an d'Stadhaus.

Jidderee bezilt eppes Klenges fir déi Sproochecoursen, wat bei wäitem net käschtedeckend ass. Do mécht d'Gemeng e wichtege Geste, dee senger Missioun gerecht gëtt. Dee Montant ass éischter fir sécherzestellen, dass déi Leit, déi sech aschreiwen dann och wierklech kommen. Déi, déi dat da maachen, kréie souzesoen e Merci an eng Motivatioun, fir un eisem kulturellen Angebot deelzehuelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des cours de langues pour adultes 2019-2020.

Villmools Merci. Da géife mer zum Héichpunkt vum Dag kommen, eisem neien Organigramm. Ech versichen e bëssen ze erklären, wéi mer do virgaange sinn a firwat mer dat maachen.

Wann ee gär eng Stad hätt, déi vill Servicier ubitt, eng Stad, wou hir Bierger a Biergerinne wichteg sinn, da muss een heiansdo ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An de Portmonni gräifen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

... a Personal investéieren. Mir versichen, déi beschtméiglech Servicier unzebidden. An dat nach ëmmer. Net just déi lescht Joren.

Mir versichen och, gutt Aarbechtskonditiounen fir eis Mataarbechter a Mataarbechterinnen ze schafen. Wat extrem wichteg ass. Well wann een net ze fridden ass, dann ass et schwéier, eng Déngschtleschtung mat Freed, Spaass a Laachen ze maachen.

A wann ee responsabel iwwert d'Finanzen ass, dann denkt een natierlech och un d'Finanzen. Wou ee ganz genau weess, wann ee Personal astellt, dass dat eng riseg Repercussioun op den ordinäre Budget huet. An dat net nëmme fir ee Joer, mä fir déi nächst 10, 20, 30 Joren.

Et ass eng Decisioun, déi laang iwwerluecht a vill diskutéiert ginn ass mat de Chef-Servicieren, déi eng e bësse méi, déi aner e bësse manner. Et war ëmmer um Schäfferot gewiescht ze kucken, wéi mer eis do ugeluecht hunn.

Mir wäerten op ee Coup, wann dat natierlech gewënscht ass hei, 53 Plaze kreéieren. Dir hutt gutt verstanen, 53 Plazen. Ech mengen, do kann ee scho vun engem Rekord schwätzen. Mä et ass awer net dowéinst, wou mer et maachen. Ech wäert erkläre firwat.

Déi 53 Plaze wäerten natierlech net muer besat ginn. Et ass en Organigramm, deen op déi nächst Joren opgebaut ass. Déi eng oder déi aner Plaz wäert vläicht ëmgewandelt ginn, dat muss ee kucken. Op alle Fall ass de politesche Wëllen do, fir 53 Plazen ze kreéieren. An am Laf vun de Joren dann och ze besetzen.

Mir hunn eis Prioritéiten. Déifferdeng wësst nach ëmmer. Säit e puer Deeg si mer iwwer 27.000 Awunner. Mir hunn ëm déi 117 Nationalitéiten. Mir hunn de Cap vu 27.000 Awunner iwwerschratt. Et wäert eng lues Croissance do sinn. Dir hutt gemierkt am PAG,

6. Organigramme

datt mer versichen, net ze schnell ze wuessen, awer nach ëmmer ze wuessen.

Déi Déngschter, déi d'Gemeng elo iwwer Jore gelescht huet, mussen iwwerschafft ginn, datt mer eise Bierger a Biergerinne méi kënne ginn. Dat geet natierlech just nëmme mat deem néidege Personal. Mir hätte gär eng propper, flott Leeschtung vis-à-vis vun eise Matbierger.

Mir müssen do virufueren, wou mer virun e puer Joer ugefaangen hunn. 2014/2015 hate mer ugefaangen, nei Servicer ze kreéieren, nei Leit anzustellen. Mir wäerten eis sämtlech Servicer verstärken. Sief dat d'Sekretariat, sief dat d'Maison-relais, sief dat den Département technique, Département écologique, Département des sports, den Département culturel, de sozialen Departement, Informatik ...

An natierlech wäerte mer e puer nei Servicer kreéieren, ënner anerem och e Logement-Service. Mir hunn dat an eise Koalitiounsprogramm stoen. A mir wäerten dat dann och esou duerchsetzen, bis mer do ukomm sinn, wou mer sollen.

Ech wäert Iech elo déi Posten opzielen, déi mer kreéieren. Haut geet et haapt-sächlech ëm d'Kréiere vun de Posten. Herno kënnen Diskussiounen an de jee-weilege Kommissiounen gefouert ginn, déi mussen gefouert ginn. Ënner anerem, wat de richtege Profil ass. Ech mengen, da wäert d'Gemeng gutt opgestallt sinn, fir déi nei Defien unzegoen.

Mir wäerten zwee Posten am Sekretariat kreéieren. Am Departement enfance gesitt Der, bei Maison relais stinn am Moment zéng Posten. Dat wäert awer nach net alles sinn. Well eist Zil ass et, nach weider an d'Maison-relais ze investéieren.

Am Département technique an den Travaux neufs wäerte mer Ingenieursposte kreéieren. Alles wat Développement urbain ass, och. Ech ziele se elo net all op.

Opgrond vun där Mesure, déi den Här Nicolas Schmit virun engem gudde Joer, annerhallwem Joer lancéiert huet, wäerte mer Chômeurs à longue durée astellen. Sief dat iwwer 50 Joer oder ënner 50 Joer. Déi iwwer 50 Joer ginn an-

eschters finanzéiert wéi déi ënner 50 Joer. Där sinn der eng 15 Stéck dran. Ech wäert déi net bei all Service opzielen.

Parachèvement wäerte mer opstocken. Eis Servicer, déi sech ëm d'Chômeure këmmen, wäerte mer och opstocken. Bei de Gäertnereien Handwierker an Aarbechter astellen. Voirie datselwecht. Dir gesitt, dat si véier Posten.

Zwee Poste beim Botzpersonal. Dat wäerte mer op dee leschte Stand setzen. Well wann Der kuckt, mir hunn awer nach vill Plazen hei zu Déifferdeng, déi kéinte besser sinn. Alles wat d'Gäertnerbetreiber respektiv Propretéit ass.

D'Cellule technique wäert opgestockt ginn. D'Administration technique och. Nei ass den Travailleur désigné. Mir hate bis elo een. Vu datt mer esou vill Leit bei eis schaffen hunn, mussen mer en zweete Poste kreéieren. Deen een ass just zéng Stonnen. Mir sinn der Meinung, datt dee komplett besat soll sinn. D'Sécherheet op der Aarbechtsplaz ass wichteg. A bei esou ville Leit ass dat net vu Muttwëll.

Den Département écologique wäerte mer opstocken. De Sportsservice och. E bësse manner. Do hu mer eng Hal, déi renovéiert gëtt. An zwee, dräi Joer wäerte mer wahrscheinlech méi Leit brauchen wéi am Moment.

D'Bibliothék wäerte mer administrativ opstocken, d'Archiven. D'Musekschoul mat zwee neie Chargé-de-coursen.

Den Département social, gesitt Der am Organigramm, gëtt opgespléckt. Een Deel alles, wat sozial ass. Deen aneren Deel ass alles, wat Jugend, Senioren an Integratioun ass. Do kënnt en neie Chef de service dohinner.

Et gëtt en neie Service enfance/jeunesse, deen et am Moment net gëtt, kreéiert. De Senior plus wäert opgestockt ginn. Am Moment schafft do just eng Persoun, an nach hallef. A mat där Aarbecht, déi ze maachen ass, geet dat net duer.

Den informatischen Deel: Dir wësst, datt mer ingesourct hunn. Datt mer och do Leit nach brauchen, fir Programmer ze schreiwen, respektiv alles, wat d'Te-

Désormais, il est temps de renforcer tous les services: le secrétariat, les maisons relais, le département technique, le département écologique, le département des sports, le département culturel, le département social, l'informatique... Parmi les nouveaux services figurera le service du logement comme prévu dans le programme de coalition.

Aujourd'hui, il est question de la création des postes. Ensuite, les commissions pourront mener leurs discussions, par exemple en ce qui concerne le profil.

Deux postes seront créés au secrétariat et dix au département de l'enfance. Des postes d'ingénieurs sont prévus pour le département technique.

La mesure prise il y a un an et demi par M. Nicolas Schmit va permettre à la commune de recruter des chômeurs de longue durée. Ceux qui ont plus de cinquante ans sont financés différemment.

Le parachèvement, les services s'occupant des chômeurs, le jardinage, les artisans et la voirie seront aussi renforcés. Deux postes seront créés dans le domaine du nettoyage.

Roberto Traversini mentionne ensuite la cellule technique et l'administration technique. Un deuxième poste de travailleur désigné sera créé. La sécurité sur le lieu de travail est importante.

Le département écologique et le service des sports seront renforcés de même que la bibliothèque, les archives et l'école de musique. Le département social est subdivisé en deux: une partie sociale et une partie jeunesse, seniors et intégration. Le service enfance et jeunesse devra être créé tandis que le service pour seniors sera renforcé. Actuellement, une seule personne y travaille à mi-temps. Ce n'est pas suffisant.

Pour ce qui est de l'informatique, la commune a entrepris un «back-sourcing». Mais il faut encore recruter dans le domaine de la programmation et de la téléphonie.

Parmi les nouveaux services qui seront créés figure le département du logement. La commune doit se montrer plus active, et construire, acheter et louer. Il n'est pas question de faire des économies dans ce domaine. C'est pourquoi deux postes seront créés. La Ville de Dif-

6. Organigramme

ferdange est le moteur principal de l'AIS Kordall. Elle recrute du personnel et le met à disposition.

Un nouveau département, les ressources naturelles, sera créé. L'énergie constitue un défi pour la commune. Le service des eaux fera partie de ce département.

Roberto Traversini passe à quelques modifications de postes. Les employés doivent être rémunérés sur la base de leur diplôme. Dans le service scolaire, un poste d'enseignant est remplacé par un poste administratif. Ces modifications ont été effectuées après des discussions avec les chefs de service et les échelons.

Pour Roberto Traversini, il était temps d'agir. La commune doit proposer à la fois des services de qualité et des conditions de travail optimales. Compte tenu des nouveaux défis, il est important de créer tous ces postes. Differdange doit être une ville au service de ses citoyens.

Ces recrutements couvriront de l'argent et auront des répercussions sur le budget ordinaire à hauteur de 3,5 millions d'euros par an. Les carrières ont été calculées sur base de l'ancienneté même si des modifications restent possibles.

ERNY MULLER (LSAP) se souvient d'un temps où la commune ne disposait que de peu de moyens pour se développer. Ensuite, la réforme des finances communales a été approuvée. La situation a changé. Erny Muller rappelle dans ce contexte que cette réforme a eu lieu alors que le LSAP était au gouvernement et que le ministre de l'Intérieur était socialiste. Elle a permis à la commune d'engranger 11 millions de plus par an.

lefonie ass, wou mer och am Moment nach Externer hunn. Mir wëllen dat wierklech an Eegeregierung maachen.

E ganz neie Service, wou vill driwwer geschwat ginn ass a wou elo Zäit ass, deen ze kreéieren: en Département Logement. Well mer all der Meenung sinn, datt d'Gemeng méi aktiv muss ginn, méi selwer baue respektiv kafe muss an da weider verlounen. Dir gesitt, datt mer do net spueren mam Geld. Wou mer e Poste schafe mat direkt engem administrative Posten dobäi. Dat ass net näischt.

Mir sinn den Haaptmotor vun der AIS Kordall. Mir stellen do Leit an a mir stellen déi zur Verfügung. Och do wäert opgestockt ginn.

E ganz neien Departement fir alles, wat Ressourcen naturelles ass, wäert kreéiert ginn. D'Energie ass eng vun de groussen Erausforderungen fir eis Gemeng. De Service des eaux ass och ënnert deen Departement komm.

Dat sinn déi sämtlech nei Kreatiounen. Dir gesitt, an déi zielen ech net op, mir hunn och verschidde Modifikatiounen vu verschiddene Poste gemaach, well mer verschidde Leit hate mat méi engem héijem Diplom. Mir sinn der Meenung, datt se no deem Diplom solle bezuelt ginn, wou déi Leit dann och hunn.

An dann ass ee Posten, wou virdru gesot ginn ass, wou am Schoulservice geännert gëtt. Do war eng Enseignante drop, do kënnt elo en Administrativen drop. Dat si lauter Funktionementsposten. Dat si keng nei Posten, déi mer kreéieren. Dat si Modifikatiounsposten, wat mat de jeeweilege Chef-de-services ofgeschwat ginn ass a mat de responsabele Schaffen.

Dir gesitt, datt dat e groussen Impakt huet. Ech mengen, datt et einfach Zäit ginn ass, dat ze maachen, wa mer wëlle wierklech top Servicer ubidden. Optimal Aarbechtskonditiounen fir jiddwereen an déi bescht Déngschtleeschung fir eis Bierger a Biergerinnen. Wa se heihinner uruffen, wa se heihinner kommen, da mussen se dat kréien.

En plus, déi nei Erausforderung: alles, wat Energie, wat Wunnen ass. Och wann dat net d'office eng Gemeng ass, déi dat muss maachen, sinn ech awer

der Meenung – an ech mengen, mir alleguer sinn der Meenung –, datt et wichteg ass, datt mer dat kreéieren. Eist Zil ass et jo, eng Stad am Déngscht vun de Bierger a Biergerinnen ze sinn. Dofir brauche mer all déi Leit.

Et si vill Posten. Déi éischt Fro, déi komme wäert: Wat kascht dat? Dat ass jo och eppes. Et schéisst ee jo net aus der Héft. Dat Ganzt kascht eis. Wann déi Plazen all wäerte besat sinn am Laf vun dësem Joer, d'nächst Joer, d'iwwernächst Joer, da wäert dat e Surplus am ordinäre Budget sinn – Dir sëtzt jo all – vun dräi an enger hallwer Millioun pro Joer.

Déi Carrière sinn natierlech elo gerechent mat Anciennetéit. Mir hunn do eng Moyenne geholl. Et kann natierlech sinn, datt mer herno méi e Jonken astellen oder ee mat Anciennetéit. Mä d'Augmentatioun am ordinäre Budget, wann den Organigramm do ass, beleeft sech ëm 3,5 Milliounen Euro d'Joer, wou d'Stad Déifferdeng wäert méi Paie mussen bezuelen.

Dat gesot, sinn ech gespaant op Är Reaktiounen. Villmools Merci.

Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech huelen am Numm vun der LSAP Stellung zu deem Organigramm. Fir d'éischt wëll ech soen, mir hunn aner Zäite kennt, wou mer hei gedréckt a gekuckt hunn, wéi mer nach eens ginn oder eens solle gi mat wéineg Moyenen, ze wéineg Moyene fir eis Stad, déi an der Entwécklung war.

Duerno koum d'Gemegefinanzreform. Dunn huet d'Situatioun schonn anescht ausgesi fir eis Gemeng a Stad. An ech wëll drun erënneren, dass dat ënnert de Sozialiste stattfonnt huet, oder ënnert der viregter Regierung. Fiederféierend waren d'Sozialisten, den ehemolegen Inneminister.

Do hu mer natierlech no där Aktioun 11 Milliounen Euro d'Joer méi am Budget. Et schéngt mer evident, vu dass eis Servicer deem Wuesstum, där Stadentwécklung unzepassen. Dofir schéngt et eis och normal, dass mer een Deel vun

6. Organigramme

deene Suen an d'Personal investéieren a versichen, eis Betriber gutt an nei ze strukturéieren.

Dir hutt et gesot, Här Buergermeeschter, et ass wichtig, dass mer éischters kompetent Leit hunn, mat där adequater Formatioun. Awer och deelweis e gudder Mix vun Erfahrung an enger gudder Basisformatioun ass do wichtig. Immens wichtig ass d'Motivatioun vum Personal. Wann d'Personal zefridden ass a mer net ëmmer musse fäerten, mir géife Burnoute kréien, well se all iwwerlaascht sinn, da kréie mer e bessert Aarbechtsklima. An da si mer um richtege Wee. De Profiteur dovunner sinn eis Biergerinnen a Bierger dobaussen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Dësen Organigramm bréngt neien Elan fir déi zukünfteg Stad, déi op 30.000 Awunner a méi zougeet. Wou mer awer och mat Iech d'accord sinn, wann een dat e bësse bremsen kann, da soll een dat natierlech maachen.

Et sinn nach e puer Inconnuen. Mer konnten d'Rapporte liesen vum deenen zwou Delegatiounen, d'Beamten- an d'Aarbechterdelegatioun. Déi sinn der Meenung, dass et an déi richteg Richtung geet. Mä bei den Aarbechter gëtt kritiséiert, dass nach ze vill CDDen do wäeren.

A wat virun allem vermësst gouf, dat war den Dialog betreffend der Ëmstrukturéierung vum Service des eaux, dat heescht deen neie Service ressources naturelles. Wou mer nach wollten e puer Explikatiounen froen, wéi dat elo geduecht ass, wéi dat soll funktionéieren. Reng theoretesch kéint ee sech dat virstellen. Mä do si Servicer, déi vläicht hätte missten erkläert kréien. Oder wou mer hätte misse am Virfeld soen, wat sech do geduecht gëtt, wéi dat virugeet mat deene Leit an esou weider.

Déi Leit hunn eng gewëssen Aufgab, eng wichteg Aufgab erfëllt. Virun allem am Waasserwirtschaftsamt, wou mer

gutt Aarbecht geleescht kritt hunn. Et ass jo net, dass een déi Aarbecht wëll kritiséieren. Dovunner gi mer mol aus. Et ass eben eng nei Orientéierung. Mä et wär gutt gewiescht, wann dat am Virfeld mat deene Servicer diskutéiert gi wär.

Dir hutt haut gesot, dass mer 53 zousätzlech Poste kreéieren. Am Laf vum leschte Joer hat Der eng Kéier heibanne gesot, mir hätten eppes ëm déi 170 Leit, agestellt – ech weess elo net méi de geneeë Chiffer. Ech wollt froen, ob mir kéinten eng nei Oplëschtung kréien ab deem Datum. De 17. Juni 2017 mengen ech waren déi Leit agestellt ginn.

Do waren eng ganz Partie CDDen drënner, wat jo kritiséiert gëtt. Eng Partie vun deene Leit wäerte jo elo bestëmmt an e CDI ëmgewandelt ginn. Wa mer dat emol kéinte gesinn. Mir hatten esou vill CDDen. Ech schwätzen elo net vun Nimm, ech schwätze vu Posten an de Servicer, am CID oder wou et dann eben ass. Wéi déi agestuuft waren, wéi se vläicht am Laf vun der Carrière geännert hunn – vläicht einfach mat engem Kräiz, fir ze weisen, déi si CDI ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kee Problem.

ERNY MULLER (LSAP):

Vun deenen 53, dat si jo lauter nei Posten, wa mer dat elo richteg verstane hunn. Dat ass dann d'Zukunft. An dësen Erklärungen, an deem Anhang zu dësem Organigramm sinn déi Poste jo alleguer beschriwwen. Soudass am Fong dat, wat bis elo geschitt ass, interessant wär ze hunn. Wa mer dat kéinte kréien, wär ech ganz frou doriwwer.

Allgemeng – ausser deem Bemoll do mam Transfert vum Service des eaux –, geet deen neien Organigramm an déi richteg Richtung. E wäert am Interêt vun eiser Populatioun sinn. Ech soen Iech Merci.

La ville est en train de croître. Il est donc évident qu'il faut adapter les services au développement. Par conséquent, une partie de l'argent est investi dans le personnel.

Comme l'a dit le bourgmestre, les employés doivent disposer de la formation adéquate, mais aussi de suffisamment d'expérience. Le climat au travail s'améliorera si les employés ne sont pas constamment surmenés. Les citoyens en profiteront. L'organigramme apporte un nouveau souffle à une ville approchant les 30 000 habitants.

Les délégations des fonctionnaires et salariés estiment que l'organigramme va dans la bonne direction, mais regrettent le nombre important de CDD chez les ouvriers et le manque de dialogue concernant la restructuration du service des eaux. Comment le service des ressources naturelles fonctionnera-t-il? Il aurait peut-être fallu fournir des explications aux employés au préalable. Le service des eaux a toujours fait du bon travail. La restructuration n'est donc pas une critique envers le travail des employés.

Aujourd'hui, il est question de 53 créations de postes. L'année dernière, le bourgmestre avait parlé de 170 recrutements. Le conseil communal pourrait-il recevoir une liste? Les recrutements ont eu lieu le 17 juin 2017. Les CDD sont-ils devenus des CDI?

(Interruption)

Erny Muller ne demande pas nécessairement les noms, mais simplement une liste des modifications de carrières.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

n'y voit pas d'inconvénient.

ERNY MULLER (LSAP) constate que les 53 postes créés aujourd'hui constituent l'avenir. Les conseillers communaux disposent déjà d'une liste annexée à l'organigramme. Erny Muller s'intéresse plutôt aux recrutements des années précédentes.

Erny Muller salue le nouvel organigramme avec un bémol concernant le transfert du service des eaux.

6. Organigramme

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

salue à son tour le nouvel organigramme. Il était temps! Elle suppose que tous les conseillers communaux sont du même avis.

Lorsqu'on sait à quel point la commune a crû, on se rend compte que cette adaptation était inévitable même si les dépenses ordinaires augmenteront de 3,5 millions d'euros par an.

Il s'agit de proposer un service de qualité aux citoyens tout en améliorant la qualité de vie des employés.

Comme l'a dit M. Muller, les délégations des fonctionnaires et des salariés ont remis un avis favorable. Les 53 postes ne seront pas occupés immédiatement. Il faudra lancer des appels à candidatures.

Les écologistes approuveront l'organigramme.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

salue à son tour la création de postes et espère que cela permettra de réduire la masse d'heures supplémentaires. Il était temps, car avec l'augmentation de la population, il était évident qu'il fallait recruter.

Ces 50 postes pèseront sur le budget ordinaire à hauteur de 3,5 millions d'euros par an. Quel pourcentage des dépenses ordinaires les frais de personnel représenteront-ils?

François Meisch salue la création des départements du logement et des ressources naturelles.

Les démocrates approuveront l'organigramme actualisé.

GUY TEMPELS (CSV)

constate qu'il ne sera pas facile de mettre le nouvel organigramme en application. Mais il s'agit d'une décision nécessaire, bien que coûteuse. C'est le résultat de l'arrêt des recrutements il y a plusieurs années.

Tous les services communaux seront renforcés. Il est question de 43 postes en plus des modifications. Cela aura des répercussions sur le budget ordinaire.

Comparé à d'autres grandes communes, Differdange ne compte pas un nombre excessif d'employés.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Muller. D'Madamm Rausch-Brassel Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- a Schäferot, mir als gréng begréissen dësen Organigramm, dee längst fälleg ass. Ech woe souguer ze soen, dass mer eis heibannen alleguerten doriwwer eens sinn.

Et ass e Projet, dee sech souzesoen opzwéngt. Wann ee kuckt, wéi a wéi vill eis Gemeng gewuess ass, da versteet een en. Och wa sech wierklech en enorme Budget vun dräi an eng hallef Millioun am Budget pro Joer nidderschleift, deckt en zwee Voleten of. Wat deem entgéintkënnt, wéi eis Gemeng gewuess ass. Soudass een dem Bierger e qualitativ héichwäertige Service ubidde kann. A wou een awer och d'Konditiounen op der Aarbechtsplaz vun deenen eenzelne Leit hei an deene verschiddene Servicer verbessere kann.

Wat ech ervirhiewe wëll, den Här Muller huet et scho gesot, ass, dass d'Delegatioun vun de Fonctionnaire wéi d'Delegatioun vun den Aarbechter en Avis favorable ofginn hunn. An dass déi 53 Leit jo elo net alleguer beieneen op ee Coup agestallt ginn. Si sinn ausgeschriwwen, an au fur et à mesure, wéi se da gebraucht ginn, wäerte se hei eng Plaz fannen.

Ech soen Iech villmools Merci. Mir wäerten deen Organigramm als gréng stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här François Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréissen déi beachtlech Unzuel vu Créations de postes am Organigramm

an hoffen, dass doduerch déi masseg Iwwerstonnen an déi plazeweis dach grouss Iwwerlaaschtung endlech ofhuelen. Schued, dass dat esou laang schleefe gelooss gouf. Wuelwëssend, dass beim enorme Wuesstum vun eiser Gemeng méi Personal gebraucht gëtt, um administrative wéi och um techneschen Niveau.

Wann déi iwwer 50 Plaze bis besat sinn, huet dat, mir hunn et héieren, ee finanziellen Impakt vu plus minus 3,5 Milliounen Euro d'Joer. Gäre géife mer wëssen, bei wéi engem Prozentsatz mer mat deem Rekrutement bei de Personalausgaben am Ordinäre landen.

Ze begréisste sinn déi nei ausgewisen Departementer Logement a Ressources naturelles. Woubäi et virun allem beim Logement wierklech un der Zäit ass.

D'DP stëmmt den aktualiséierten Organigramm gäre mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Meisch. Den Här Tempels an dann den Här Diderich.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, sécherlech ass et net einfach, dësen neien Organigramm esou duerchzezéien. Et ass awer batter noutwendeg, dësen dach net bëllege Schrëtt ze maachen.

Vläicht ass et d'Resultat, dass virun enger Rei Joren een Astellungsstopp decidéiert gi war. Mir musse bedenken, dass eis Gemeng konstant gewuess ass an datt de Service un eise Bierger steteg wüsst.

Wa mer eis dësen Organigramm ukuken, gesi mir, datt all eis Gemengeservicer wäerte Leit bäikréien. Eng Verstärkung, déi op ville Plaze batter noutwendeg ass. 43 nei Poste stinn hei zur Debatt, ouni déi verschidde Modifikatiounen. Net näischt. Wat sech herno och an eise ordinäre Budget wäert bemierkbar maachen. Hei wäerte mir déi 50-Pozent-Mark knacken.

6. Organigramme

Ech hu mir soe gelooss, dass am Vergläich mat grouse Gemengen, Déifferdeng bis elo net iwwerbesat war, wat d'Personal ugeet. Mir vun der CSV sinn der Meenung, mir sollen dëse Schrëtt maachen. Ginn dem Schäfferot awer mat op de Wee ze kucken, wéi déi verschidde Servicer nach kéinte besser zesummeschaffen, fir dat ze erreechen, wat mer alleguerde wëllen: Déifferdeng no vir bréngen.

Merci. Mir stëmmen mat Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, dësen Organigramm ass e grouse Schrëtt. Et ass och e wichteg Schrëtt an enger Rei Beräicher allgemeng. Sou wéi gesot ginn ass, dass eng Gemeng, déi wisst an déi an der Vergaangenheet am Fong schon net genuch Personal hat, fir all hir Aufgabe gutt ze erfëllen.

An – ech mengen, den Här Muller huet dat och esou gemengt – hoffentlech net nëmme fir dat Gutt vum Bierger. Och eis Employéen a Fonctionnaire si Mënschen a Bierger. An och fir hiert Gutt a fir hir Gesondheet ass et sënnvoll, wa kee muss op e Burnout kommen. Dofir ass et ganz wichteg, dass do déi richteg Aarbechtskonditiounen si fir déi, déi se leeschten a fir déi, déi Beneficiaire si vun där Aarbecht.

Ech wëll e puer Saachen eraussträichen. Dat eent ass de Service Logement, deen elo endlech gegrënnt gëtt. Eng Fuerderung, déi ech säit längerer Zäit hei am Gemengerot ëmmer erëm ervirbruecht hat a begréisst hunn, dass dat am Koalitionsaccord dunn endlech seng Plaz fonnt hat.

Vu dass gesot gëtt, dass déi 53 elo net alleguerde mateneen agestellt ginn, wollt ech froen, wéi eng Posten elo ganz geschwënn ausgeschriwwen ginn. An ob de Service Logement ee vun deenen ass, deen esou schnell wéi méiglech ausgeschriwwen gëtt an do dann och wierklech rekrutiert gëtt.

Well wa mer Poste kreéieren a si ginn net besat, da kann dat bei verschiddene Manner wëll sinn, besonnesch do, wou vläicht direkt véier Agent-polyvalente virgesi sinn an dat vläicht och e bësse vill gëtt fir d'Aschaffen, wann der direkt véier op ee Coup ukommen. Mä do, wou grad e Service gegrënnt gëtt, do misst ee kucken, dass dat bei deene wichteg Servicer, wéi ebe Logement, sou schnell wéi méiglech de Fall ass.

E Service enfance et jeunesse ass elo virgesinn am Département social. Och dat ass eppes, wat mir als déi Léink an eise Wahlprogramm haten. A begrëssen, dass dat elo gemaach gëtt. Hei och d'Fro, wéini dat da wäert de Fall sinn.

Den Département ressources naturelles begrësse mer ausdrécklech. Dat ass ganz wichteg. An dat och ënnert deem Begrëff zesummenzeféieren. Et muss een elo kucken, wéi dat an der Organisation genee ausgesäit. Ech mengen, dass et wichteg ass, eis Ressourcë méi wäit wéi just dat Obligatorescht ze kucken. An do wierklech och eng Politik ze entwéckelen, déi nohalteg ass.

Eng Fro hätt ech nach. Dir hat gesot, beim Travailleur désigné géif elo eng Création de poste kommen. Am Fong bräicht et awer do nëmme zéng Stonnen. Vu dass mer e Mail kritt hu vun ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Zéng Stonne méi, gell.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zéng Stonne méi wéi déi, wou elo do sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Vu dass mer e Mail kritt hu vum Ausschoss vun der Delegatioun vun den Aarbechter iwwert den Délégué à la sécurité et à la santé. Do gëtt geschwat dovunner, dass legal gesinn am Ganze

C'est pourquoi les chrétiens sociaux soutiennent le projet. Le collègue échevinal doit veiller à une bonne coopération entre les services pour faire avancer Differdange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que le nouvel organigramme constitue un grand pas dans la bonne direction, car Differdange est une ville en pleine croissance, qui n'avait pas assez d'employés pour remplir toutes ses missions par le passé.

Comme l'a dit M. Muller, il n'est pas seulement question des citoyens, mais aussi du bien-être et de la santé des employés et fonctionnaires. Il est important que les conditions de travail soient bonnes. Parmi les éléments que Gary Diderich souhaite mettre en avant figure le service du logement. Il s'agissait d'une de ses revendications. Comme les 53 appels à candidatures ne seront pas lancés ensemble, il voudrait savoir lesquels seront lancés dans l'immédiat, et si les postes pour le service du logement en font partie. Car s'il n'est pas forcément nécessaire d'engager quatre agents polyvalents en même temps, les recrutements pour un nouveau service sont importants.

Un service enfance et jeunesse sera créé au sein du département social. Cela aussi faisait partie du programme électoral de déi Léink.

Gary Diderich salue la création du département des ressources naturelles. Il faudra voir comment ce département sera organisé et mettre en place une politique vraiment durable.

Pour ce qui est du travailleur désigné, seules dix heures sont nécessaires.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) précise qu'il s'agit de dix heures supplémentaires.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que d'après le comité de la délégation des salariés, 54,5 heures sont nécessaires d'un point de vue légal. Il suppose que le poste de délégué à la sécurité et à la santé est occupé actuellement à hauteur de quarante heures par semaine. Il en manque

6. Organigramme

donc au moins 14,5 — soit davantage que 10.

Gary Diderich a l'impression qu'il existe des discordances entre le bourgmestre, le collège échevinal et le comité. D'après le courrier électronique que les conseillers communaux ont reçu, un accord n'a toujours pas été trouvé.

ALI RUCKERT (KPL) signale que d'après un représentant de la majorité, ces recrutements étaient nécessaires depuis longtemps. Cela prouve que les critiques du KPL contre l'arrêt des recrutements et la politique d'austérité étaient justifiées. Ali Ruckert en est content. Le collège échevinal apprend, mais il apprend trop lentement.

(Rires)

Ali Ruckert ajoute qu'il apprend beaucoup trop lentement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond à M. Ruckert qu'il l'aime.

ALI RUCKERT (KPL) estime que cette perte de temps a eu des conséquences négatives sur les employés. Il aurait suffi d'écouter les communistes.

L'organigramme se base sur les priorités politiques du collège échevinal.

(Interruption)

Ali Ruckert ajoute que l'opposition n'a pas participé à l'élaboration de l'organigramme. C'est pourquoi il ne l'approuvera pas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

suggère à M. Ruckert de faire des propositions.

ALI RUCKERT (KPL) signale que la création du service du logement est fantastique, mais qu'elle survient beaucoup trop tard. Cette idée figurait dans le programme électoral des communistes il y a 12 ans. Il était temps.

(Interruption de M. Traversini)

Ali Ruckert se dit content qu'une revendication du parti communiste soit enfin réalisée. Il reste à voir quelle sera l'envergure du service. Les communistes ont également proposé de créer un service communal de conseils juridiques. Les personnes aux revenus limités pourraient en profiter. Mais comme

54,5 Stonnen néideg wären. Wann ech dovun ausginn, dass mer der am Moment 40 hunn, da bräichte mer beim Rekrutement mindestens 14,5 weider. Dann ass ze begréissen, dass mer hei e ganze Poste kreéieren. Dat sinn awer méi wéi déi zéng Stonnen, déi Der elo genannt hutt.

Déi zousätzlech Fro, déi sech an deem Kontext stellt, ass, ob bei der Vertriebung vum Personal déi néideg Zäit zur Verfügung gestallt gëtt, fir dass si och genuch Zäit zur Verfügung hunn, fir en Délégué à la sécurité et à la santé ze hunn. Do schéngt Oneenegkeet ze bestoen tëschent Iech, Här Buergermeeschter respektiv dem Schäfferot an dem Ausschoss. Do wollt ech nofroen, nodeems mer déi Mail kritt hunn, well do keen Accord ze fannen ass.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ruckert, ganz gären.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, grad hat e Verrieder vun der Majoritéit gesot, déi Astellunge wäre längst iwwerfällg. An anere Wieder: All déi Kriticken, déi d'Kommunistesch Partei an de leschte Joren ervirbruecht huet géint déi Spuerpolitik, déi hei gemaach ginn ass, géint den Astellungsstopp, gesi mer haut, dass déi richtig waren.

An da muss ech soen, do sinn ech ganz frou driwwer. Dir léiert zwar, mä Dir léiert vill ze lues.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn Iech därmoosse gär, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir léiert vill ze lues. Wat negativ Auswirkungen op de Betrib an der Ge-

meng huet an op eenzel Beschäftegt. An dat hätt net misse sinn, wann Der op déi Kriticke gelauschtert hätt, déi d'Kommunistesch Partei gemaach hat.

Dësen Organigramm orientéiert sech un de politesche Prioritéite vum Schäfferot.

ENG STÉMM:

Majo sécher.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass jo kee vun der Opposition gefrot ginn, fir mat un deem Organigramm do ze schaffen. Dat ass e Grond, firwat ech net dofir stëmme wäert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt awer Proposen haut maachen, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech maachen dat och.

Et stinn zwar Kreatiounen dran, wéi zum Beispill de Service Logement – eng fantastesch Saach, déi awer vill ze spët kënnt. Ech erënneren drun, d'Kommunistesch Partei hat dat virun zwielef Joer an hirem Wahlprogramm. Dat war deemools ofgeleent ginn. Ech hat dat schonn e puermol hei am Gemengerot ervirbruecht. Elo kommt Der domat.

Ech si frou, dass Der endlech eng Fuerderung vun der Kommunistescher Partei iwwerhuelen an dass dee Service hei gemaach gëtt. Elo muss een natierlech nach kucken, a wat fir engem Ausmooss dat geschéie wäert.

Aner Fuerderunge sinn natierlech net dran. Ech wëll drun erënneren zum Beispill, dass d'Kommunistesch Partei de Virschlag gemaach hat, och e Service ze schafe fir eng juristesche Berodung vun der Gemeng. Dass besonnesch déi Leit, déi net esou gutt bemëttelt sinn, net vill Sue müssen ausginn, wa se juristesche Saachen hunn. Dat ass zum Beispill ee Virschlag, dee mer gemaach hunn, deen ech hei net erëmfannen. Mä wéi gesot

6. Organigramme

d'politesch Prioritéite vum Schäfferot ginn hei virgeholl.

D'Kommunistesch Partei wär an eng ganz aner Richtung gaangen, an dofir wäert ech mech beim Organigramm enthalen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eenzel Froen. Wéi eise Fraktiounsspriecher gesot huet, ass et batter néideg, wat d'Opstocke vum Personal ugeet, mat där Vitesse, wéi eis Stad gewuess ass.

Ech hu Froen zu deenen eenzelnen, fir net dat nach eng Kéier ze soen, wat den Här Muller gesot huet, ugefaange beim Waasserservice. De responsabele Schäfte wier den Här Ulveling. Mä ech hunn elo hei den Organigramm gekuckt. Do steet de Service des eaux elo ënner Ressources naturelles. En ass och gréng ugezeechent.

Wëllt dat heeschen, datt dee Service elo un de Service écologique, un deen neie Service gekoppelt gëtt? Heescht dat, datt deen aus dem Service technique erausgeet? Dat fannen ech relativ komplizéiert. Well dat funktionéiert de Moment am Service technique relativ gutt. Oder wéi gesitt Der dat?

Well dat net méi ënnert dem Schäfte leeft, deen elo responsabel fir de Service technique ass. Dat leeft jo ënnert dem Schäfte, deen elo responsabel ass fir den Environnement, den Här Liesch. A wéi dat soll fonctionnéieren? Bleiwen déi Leit sur place oder gëtt dat dann heihinner geréckelt an de Service écologique? Oder wéi soll dat fonctionnéieren?

Dat ass eng Fro, déi ech mer gestallt hunn, wéi ech den Organigramm gesinn hunn. Well ech dat relativ komplizéiert fannen. Well et bis elo gutt fonctionnéiert huet. Déi musse jo zesumme mat der Elektrizitéit a mat deenen anere Servicier, déi mer am Service technique hunn, zesumme fonctionnéieren. Wann déi elo do erausgeholl ginn, do

hunn ech mer d'Fro gestallt, wéi dat dann herno sollt fonctionnéieren. Dir wäert mer do drop eng Äntwert ginn.

Déi aner Fro ass: Den Här Buergermeeschter huet geschwat vun 53 Leit, déi elo an deene Servicier hei solle bäikommen. Do hunn ech mer d'Fro gestallt – well mer elo schonn hei e bëssen openee sëtzen –, wou déi Leit da sollen hikommen. Et kann ee jo keng Leit astellen, wann een net weess, wou ee se hi soll setzen, wou déi Büroe sollen hikommen.

Zemoools wat den administrativen Deel ugeet, si mer um Maximum an deem Gebai hei ukomm. Ech weess, datt dat Gebai ënnen an der Charlotte-Strooss geschwë fäerdeg ass. Ob déi dohi kommen. Mä dat hat jo och schonn eng aner Vociatioun kritt. Wou de Schäfferot dann elo mat deene Leit wëll higoen. Oder ob eppes virgesinn ass, fir déi Leit ënnerdaach ze kréien. Dat si Froen, déi ech ze stellen hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech versichen ze äntweren. Éischtens emol Merci, datt bal jiddweeren zoustëmmen wäert. Ech maachen Iech herno eng Propos, Här Ruckert, vläicht stëmmt Der dann nach mat.

De Service des eaux gëtt do net ewechgeholl. Ech mengen, datt am Service des eaux nach ëmmer eng grouss Ufro war vun deene sämtleche Chef-de-Servicen am CID, datt do muss Hëllef bäikommen. Dofir hu mer dat gemaach. De Service des eaux wäert do bleiwen, wou en elo ass. Dir gesitt, wéi vill Leit bäikommen. Dee kritt nach Aufgabe bäi.

An da wäerten déi zesummeschaffen, wéi normalerweis all Service hei op der Gemeng muss zesummeschaffen. Et ass jo net, datt ee Service, well deen elo uewen en anere Responsabelen huet, datt déi net méi wäerten zesummeschaffen. Well soss wiere mer awer schlecht drun. Mir si fënnf Leit am Schäfferot. A wa just déi Leit géife matenee schaffen, wou engem jeeweilege Schäfte ënnerstallt sinn, da géif net vill geschéien. Obwuel een heiansdo dat Gefill huet, muss ech soen.

Ali Ruckert l'a déjà souligné, les priorités politiques du collège échevinal sont mises en avant.

Les communistes seraient allés dans une autre direction et s'abs-tiendraient.

FRED BERTINELLI (LSAP) a quelques questions.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Bertinelli d'attendre une seconde. Il est en train de changer la batterie de son appareil auditif.

FRED BERTINELLI (LSAP) plaisante sur le fait que dans ce cas, il va parler plus vite.

(Interruption)

Fred Bertinelli constate que compte tenu de la croissance de la population, les recrutements étaient nécessaires.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) entend.

FRED BERTINELLI (LSAP) ne veut pas répéter une nouvelle fois ce que M. Muller a dit, mais il a quelques questions.

Le service des eaux fait désormais partie des ressources naturelles. Cela signifie-t-il qu'il dépend du nouveau service et qu'il ne fait plus partie du service technique? Cela pourrait entraîner des complications, car le service fonctionne bien actuellement. L'échevin à l'environnement est M. Liesch. Comment cela fonctionnera-t-il? Les employés resteront-ils dans leur lieu de travail actuel ou seront-ils intégrés au service technique?

Le bourgmestre a parlé de 53 recrutements. Où va-t-on trouver de la place pour ces gens? Car on ne peut pas recruter des gens si on ne dispose pas de bureaux. Le bâtiment dans l'avenue Charlotte est presque terminé, mais il est prévu pour autre chose. Que compte faire le collège échevinal?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie les conseillers communaux pour leur soutien. Il va faire une proposition à M. Ruckert.

Les chefs de service du CID demandent depuis longtemps que le service des eaux soit renforcé. C'est

6. Organigramme

ce qui va se passer. Le service restera là, où il se trouve actuellement. Mais davantage de missions lui seront octroyées et il devra coopérer avec différents services comme cela est normal. Ce n'est pas parce que le responsable change que le service des eaux ne pourra plus collaborer avec d'autres services. Malheureusement, Roberto Traversini a parfois l'impression que seuls les services d'un même échelon travaillent entre eux. Ce n'est pas ce qu'il veut. Il est convaincu que tout fonctionnera parfaitement. Et si ce n'est pas le cas, il sera toujours possible de faire machine arrière. Roberto Traversini s'étonne cependant que la délégation ne se soit plainte que dans ce cas-ci alors qu'il n'est pas unique.

Roberto Traversini rappelle que le service social et le service des jeunes seront aussi subdivisés, mais personne ne s'en est ému. Le bourgmestre espère que le service des eaux continuera à faire du bon travail comme maintenant. Les recrutements serviront à proposer davantage de services.

Roberto Traversini signale que la Ville de Differdange propose déjà plus de services que d'autres communes. À titre d'exemple, seules Dudelange, Esch et Differdange gèrent elles-mêmes les déchets. Comparer différentes communes est difficile, parce que toutes n'ont par exemple pas un service du logement. Mais il est vrai que les frais de personnel risquent de dépasser 50 % des dépenses ordinaires. En ce qui concerne les maisons relais, d'autres communes ont des listes d'attente de 800 ou 900 enfants. Il est normal qu'elles aient besoin de moins de personnel.

Le bourgmestre n'est pas contraire à l'idée d'offrir un service de conseil juridique. Les commissions devront en discuter et voir si un tel service est recherché.

Actuellement, la commune offre déjà un service d'explication de lettres administratives en plusieurs langues. Les consultations ont lieu dans la maison Krieps. La demande n'est pas très forte. Mais si M. Ruckert fait de la création de ce service une condition pour approuver l'organigramme, Roberto Traversi-

Dat ass awer net déi Zesummenaarbecht, déi ech wëll. Ech hätt gär, datt d'Leit, egal wou se sinn, matenee sinn, egal wien uewen ass, sollen zesumme schaffen. An ech mengen, datt dat herno exzellent klappe wäert. A wann net, kann een nach ëmmer zrëck an de Gemengerot kommen a soen, dat dote war vläicht net déi richteg Decisioun.

Mä et wonnert mech scho vun der Delegatioun, datt se sech just eppes erauspicken. Well mir hunn och nach aner Servicer opgespléckt. An do hu se näischt gesot. De Service social splécke mer och op. De Service Jeunesse gëtt opgespléckt. Do hu se keng Bemierkunge gemaach. Dofir fannen ech dat – bon, et ass hiert gutt Recht, dat ze soen.

Mä mir hoffen awer, datt et weider esou gutt geet. An ech hoffe jo, wann do dräi Leit bäikommen, datt et nach besser wäert goen. Dat wëll awer net heeschen, datt am Moment eist Waasserwierk net gutt schafft. Mä et mussen nach aner Servicer ugebuede ginn.

Mir hate gefrot, wéi vill Prozent dat vis-à-vis vun anere Gemengen ausmécht. Mä dat ass ganz schwéier ze erklären, well mer scho ganz vill Servicer ubidden, wou aner Gemengen net hunn. Hei am Süden, wann ech just d'Poubellen huelen, do si just dräi Gemengen, déi dat maachen. Ech ziele se op, well dat gëtt net oft gesot: dat ass Diddeleng, dat ass Esch an dat ass Déiferdeng. All déi aner Gemengen hunn eng aner Firma. Just fir ze soen. Wéi wëll een do Gemenge matenee vergläichen?

Mir hu Servicer, de Service Logement, wou aner Gemengen net hunn. Aner Gemengen hunn aner Servicer, déi mir net hunn. Dofir ass et ganz, ganz schwéier, mateneen ze vergläichen.

Ech hat dat héichgerechent, mir wäerte wahrscheinlech déi 50-Prozent-Mark, wéi Dir gesot hutt, Här Tempels, iwwerschreiden. Mä et ass ganz schwéier, mat anere Gemengen ze vergläichen. Well mir hunn e ganze Koup Servicer am Sozialen, eis technesch Dénsgchter, eist Botzpersonal – mir hu keng Botzfirma méi –, eis Maison-relaisen.

Wann ech kucken, wéi vill Leit bei eis an de Maison-relaise schaffen. Mir hu bal keng Waardelëschten. Aner Gemen-

ge ronderëm hunn 800-900 Leit op de Waardelëschten. Natierlech hunn déi manner Personal dann. Dofir ass et schwéier, mateneen ze vergläichen. Quitte, datt dat ëmmer erëm gesot gëtt.

Ech hunn absolutt kee Problem, Här Ruckert, wa mer fannen, datt mer Leit brauche fir juristesche Berodung. Iwwergens hu mir eng Persoun, déi sech hiergëtt, eemol bis zweemol d'Woch, juristesche Berodung ze ginn. Dat ass eng Juristin. Op Nofro hin – ech hat virun zwou, dräi Woche gefrot – gëtt dat net esou vill gebraucht. Mä ech hätt awer kee Problem, dat nach eng Kéier mat an eng Kommissioun ze huelen an dann doriwwer ze schwätzen. A wann et wierklech sollt gebraucht ginn, datt een dat ubidde sollt.

Mä mir sinn am Gaangen, an et gëtt net esou vill gebraucht. Och fir verschidde Bréiwer vun den Administratiounen ze verstoen, fir déi ze erklären op zwou, dräi Sproochen. Dat leeft am Moment. D'Consultatiounen sinn am Kriepsenhaus.

Et fënnt awer net deen Usproch, wéi mer geduecht haten. Mä wann dat e Grond sollt sinn, fir datt Der den Organigramm matstëmmt, hunn ech kee Problem, wann dat wierklech verlangt gëtt, datt mer herno esou ee Poste géife kreéieren. Wann dat zu enger Beräicherung vun de Servicer vun der Gemeng bäidroen sollt.

An da loosse mer et esou kommen. Ech sinn op alle Fall frou, datt Der dat d'selwecht gesitt. Déi eng e bësse méi lues, déi aner e bësse méi schlecht. Mä ech muss awer och soen, mir komme vun enger Schold, déi bal bei 100 Milliounen Euro war. Wou mer elo bei bal 50 Milliounen Euro sinn. Den Här Muller huet dat ganz richteg gesot.

A keng Ligne de crédit méi. Mir louchen ëmmer bei 15-20 Milliounen Euro Ligne-de-créditen. Déi hu mer net méi. Och duerch d'Gemengereform. Net nëmmen, mä och doduercher. Well och mat der Gemengereform si Saache bäikomm, déi mer musse bezuelen. CG-DIS, wou mer iwwer eng Millioun, annerhallef Millioun musse bezuelen. D'Personal vun der Schoul ass ewechkomm.

6. Organigramme

Ënnert dem Stréch, muss ee soen, huet d’Gemeng Déifferdeng elo méi dovunner. An dat, mengen ech kann ee soen, war och en ausschlaggebende Punkt, fir dat hei elo esou drastesch an d’Luucht ze setzen.

A wéini déi Leit agestallt ginn? Am léifste muer. Mir maache keen Organigramm, fir ze soen, mir stellen déi eréischt an zéng Joer an. Mir wëssen awer, datt dat net realistesch ass, fir se muer all zesummen anzestellen. Mä mir wäerten awer esou schnell wéi méiglech d’Plazen an den Zeitungen ausschreiben.

Mat de Plazen ass et esou: Mir hunn nach verschidden Aarbechtsplazen, Büroen hei am Gebai. Net méi vill. Am Service technique wäert deen een oder anere Büro fräi ginn, well verschidde Saache wéi de SIKOR, dat ass de Kordall, huet näischt méi bei eis ze dinn. Déi sichen en anert Lokal.

Verschidde Servicer wäerte mer zesummesetzen. Servicer, déi vun der Gemeng prestéiert ginn, Energie zum Beispill, wäert eventuell erofkommen. Dat gëtt Spillraum. A mir hoffen, datt 2022 spëtstens, Här Ulveling, déi nei Gemeng fäerdeg ass. Den Här Ulveling ass ganz intensiv am Gaang drun ze schaffen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An deen neie CID.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An deen neie CID. Och 2022. Majo 2022 ass da villes fäerdeg. Den Här Ulveling ass am Gaang drun ze schaffen, fir d’Gemeng op 4.000-5.000 m² ze erweideren. Datt mer net nëmmen d’Servicer ubidden, déi mer hei hunn, déi Leit, déi mer haut gestëmmt hunn, mä och déi Servicer, déi am Moment extern sinn. Datt mer déi all hei regroupéieren. Datt wann d’Bierger an d’Biergerinnen op d’Gemeng kommen, se all d’Servicer hei op der Gemeng fannen. Dat ass op alle Fall eist Zil, wat mer eis setzen.

Dat gesot, sinn ech op alle Fall frou fir déi grouss Zoustëmmung. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hutt et gesot, mir sinn am Gaang, hei ronderëm d’Gemeng ze plangen, fir ze vergréisseren. Do wäerte mer iwwer 2.000 m² méi kréien. Mir sinn och am Gaang ze kucken, wéi d’Servicer intern anescht funktionnéiere kënnen. De But ass, dass d’Leit, wann dat alles fäerdeg ass, all déi Saachen, déi se brauchen, op enger Plaz kënnen maachen. Respektiv maximal op zwou Plazen.

An dass een dat alles op engem Stack e bësse gruppéiert. Well et awer e Problem ass de Moment – dat wësst Der jo –, dass hei am Haus all Mënsch ronderëm leeft. Et weess keen, wien eran an erausgeet. Dass mer dat esou securiséieren. Dass all déi aner Saachen, déi net esou direkt vum Public accessibel sinn, eben dann nëmmen accessibel sinn, wann ee se dohinner eraléisst.

Och de CID si mer am Gaang ze plangen. Si si scho relativ wäit virun. Do wëll ech soen, dass alles, wat mer plangen, natierlech esou plangen, dass et net schonn ze kleng ass, mä éischer ze grouss ass, wa mer ufänken. Well mer jo wëssen, dass mer eis e CID nëmmen all 50-60 Joer leeschte kënnen respektiv baue kënnen. Soudass mer do Plaze wäerten ze vill hunn, zumindest am Ufank.

De Buergermeeschter huet et gesot, déi meescht Servicer wäerte mer an Zukunft hei op der Gemeng zentraliséieren. Dass d’Leit net mussen hin an hier lafen. E puer Servicer wäerten och an de CID goen. Dat ass mat deenen ofgemaach.

Wat den Här Bertinelli gesot huet – ech verstinn e bësse seng Suerg, ech hunn déi och. De Waasserservice huet ëmmer gutt funktionnéiert. An e funktionnéiert och ëmmer nach gutt. Mä de Waasserservice ass haut esou eng wichteg Saach, wou mer vum Waasserwirtschaftsamt héich Ufuerderunge gestallt kréien, dass een et méi professionell maache muss.

Et ass elo net, fir een hei erofmaachen ze wëllen, mä dat muss wierklech an Zukunft professionell gemaach ginn. An ech mengen, da muss ee kucken. Ech gesinn dat esou, dass dat e Service ass, deen dual funktionnéiert. Den Här Liesch an ech selwer, mir schwätzen och heiansdo mateneen. Et ass net esou,

ni ne voit pas d’inconvénient à créer un poste supplémentaire.

Il rappelle que la dette de la commune se montait à cent-millions d’euros et qu’elle est descendue à cinquante-millions d’euros. La commune n’a plus de ligne de crédit non plus. Tout cela n’est pas seulement dû à la réforme des finances communales. C’est cette bonne situation financière qui permet les recrutements d’aujourd’hui. Il n’est pas réaliste de penser que les nouveaux postes seront tous occupés demain, mais l’objectif est d’engager ces personnes le plus vite possible.

Pour ce qui est des bureaux, il en reste encore quelques-uns à la mairie. Quelques-uns vont se libérer au service technique. Le SIKOR va déménager. Certains services vont être rassemblés. La nouvelle commune devrait être terminée en 2022.

TOM ULVELING (CSV) y ajoute le nouveau CID.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que M. Ulveling compte agrandir la mairie à 4000 m² ou 5000 m². Il s’agit de regrouper tous les services sur un site pour faciliter les démarches des citoyens.

Roberto Traversini se réjouit du vaste consensus.

TOM ULVELING (CSV) confirme que la commune va s’agrandir de 2000 m². Il faut aussi réfléchir au fonctionnement des différents services. Ils devraient tous être regroupés sur un site.

(Interruption)

Tom Ulveling regrette qu’actuellement, tout le monde puisse entrer dans l’hôtel de ville et s’y déplacer librement. Or certains services ne devraient être accessibles aux citoyens que sur demande.

Les travaux pour le nouveau CID avancent vite. Comme la commune ne peut se permettre un nouveau CID que tous les cinquante ou soixante ans, il faut prévoir des locaux suffisamment grands.

Comme l’a dit le bourgmestre, la plupart des services seront centralisés à la commune. D’autres seront installés au CID.

Tom Ulveling partage les inquiétudes de M. Bertinelli. Le service

6. Organigramme

des eaux a toujours bien fonctionné. Mais l'Administration des eaux demande que le service soit professionnalisé. L'échevin insiste sur le fait qu'il ne s'agit pas de dénigrer le travail des employés.

Il estime que le service des eaux doit travailler sur deux voies. Il discute souvent avec M. Liesch. Il n'est pas question d'enlever un service à un échevin pour le donner à l'autre. Il y va uniquement du fonctionnement du service. Si le collègue échevinal devait constater que la nouvelle organisation ne fonctionne pas, des modifications pourraient être apportées.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande à M. Ruckert s'il approuvera l'organigramme.

ALI RUCKERT (KPL) *répète que la commune ne fournit pas de conseil juridique aux citoyens.*

(Interruption de M. Traversini)

Ali Ruckert demande à M. Traversini de ne pas prétendre le contraire. Le gouvernement — et M. Traversini fait partie de la majorité — a aboli le service qui était proposé gratuitement au tribunal. C'est pourquoi les habitants rencontrant des problèmes financiers sont en difficulté.

Les communistes demandent la création d'un service offrant un conseil juridique. Si le bourgmestre garantit à Ali Ruckert que ce sera fait, il approuvera l'organigramme. Autrement, il s'abstiendra.

(Interruption et discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
propose d'en discuter au sein du ProSud. Car si on engage un conseiller juridique, il faut lui donner suffisamment de travail. Et Roberto Traversini craint qu'il ne soit pas possible de l'occuper quarante heures par semaine.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *estime que M. Traversini mélange conseiller juridique et écrivain public. L'écrivaine publique est juriste de formation, mais elle n'offre pas un conseil juridique aux citoyens. Il n'y a pas non plus de communication à ce sujet. Un service a beau être utile, si les citoyens ne savent pas qu'il existe, ils ne peuvent pas*

dass do elo een deem anere wëll eppes ewechhuelen oder iergendeppes wëll hunn. Dat ass am Interêt vun der Saach. A mir kucken, wéi dat funktionéiert. Wann et net funktionéiert, de Buergermeeschter huet et jo gesot, da kann een dat nach ëmmer anescht maachen.

Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da géife mer zum Vott kommen. Här Ruckert, Dir stëmmt dofir? Dofir frot Der d'Wuert?

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, mir hu kee juristesche Berodungsdéngscht op der Gemeng. An Dir däärfst et och net esou duerstellen, wéi wann dat esou wär. Dat ass net de Fall.

Dir wësst ganz genau, dass déi Regierung, déi mer hunn — an Dir sidd an enger vun deene Parteien —, an der leschter Legislaturperiod dee Beroder, deen et vum Geriicht ginn ass, wou d'Leit gratis konnten op d'Geriicht goen, ofgeschaaft ginn ass. An dofir sinn esou vill Problemer an alle Südgemengen. Besonnesch fir déi Leit, déi net gutt bemëttelt sinn.

Dofir huet d'Kommunistesch Partei gefrot, dass mer esou e juristesche Berodungsdéngscht schafe sollen. Wann Dir mir elo sot, mir maachen deen, da stëmmen ech Iech och den Organigramm. Also esou wäit géif ech Iech entgéintkommen. Wann Der mer dat net garantéiert, dann enthalen ech mech bei deem Organigramm.

ENG STËMM:

Marrakesch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee, nee, et ass net Marrakesch. Ech versti ganz gutt. Ass et da méiglech, datt een dat am Pro-Sud géif eng Kéier diskutéieren? Well wann e juristesche Beroder bis hei ass, da muss en och aus-

gelaascht ginn. An dem Gefill no fäerten ech ganz, datt e mat enger 40-Stonne-Woch wahrscheinlech net genuch ausgelascht wier. Well mer eben déi Erfahrung gemaach hunn.

Mä ech kann Iech awer garantéieren, datt mer dat seriö wäerten ugoen. Mir hunn nach déi eng oder déi aner Kommissioun am Schäfferot, datt een dat kann thematiséieren. Meng Angscht ass, mat där Erfahrung, déi mer elo déi lescht dräi Joer haten, datt do net esou vill Ufroe waren.

Här Diderich, och dozou?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Fir e bësse Kloeerheet eranzebréngen: Dat, wat Dir zum Deel juristesche Berodung nennt, dat ass zwar eng Juristin, déi dat mécht, mä déi mécht e Service écrivain public. Dat heescht, déi erkläert de Leit, wat um Bréif steet. An déi hëlleft de Leit Bréiwer schreiwen. Mä eng juristesche Berodung ass bei wäitem eppes anescht.

An dat gëtt och net als juristesche Berodung no bausse kommunizéiert. Wann iwwerhaupt genuch no bausse kommunizéiert gëtt, wéi vill Servicier, déi gutt gemengt sinn a gutt sinn, et gëtt. Wa se lancéiert ginn, steet et eng Kéier am Diffmag. An den Office social, denken ech, seet dat de Leit och wahrscheinlech aktiv weider. Well net jidderee weess, dass mir hei en Écrivain public hunn. Souguer hei am Gemengerot ass net jidderengem bewosst, dass donneschdes nomëttes am Kriepsenhaus en Écrivain public ass.

Perséinlech denken ech, dass déi Propos interessant ass, dat an enger éischter Phas an enger Regioun ze gesinn. Mä da muss een och sécherstellen, dass eis Bierger matkréien, dass et dat gëtt, dass dat accessibel ass, dass et vläicht min-

6. Organigramme / 7. Règlements communaux

destens een Dag gött, wou déi Persoun och wierklech bei eis an der Gemeng ass, wa se fir eng ganz Region do ass.

An da muss een ëmmer erëm drop hiweisen. Mir mussen do kucken, an alle Kanäl dat ëmmer erëm ze kommunizéieren. Well wann d'Leit et gesinn an engem Moment, wou se et net brauchen, da gesi se et net. An dee Moment, wou se et brauchen, fanne se et net.

Dat heescht, mir musse kucken, dass déi Informatioun souwuel vum Écrivain public, deen et scho gött, wéi och, wann et an déi do Richtung soll goen, dass déi wierklech ukënn. An do muss ee sech ganz gutt iwwerleeë wéi. An do wär et da gutt, d'Kommissiounen anzubannen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hätt och kee Problem, datt mir dat am Kordall – ech mengen, dat si jo scho véier Gemengen – zesammen thematiséieren. Mä wéi gesot, et ass net, datt et d'office Nee ass. Et muss een et sënnavoll asetzen. Firwat och net iwwert d'sozial Servicer fueren an dann do eng Hëllef kréien. Ech hunn absolutt kee Problem, dat ze thematiséieren, Här Ruckert. Ech kann Iech et awer net ganz versprechen.

ALI RUCKERT (KPL):

Okay, wann Der mer dat sot, dass mer eis domat beschäftegen an dass mer kucken, an esou eng Richtung ze goen, da sinn ech och bereet, den Organigramm ze stëmmen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass léif.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et. Ech versprechen Iech dat. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme actualisé du personnel communal.

Merci un Iech am Numm vun deene ganze Leit, déi bei eis schaffen. An ech géif mengen am Numm vun de Bierger an de Biergerinne wéi och am Numm vun den Delegatiounen.

Mir kommen elo zum nächste Punkt, dat sinn eis Règlements communaux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir hutt guer net op dee Punkt vum Délégué geäntwert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah dach, ech hunn do kee Problem. Ech wär awer frou, wa mer dat kéinten an der Netëffentlecher diskutéieren. Wann Der domadder averstane sidd. Ech schwätzen net gär mat Nimm hei. Ech hunn awer kee Problem, ech géif dat an der Netëffentlecher beschwätzen, wann Der domat averstane sidd. Merci.

Da komme mer elo zu de Règlements communaux. Dat sinn dann eis Taxen. Här Liesch, dat sidd Dir.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Richtig. Wéi ugekënnegt hu mer dës Kéier net nëmme Reglement-temporaires, mä och e puer nei Saachen. Ech fänken u beim Taxereglement. Do hu mer zwou Saachen. Déi eng ass am 1535°. Do wësst Der, dass mer e Parking hunn, deen a senger Idée initiale geduecht war als Parking courte durée. Fir de Visiteuren am 1535° ze erlaben, bei de sëllege Leit, déi do schaffen, den Entreprises, déi do sinn, eng Parkplaz direkt bei der Dier ze fannen.

Mir haten eng Partie Entrevuë mat de Leit aus dem 1535°, déi eis gesot hunn, dass dee ganze Parking an där doter Aart a Weis net gebraucht gött. Dass et net esou vill Visiteure gött, fir dee ganze Parking esou ze reglementéieren. Mä dass et géif duergoe mat engem Deel

en profiter. Même les conseillers communaux ne savent pas tous qu'un écrivain public est disponible les jeudis après-midi dans la Maison Kriebs.

Gary Diderich trouve que ce type de service devrait être régional. Mais il faut veiller à ce que les citoyens soient au courant de son existence et que le juriste soit à Diferdange au moins une fois par semaine.

Ce type d'information doit être communiqué régulièrement, car si les gens n'en ont pas besoin lorsqu'ils la voient, ils l'oublient aussitôt.

En outre, il ne faut pas oublier d'intégrer les commissions dans ce projet.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose d'en discuter au sein de la vallée de la Chiers. Il n'est pas contraire à l'idée, mais il faut que la mise en application soit pertinente. Un juriste pourrait aussi être intégré aux services sociaux. Mais il ne veut rien promettre à M. Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL) est disposé à approuver l'organigramme si le bourgmestre s'engage à aller dans cette direction.

TOM ULVELING (CSV) l'en remercie.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) en fait la promesse.

(Vote)

Roberto Traversini remercie le conseil communal au nom des citoyens et des délégations.

(Interruption de M. Diderich)

Roberto Traversini propose d'en discuter dans la séance non publique, car des noms vont être prononcés.

Il passe aux règlements communaux.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) commence par quelques nouveautés dans le règlement des taxes.

Au départ, le parking du 1535° était destiné aux visiteurs du site pour qu'ils puissent trouver une place de stationnement à proximité des entreprises. Des entrevues ont eu lieu avec ces entreprises et il est apparu que le nombre de visiteurs n'est pas assez élevé pour règlemen-

7. Règlements communaux

ter tout le parking de cette manière. Les locataires proposent de limiter le stationnement à 90 minutes sur une partie du parking, mais pas sur l'autre.

Le collège échevinal a évalué la situation et a finalement décidé d'autoriser partiellement le stationnement pendant huit heures. Les locataires ne devront donc pas se rendre à l'horodateur plusieurs fois par jour.

La surface en bleu sur les plans représente la partie où le temps de stationnement reste fixé à 90 minutes.

La deuxième modification concerne le parking de la Villa Hadir. M. Bertinelli a déjà été confronté à cette question quand il était échevin. Ce parking n'est pas réglementé. De ce fait, les agents municipaux ne peuvent pas intervenir. En plus, cela ne correspond pas à la politique de mobilité de la commune.

Le collège échevinal propose de réglementer dorénavant ce parking d'après le modèle du 1535°. Le temps de stationnement sera limité à 8 heures derrière le bâtiment et à 90 minutes devant. Le stationnement sera gratuit à midi.

Le parking des Hauts-Fourneaux 200 m plus loin coute nettement moins cher. Les automobilistes pourront donc décider combien ils veulent payer.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *se réjouit du fait que le temps de stationnement passe à huit heures sur le parking du 1535. C'est un soulagement pour les locataires.*

Guy Altmeisch signale par ailleurs qu'il est interdit de remplacer le ticket de stationnement toutes les 90 minutes.

Désormais, le parking est subdivisé en deux parties. Les socialistes avaient déjà exprimé leurs inquiétudes lors de l'introduction du règlement.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉIGRÉNG) *constate que M. Liesch a pratiqué tout dit.*

vum Parking, deem ee géif limitéieren op 90 Minutten. An deem aneren Deel, war dann hir Propos, fir deem opzemaachen an déi Zäitlimitatioun opzehiewen.

Mir haten dat eng Zäit iwwerpréift. An dat huet sech du confirméiert, dass dat esou ass. Soudass mer eng Propos ausgeschafft hunn, dass dee Kräisparking direkt vir nach payant ass, awer eben an der Zäit op aacht Stonne limitéiert ass. Soudass dee méi accessibel ass fir déi Leit, déi do schaffen. Obwuel se eventuell méi musse bezuelen. Mä si mussen awer net dauernd bei den Automat rennen.

Da gesitt Der an Ärem Dossier dee Parking, dee blo agezeechent ass, deem direkt un de Gebaier ugedockt ass, och um Makadamm ass, dee bleift op 90 Minutte Restriktioun an der Zäit. Dir gesitt och um Plang, déi blo Surface, déi e bèsse méi grouss gezeechent ass, déi Encoche, déi eropgeet an d'rue de Soleuvre, déi net méi wäert opgemaach ginn, do sinn zousätzlech Parkplazen agezeechent.

Deen Zweeten, dat ass en ähnleche Fall, wou mä Virgänger, den Här Bertinelli, sech schonn de Kapp zerbrach huet, wéi mer dee gereegelt kréien. De Problem vum Parking bei der Villa Hadir ass, dass en net reglementéiert ass. A wou mer ni sou richtig woussten, wéi mer et sollte maachen, fir dat an de Grëff ze kréien.

De Problem gött ëmmer méi grav. Vu dass en net reglementéiert ass, kënnen eis Agenten do och net intervenéieren. An et contrecarréiert am Fong och e wéineg eiser Mobilitéitspolitik, déi mer hei an der Gemeng hunn.

Soudass mer elo eng Propos ausgeschafft hunn, fir deem ze reglementéieren. E bessen ähnlech wéi am 1535°. Dass mer deem Deel Parking hannert dem Gebai, hannert der Villa Hadir, payant wäerte maachen, mat enger Begrenzung vun aacht Stonnen. An dee Parking virum Gebai limitéieren op 90 Minutten, och payant. Soudass déi Betriber, déi do sinn, notament de Café-Restaurant, dass deem seng Clientèle Parking fënnt. D'Mëttesstonn ass gratis, fir de Restaurateuren e bessen ze hëllefen.

Hei muss ee soen, dass jo e Parking Hauts-Fourneaux uewenaus ass, op 200 Meter. Deen e gutt Stéck méi bëlle ass. Soudass een net muss op dee méi deiere Parking hanne goen. Soudass d'Leit da selwer decidéiere kënnen. Deen ass och accessibel.

Dat wäeren déi zwee grouss Punkten aus dem Règlement taxes. Ech huele jo un, dass mer déi Punkten eenzel alleguerten dann ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP begreisst, dass d'Parkdauer beim 1535° op aacht Stonnen eropgesat ginn ass. Eng grouss Erliichterung fir déi Leit, déi do schaffen.

Ech wéilt an deem Zesammenhang erwänen, dass dat Renne bei d'Parkaueeren, nei bezuelen an den Ticket zrëck an den Auto leeën, illegal ass, an dass dat net däerf bestoen.

Positiv ass d'Opdeelung vum Parking. D'Besoin vum de Visiteure si berécksiichtegt ginn. Mir hate schonn eis Bedenken ugemellt iwwert dese Parking beim Aféiere vum ale Règlement. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. D'Madamm Richartz, w.e.gl.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'nächste Kéier ginn ech Iech fir d'eischt d'Wuert.

7. Règlements communaux

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, Här Buergermeeschter, den Här Liesch huet elo scho bal alles gesot, wat ech mer virbereet hat. All Parking, dee payant ass, fonctionnéiert vun aacht bis zwielef a vun zwou bis sechs. D'Mëttesstonn ass ëmmer gratis.

Aner Parkingen, rue de l'Hôpital oder de Parking Cimetière Déifferdeng, si gratis. Ech hat mam Här Liesch geschwat. Do hu Leit gefrot, fir Parking ze kréien op 30 Minutten oder eng Stonn, dass se kéinte mat hire schwéiere Saachen op de Kierfecht goen. Fir bei der Entrée e Parking ze maachen op 30 Minutten. Well d'Privatleit, déi mat grouse Saachen op de Kierfecht ginn, müssen dat selwer droen. De Werding kann erafuere mat senge grouse Saachen.

Wéi gesot, den Här Liesch huet alles gesot. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hätt e puer Froen. Eng allgemeng Fro fir déi zwee Reglementer. Wann ech d'Gesetz vun 1955 liesen iwwert d'Reglementation de la circulation sur toutes les voies publiques, steet am Artikel 5, dass ka reglementéiert ginn iwwert d'Voie publique. D'Fro stellt sech bei der Villa Hadir an nach méi beim 1535°: Ass dat tel quel voie publique? Well dat jo u sech privaten Terrain ass, dee mir vun ArcelorMittal an engem laange Bail kréien. D'Fro stellt sech, ob d'Pecherten iwwerhaapt däreffe Strofe ginn.

Allgemeng stellt sech an deem Sënn d'Fro – bon, ech stellen elo d'Fro, Dir musst mer elo net direkt drop äntwerthen: Op all deene Reglementer, déi mer an der Vergaangenheet haten, och dat heiten, ass do eng Autorisatioun vum Ministère ginn? Sinn déi Reglementer alleguerten esou ofgeholl, wéi mer se bis elo gemaach hunn. Eben och dat heiten.

Wat d'Villa Hadir konkret ugeet, ass et jo esou, dass mir do Locatiounsvertrëg hu mat der Brasserie, mam Ministère, mat Ebos. An a verschiddene vun deene Locatiounsvertrëg steet dran, dass do Parkplazen zur Verfügung stinn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Wéi eng?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zum Beispill an deem vun Ebos an an deem vun der Brasserie. Do ass vun 48 Plaze fir déi eng rieds an zwielef Plaze fir déi aner. Da géif ech froen, déi Kontrakter nach eng Kéier ze kucken. Also ech kucke se selwer nach eng Kéier no, mä ech invitéieren Iech och, dat wierklech nach eng Kéier nozekucken.

Wat de 1535° ugeet, fannen ech et gutt, dass een do emol zwee verschidde Systemer op där nämmlecher Plaz aféiert, well do verschidde Leit mat verschiddene Besoinen am Fong parken. Wat jo scho méi laang, mindestens zwee, dräi Joer eng Revendicatioun ass vun de Leit, déi am 1535° lounen. Dass fir hir Clienten an deelweis och fir sech selwer do eng Léisung ginn ass.

Ech froe mech awer bei deem groussen Deel, deen elo hei rout ëmrummt ass, wou ee bis zu aacht Stonne ka parken: Wa mer deen esou regelen, riskéiere mer do net, dass ganz vill Plazen dann dee ganzen Dag, déi aacht Stonne besat sinn? A wat fir eng Repercussiounen huet dat op déi zwee Gastronomiebetreiber? Dann ass et zwar gratis an der Mëttesstonn, mä wa keng Plaz ass, dann hëlleft et mer net, dass et gratis ass an der Mëttesstonn.

Wäert dat net vläicht als Konsequenz hunn, dass déi Leit, déi dohinner fueren – obwuel ech natierlech och am léifsten hätt, se géife mam Vëlo oder anescht dohinner kommen, mä et gött jo awer och Leit, déi net esou mobil sinn –, an da wéilten dohin iesse goen a keng Plaz sur place kréien, dat dann erëm eng negativ Repercussiounen hätt? Well ech weess net, ob déi blo encastréiert Plazen – ech ginn dovun aus, dass dat der héchstens aacht sinn – wäerten duergoen. Ech soen Iech Merci.

Les parkings payants fonctionnent de 8 h à midi et de 14 h à 18 h. Ils sont gratuits à midi.

D'autres parkings comme celui de la rue de l'Hôpital ou celui du cimetière de Differdange sont gratuits.

Plusieurs personnes ont demandé à Yvonne Richartz-Nilles s'il était possible d'aménager un parking limité à trente minutes devant le cimetière. Cela faciliterait le transport d'objets lourds pour les particuliers. Werding peut quant à lui entrer dans le cimetière.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que d'après l'article 5 de la loi de 1955 sur la réglementation de la circulation, la circulation peut être réglementée sur la voie publique. Mais les parkings du 1535° et de la Villa Hadir font-ils partie de la voie publique? Car il s'agit d'un terrain privé d'ArcelorMittal.

Ce type de règlements doivent-ils être approuvés par le ministère?

Gary Diderich rappelle par ailleurs que la Ville de Differdange loue la Villa Hadir à une brasserie, au ministère et à Ebos. Certains contrats de bail prévoient des places de stationnement.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) demande lesquels.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) mentionne le contrat avec Ebos et la brasserie. Il s'agit de 48 et 12 places. Le conseiller communal va relire ces contrats.

Il approuve la mise en place de deux systèmes sur le parking du 1535°, car tous les visiteurs n'ont pas les mêmes besoins. Cependant, il se demande si beaucoup de places de stationnement ne vont pas être bloquées systématiquement pendant huit heures. Quelles seront les répercussions sur les deux restaurants? Il ne sert à rien de rendre le stationnement gratuit à midi s'il n'y a pas de place. Gary Diderich préférerait que les gens prennent le vélo, mais tout le monde n'est pas mobile. Il se demande si les 8 places de parking où le stationnement est limité à 90 minutes vont suffire.

7. Règlements communaux

JERRY HARTUNG (CSV) constate que les parkings du 1535° et de la Villa Hadir seront subdivisés en deux parties: une pour les stationnements de longue durée et une pour le stationnement limité à 90 minutes — par exemple pour les clients. C'est une bonne chose. Les chrétiens sociaux approuveront ces adaptations du règlement des taxes.

Jerry Hartung demande au collègue échevinal de faire évaluer la situation autour du cimetière de Differdange. L'objectif était de permettre aux gens travaillant à Differdange d'y garer leurs voitures toute la journée. Mais apparemment, ces places sont aussi utilisées par des gens prenant ensuite le train à Oberkorn. La conséquence est qu'il y a moins de places pour ceux travaillant dans la commune. Il faut réfléchir à cette question.

ALI RUCKERT (KPL) s'abstiendra lors du vote, car les communistes estiment que le stationnement devrait être gratuit à Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que la commune se retrouverait avec un problème énorme. Cette fois-ci, il ne peut rien pour M. Ruckert.

ERNY MULLER (LSAP) suppose que certains citoyens ont fait du lobby concernant le stationnement près du cimetière.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) devine que l'on en a aussi parlé à M. Muller.

ERNY MULLER (LSAP) donne raison à M^{me} Richartz-Nilles. Trois places suffiraient.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) est du même avis.

ERNY MULLER (LSAP) trouve que les personnes qui se rendent au cimetière devraient pouvoir se garer à proximité de l'entrée.

Par ailleurs, il s'est rendu à un enterrement récemment et a constaté que l'on n'arrive plus à accéder à la morgue.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, op den zwee Sitten, dem 1535° a ronderëm d'Villa Hadir gött d'Parken esou gereegelt, datt ëmmer een Deel fir Laangzäitparker do ass, am Prinzip fir déi Leit, déi do schaffen an een Deel op 90 Minutte limitéiert gött, also éischter reservéiert fir d'Clienten, déi no hire Kommissiounen, no enger kuerzer Zäit, nees weider fueren, an dës Parkplaz nees fräi ass fir den nächste Client. Dëst ass eng gutt Saach. D'CSV ënnerstëtzt d'Adaptatiounen vum Taxereglement.

Mer wollten dem Schäfferot an dësem Kontext mat op de Wee ginn, d'Parksituatioun beim Déifferdenger Kierfecht emol préiwen ze loosse. D'Madamm Richartz huet et virdrun ugeschwat. Hei war keng Regelung gemaach ginn, datt d'Leit, déi zu Déifferdeng schaffen, dee ganzen Dag do parke kënnen. Wat an der Iwwerleeung richtig ass. Hei gouf eis zougedroen, datt vill Leit vun auswäerts do elo parken, fir op der Uewerkuerer Gare mam Zuch weider op d'Aarbecht ze fueren. Wat u sech och gutt ass. Mer hunn awer dofir aner Plazen hei an der Gemeng.

Dëst bréngt mat sech, datt manner Plazen fir d'Leit, déi hei schaffen, do zur Verfügung stinn. A wann een op de Kierfecht wëll goen, ee regelméisseg keng Parkplaz méi fënnt. Vläch misst een hei eppes upassen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just ukënnegen, dass ech mech enthalte wäert bei der Ofstëmmung, well d'Kommunistesch Partei der Meenung ass, dass d'Parken ebe misst gratis sinn zu Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dann hätte mer zwar e riséig Problem. Do kann ech Iech net entgéintkommen, Här Ruckert.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech weess elo net, ob verschidde Bierger Lobbyaarbecht maachen, wat d'Parkplaze beim Kierfecht ubelaangt. Mä wann ech dat richtig verstinn, si praktesch all d'Parteien ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, Här Muller, Dir sidd och ugeschwat ginn?

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, ech sinn och ugeschwat ginn. Dat ass awer och berechtigt. Ech ginn do der Madamm Richartz wierklech recht. Et géif vläch eventuell mat dräi Plazen duergoen. Deen ee stellt sech vir, dass dat reservé aux visiteurs de cimetière ass. Een anere seet, limitéiert op eng gewëssen Zäit. Op jidde Fall wär et gutt, wa mer dat géife maache fir eis Leit, déi op de Kierfecht ginn an déi jo och musse. Wéi gesot, dass et no bei der Entrée ass.

Et ass mer och zu Ouere komm – also ech hat do e Begrieffnis, do sinn immens Problemer, do musse mer eis Gedanke maachen, do kommen d'Leit, déi um Begrieffnis deelhuele, iwwerhaapt net méi bei d'Morgue bäi. Dat ass wierklech e Problem.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi Kontrakter hu mer natierlech nogekuckt an der Villa Hadir. Do steet néierens eppes dran. Um Plang gesitt Der Ebos. Dat ass natierlech richtig. Mä de

7. Règlements communaux

Parking hannert Ebos ass jo net hei an deem Zoning mat dran. Deen ass net heivunner betraff.

Déi aner Fro iwwert d'Voie publique: Et ass esou, och wa mir just Locataire sinn iwwer e Bail emphytéotique vum 1535°, reglementéiere mir jo awer déi Plaz. An dee Moment gëtt et ugesi wéi eng Voie publique. Soss dierfte mer jo och d'Zirkulatioun bannendran an d'Vitesse an all déi Saachen net kontrolléieren. Ech kann dat awer gär juristesesch nopréiwe loossen. Ech selwer sinn net Jurist. Mä fir mech schéngt dat awer evident ze sinn, dass mir hei ...

(Interruption)

Jo, mä mir hunn hei eng Entrée vun enger Collectrice, déi erageet op en Terrain, deem da soss net reglementéiert wär. Dat kann ech mer beim beschte Wëllen net virstellen. Ech loossen dat gär vun eise Jurist préiwen. Mä ech ka mer net virstellen, dass dat esou ass. An den Här Bertinelli war jo Verkéiersschaffen an affirméiert hei, dass dat esou ass. Beim beschte Wëlle kann ech mer dat net virstellen.

Ech hat probéiert nach ganz schnell ze sichen, wéi vill Parkplazen an där bloer Zon sinn. Dir sot, et wäeren der just aacht Stéck. Dat ass sécher net richtig. Et sinn der an déi 20. Ech sichen Iech de Plang eraus. Mir hunn dat anzeechne gelooss. Do kommen der nach eng ganz Partie bäi.

Dat heescht, Dir dierft elo net nëmmen déi zielen, déi Der elo do gesitt. Op där bloer Surface kommen eng ganz Rei Parkplazen nach bäi, déi een elo net gesäit. Et ass net direkt ersichtlech, wéi vill et der sinn. Soudass ech mengen, dass mer de Problem vun der Restauratioun awer do net esou kréien. Well an der Mëttesstonn déi blo, déi jo limitéiert an der Zäit sinn, awer accessibel sinn.

Ech muss och soen, bei de Kontrollen, déi mer gemaach hunn, fir d'Aussoe vun de Leit aus dem 1535° ze iwwerpräiwen, hate mer festgestallt, datt an der Mëttesstonn Parkplaze fräi sinn, och op där roud Plaz. Si schaffen net esou wéi mir. Dat heescht, si schaffen net déi normal Bürosstonden. Do sinn der, déi kommen eréischt am spéiden Nomëtten a schaffen da bis an d'-

Nuecht eran. Dat heescht, si schaffe ganz anescht. Soudass dee Parking awer ëmmer e bësse gedréit huet. Soudass ech elo net géif soen, dass an där roud Plaz ni eng Parkplaz fräi ass.

Mä Dir hutt awer ganz recht, dee Parking ass elo schonn ëmmer gutt gefällt a wäert och an Zukunft gutt gefällt sinn. A mir haten hinnen och gesot, dass dat hei keng Léisung wäert si fir déi 450 Leit, déi do schaffen. Dat ass nëmmen eng Drëps. An dofir gëtt et de Parking op der Place des Alliés op 200 Meter. Deen huet d'Capacitéit fir si opzefänken.

Déi Saach, déi elo hei gesot ginn ass vun de Parkingen, där hunn ech mech schonn ugehol. Dat weist eigentlech, dass mer e Succès hu mat eiser Verkéierspolitik. Dass d'Leit, déi zu Déifferdeng schaffen, net mussen onbedéngt an Déifferdeng eraufueren. Mä dass se sech op déi gratis Parkinge stellen, e bëssen ausserhalb vun Déifferdeng. An domadder den Zentrum net weider belasteschten. An dann eben ze Fouss, mam Vëlo oder mat Trottoir vun de Kierfechter, zum Beispill, op Déifferdeng fueren.

Wat dann awer dozou féiert, wat Der ganz richtig hei gesot hutt, dass wa Leit emol op de Kierfecht ginn, keng Parkplaz do ass. Mir huelen dat dote mat a wäerten dat esou reglementéieren, dass mer zwou, dräi Parkplaze pro Kierfecht einfach op courter Dauer maachen, op 30-60 Minuten, fir dass een dat e bëssen ofdämpfe kann. Ech mengen, da wäere mer do schonn net schlecht.

Wat den Här Muller gesot huet: Bei gréisserer Begrëffnisser probéiere mer, wa mer et virausgesinn, mä net ëmmer weess een dat, mat Navetten oder soss Saachen ze schaffen. Den Diffbus firt jo och do laanscht. Mä do schaffe mer och un engem neie Circuit. Do probéiere mer dat och ...

(Interruption)

Jo, vun auswäerts ass et natierlech ganz schwéier.

Mä op där anerer Säit kann een natierlech och elo net esou Parksurface eidel stoe loosse fir eemol am Joer e gréisser Begrëffnis. Ech mengen, dat ass och net realistesch. Mir probéieren einfach am

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) a vérifié les contrats de bail de la Villa Hadir. Les places de stationnement n'y figurent pas. Celles pour Ebos ne se trouvent pas dans la zone en question.

Pour ce qui est du 1535°, la commune est locataire des bâtiments à travers un bail emphytéotique. Mais les places de stationnement sont malgré tout considérées comme voie publique. Autrement, il ne serait même pas possible d'y réguler la vitesse. Cependant, Georges Liesch n'est pas juriste et peut faire analyser la situation par un expert.

(Interruption de M. Diderich)

Georges Liesch ne pense pas qu'une collectivité puisse entrer dans sur un terrain non réglementé. Il n'est pas juriste, mais M. Bertinelli, qui a été échevin à la circulation, semble du même avis.

M. Diderich a dit que seules huit places de stationnement figurent dans la zone bleue. En fait, il y en a vingt. M. Diderich ne doit pas se fier uniquement au plan dont il dispose, car d'autres places vont être aménagées. C'est pourquoi Georges Liesch ne pense pas qu'il y aura des répercussions pour les restaurateurs.

La commune a également constaté que même dans la zone rouge, toutes les places ne sont pas occupées à midi. Il ne faut pas oublier que les locataires du 1535° n'ont pas forcément des heures de travail typiques. Certains arrivent par exemple tard dans l'après-midi et restent jusque dans la nuit. Par conséquent, même dans la zone rouge, les places ne sont pas occupées constamment.

Cependant, il ne s'agit pas d'une solution pour 450 personnes. Le parking de la place des Alliés 200 m plus loin a les capacités nécessaires.

Les questions concernant le cimetière de Differdange prouvent que la politique du collège échevinal est efficace. Car les gens se garent moins dans le centre-ville. Cependant, ceux qui se rendent au cimetière doivent pouvoir trouver une place. C'est pourquoi deux ou trois places par cimetière seront limitées à trente ou soixante minutes.

7. Règlements communaux

Pour ce qui est des enterrements où beaucoup de monde est attendu, Georges Liesch propose d'organiser des navettes. Le Diffbus passe également par le cimetière.

(Interruption de M. Muller)

Georges Liesch confirme que la situation est plus complexe si l'on vient d'ailleurs. Mais la commune ne peut pas non plus prévoir des emplacements pour un grand enterrement une fois par an. C'est pourquoi le système des navettes le mois dernier est une meilleure solution.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a une proposition concernant les parcs de stationnement. Ils devraient aussi être réglementés.

À titre d'exemple, le parking d'Aquasud contient plusieurs places de stationnement pour les personnes handicapées. Or elles sont occupées par des automobilistes non handicapés et la police ne peut rien faire. La même chose est vraie pour les places à côté d'une borne de recharge. Les automobilistes peuvent se garer où bon leur semble. Il faudrait mettre de l'ordre dans tout cela.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que le collègue échevinal réfléchira à la question.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux règlements de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

rap-pelle que lors de la dernière séance, le conseil communal a procédé à la dénomination de plusieurs rues. Désormais, la commune doit en réglementer la circulation et le stationnement. Georges Liesch ne souhaite pas entrer dans les détails, car les conseillers communaux disposent de toutes les informations dans leurs dossiers.

Sur le plateau du Funiculaire, le mode de circulation a été modifié dans deux rues.

Dans le Fond-de-Gras, la vitesse a été limitée à 50 km/h sur la route principale au lieu de 90 actuellement. Dans la descente, il ne sera plus possible de se garer à gauche ou à droite de la route, car les voitures bloquent l'accès des navettes et des services de secours.

Virfeld ze gesinn, wa mer erkennen, dass eppes ass, dass mer Navetten en place setzen, wéi dat elo virun engem Mount nach de Fall war. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hätt nach eng Propos ze maachen. Wa mer scho vu Reglementer schwätzen a vu Modifikatiounen. Et wier net schlecht, wa mer och eis Parkhaiser ënner Reglement stoen hätten. Ech erkläre mech.

Ech huelen d'Situatioun beim Aquasud. Do si sechs, aacht Parkinge reservéiert fir handicapéiert Leit. Do stelle sech Leit drop, déi keen Handicap hunn. D'Agenten an d'Police kënnen net reagéieren, well et kee Reglement gëtt. Ënner anerem si Bornen do, fir elektresch Autoen unzeschleissen. Dat ass alles net reglementéiert. Et kann ee sech dohinner stellen, wou ee wëll.

Et wier net schlecht, wa mer e Reglement géifen ausschaffen, wat alleguer eis Parkhaiser géif reglementéieren. Fir dass déi Leit, déi fir Uerdnung suergen, och do kënnen fir Uerdnung suergen, och an deenen Haiser. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat mat. Da géife mer zum Vott kommen. Kënnen mer déi zwee mateneen huelen? Merci.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 abstention d'approuver le règlement des taxes, tarifs et prix.

Da si mer bei de Règlements de circulation. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Do sinn der dës Kéier eng Partie bäikomm. Dir gesitt, direkt am Ufank geet et lass mat enger ganzer Rëtsch neie Stroossen, wou mer eis am leschte Gemengerot op d'Nimm gëeeneegt haten, wéi déi Stroossen all heesche wäerten. An natierlech brauch ee fir all Strooss deementspriedend Schëlter, wéi d'Vitesse an d'Parkinge regléiert sinn. Ech ginn déi elo net allegueren duerch, déi änele sech. Dir gesitt jo all Strooss, wou mer dat gemaach hunn, déi Zon 30 sinn, a wéi d'Parkzäite reglementéiert sinn.

Ech huelen der e puer eraus, déi méi eng grouss Envergure hunn. Dat war schonn hei am Gemengerot vun deem engen oder deem anere gesot ginn, dass mer dat sollten änneren. Dat maache mer dann och elo. Um Funiculaire ass de Mode de circulation, also wéi een do ronderëmfiert an deenen zwou Stroossen, ëmgedréit. Soudass ee sech do net méi kräizt. Wat vu Virdeel ass. Dat änneren mer mat dësem Reglement ëm.

Mir hunn d'Demande kritt gehat vum Fond-de-Gras, dass mer do d'Vitesse reglementéiere sollten an och d'Parkingssituatioun.

D'Vitesse ass elo vun der Haaptstrooss bis an de Fond-de-Gras op maximal 50 reduzéiert. Ech menge souwisou, jiddweree sollt dat maachen, wann en do fiert. Mä et gëtt awer anscheinend Leit, déi sech net drun halen. An d'Police kann net reagéieren, well et eigentlech eng Landstrooss mat 90 ass. Déi ass elo op 50.

An de Parking ass elo esou reglementéiert, dass et net méi erlaabt ass – och bei gréissere Manifestatiounen – am Biergof lénks a riets ze parken. Well dat den Navettësystem, deen en place ass, oder d'Sauvetage oder d'Rettungsdéngschter enorm blockéiert. Do komme Schëlter hin. Dat gëtt geännert.

Dann hu mer eng Partie Parkingen, wou mer d'Durée e bëssen änneren. Notamment de Parking Arcelor zu Nidderkuer. Deen hate mer op sechs Stonne reglementéiert, dee gëtt elo op aacht Stonnen eropgesat. Soudass een also méi laang parke kann.

7. Règlements communaux

Mir haten dat deemools gemaach, well mer gemierkt haten, dass de Parking benotzt gëtt als Park & Ride, fir an d'Stad ze fueren an dann erëmzekommen. Den Här Hartung seet, op där enger Säit wär dat eng gutt Saach, well d'Leit den Zuch huelen.

Op där anerer Säit ass et awer och net gutt, well déi Leit kommen éischters emol an d'Uertschafte gefuer, blockéieren eng Parkplaz matzen am Zentrum fir zéng Stonnen, fir an der Stad oder soss iergendwou ze schaffen. An dat ass awer net onbedéngt am Sënn vun der Gemeng Déifferdeng. Och wa mer fir eng aner Mobilitéit sinn, bréngt dat do näischt. Dee war op sechs Stonne gesat ginn. An do hu mer gemierkt, dat ass awer e bësse restriktiv. Mat aacht Stonne kënne mer eise Leit, déi an den Zentre schaffen, entgéintkommen. A gläichzäiteg hu mer ënnerbonnen, dass een, deen, ech soen elo emol an der Stad oder soss enzwousch iwwer mëttes ass, dat si jo bal zéng Stonnen, do steet.

Datselwecht hu mer op der Place Steichen, wou mer vu sechs op aacht Stonne ginn. Dann hu mer nach eng kleng Adaptatioun op der Place Prince Jean. Déi war reglementéiert vu méindes bis sonndes. Ech weess net méi genau, wat den Historique dovunner war. Jiddefalls mécht dat kee Sënn. Mir reglementéieren dee wéi all déi aner vu méindes op samschdes. Dat ass eng kleng Upassung, déi mer hei nach maachen.

Dat sinn déi grouss Ännerungen, déi komm si par rapport zu den neie Stroossen, déi mer nach hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Leider muss ech feststellen, dass Feeler an der Modifikatioun vum Reglement vun der Circulatioun stinn. Bei all Modifikatioun sinn et déiselwecht Feeler. Ech muss ëmmer erëm drop opmierksam maachen, wa mer hei iwwer eng Situatioun ofstëmmen. Mir stëmmen iwwer en Text of, an d'Schëld, wat den Text

soll erklären, ass net identesch wéi den Text. Et ass schrecklech, dass ech elo fir d'Drëtt ...

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Nëmmen den Text ass bindend. D'Bild ass nëmmen eng Indikatioun. Mir stëmmen nëmmen iwwer den Text.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, mä et ass awer och flott, wann d'Bild identesch ass wéi den Text. Dat dierft jo awer keng Mission impossible sinn. Dat ass de Fall am Artikel 3, am Artikel 13 an am Artikel 25.

Den Artikel 6 fänkt un am éischte Saz – et deet mer leed, mä dee verstinn ech net. Ech liesen Iech e vir: „Dans l'annexe 2 ‚Dispositions particulières‘, les dispositions suivantes concernant la route de liaison Nidderkuer-Lasauvage à en dehors des agglomérations sont supprimées“.

Ech verstinn dee Saz net. Do ass iergendwéi ee Wuert ze vill oder eent net genuch. Mä do feelt eppes. Do misste mer nobesseren. Am Allgemenge wëll ech awer soen, dass d'Ännerungen de Besoin vun de Leit an den Automobilisten entsprechen.

Ech wär awer frou, wann déi Ausféierungen e bësse méi genau géife gemaach ginn. Dat wäert wahrscheinlech eng Folleg si vun der Augmentatioun vum Organigramm, dee mer gestëmmt hunn. Soudass ech deem Ganzen awer positiv géint iwwer stinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt Iech d'Äntwert selwer ginn, Här Altmeisch. Hoffe mer alt dat. Mادم Richartz, w.e.gl.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Ech hunn eng Fro: Wann een an der Route de Bascharage Richtung Dimmi Si fiert, steet virum Dimmi Si e Schëld mat 70. Kann ee laanscht den

La durée de stationnement dans certains parkings et notamment le parking d'Arcelor à Niederkorn passe de six heures à huit heures. À l'origine, la limitation du temps de stationnement avait été introduite pour éviter que ce parking ne serve de «park & ride». M. Hartung pense que c'est une bonne chose parce que cela signifie que les gens prennent le train. Mais d'un autre côté, ces personnes bloquent une place de stationnement pendant dix heures dans le centre d'une localité pour aller travailler ailleurs. Le collègue échevinal a finalement constaté que la limitation à six heures était trop restrictive. Désormais, ceux qui travaillent à Differdange pourront profiter de ces places.

La limitation passe également de six à huit heures sur la place Jehan-Steichen.

Georges Liesch ne sait plus pourquoi, mais la place Prince-Jean était réglementée du lundi au dimanche. Désormais, elle sera réglementée jusqu'à samedi.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que des erreurs se sont glissées dans le règlement de la circulation. Comme souvent, le texte ne correspond pas au panneau. C'est la troisième fois que Guy Altmeisch en parle. C'est terrible.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que seul le texte vaut. L'image n'est qu'une indication. Le vote ne porte que sur le texte.

GUY ALTMEISCH (LSAP) estime que faire correspondre l'image au texte ne devrait pas être impossible. Il mentionne les articles 3, 13 et 25. Il passe ensuite à l'article 6, qui est incompréhensible. Soit il manque un mot, soit il y en a un de trop. (Interruption)

Guy Altmeisch trouve cependant que les modifications correspondent aux besoins des automobilistes. Il faudrait simplement se montrer un peu plus précis à l'avenir, ce qui devrait être le cas grâce aux adaptations de l'organigramme entreprises tout à l'heure.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate que M. Altmeisch a lui-

7. Règlements communaux

même fourni la réponse à sa question.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) signale que dans la route de Bascharage, devant le Dimmi Si se trouve un panneau de limitation de vitesse à 70 km/h. Cela signifie donc que l'on peut rouler à cette vitesse dans le rondpoint.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond que oui.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) plaisante sur le fait qu'elle a essayé récemment et que c'est dangereux. (Rires)

Yvonne Richartz-Nilles ajoute que la police n'était pas sur place. Elle demande si la route en question dépend des Ponts et Chaussées.

(Discussions)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que les panneaux indiquent la vitesse maximum et non la vitesse minimum.

(Rires)

Georges Liesch espère que M^{me} Richartz-Nilles n'essaiera pas de rouler à cinquante kilomètres à l'heure dans toutes les rues où cela est permis.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) répond que non.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) ajoute que ce sont les Ponts et Chaussées qui réglementent la vitesse dans cette route. Georges Liesch suppose qu'il s'agit d'une question de continuité. Lorsqu'on vient de Käerjeng, on passe alors de 90 km/h à 70 km/h et enfin à 50 km/h. Bien entendu, le rondpoint freine la circulation. Le panneau ne signifie pas qu'il faille le traverser à 70 km/h.

Pour ce qui est de la remarque de M. Altmeisch, les images proviennent d'un logiciel et ne sont pas toujours adaptées. Mais ils n'ont aucune valeur réglementaire. La commune n'a pas accès à tous les panneaux d'un bureau d'études. Si cela dérange le conseil communal, Georges Liesch veut bien ne plus mettre d'images dans le dos-

Dimmi Si mat 70 iwwert de Rondpoint fueren a laanscht de Collé?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Ech hat dat elo wéini probéiert, et ass zwar geféierlech.

(Gelaachs)

Et stoung zwar keng Police do.

Firwat steet do 70? Ass dat Sécurité routière oder Ponts et Chaussées? Wie mécht dat?

(Diskussiounen)

ENG STÈMM:

Et ass eng Strooss do.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo, dat weess ech. Et ass eng Strooss.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech muss drop hiweisen, dass d'Verkéiserschëlter e Maximum limitéieren an net de Minimum festsetzen.

(Gelaachs)

Ech hoffen, Dir probéiert elo net onbedéngt mat 50 duerch all Strooss ze fueren, déi 50 erlaabt.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Nee.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Well dat géif awer geféierlech ginn. Firwat elo hei 70 steet. Et ass eng Staatsstrooss. Et ass net d'Gemeng, déi dat reglementéiert. An dësem Fall ass et e Chemin repris. Dat heescht, et ass Ponts et Chaussées, déi d'Vitesse hei reglementéiert.

Ech kéint mer virstellen, ouni awer elo hir Kap unzedoen, dass wann ee vu Käerjeng kënnt, aus enger 90er-Zon, op eng 70 ofgebremst gëtt, ier een dann an d'Uertschaft kënnt mat enger 50er. Dass dat am Fong an der Kontinuitéit vun der Vitess ass, dass een net vun 90 op 50 direkt erofgeet. Dass do elo e Rondpoint dertëscht ass, bremst natierlech de Verkéier. An nach eng Kéier: Et muss een net mat 70 duerch de Rondpoint fueren, et kann een dat och e bësse méi lues maachen.

Vläicht nach zu der Remark vum Här Altmeisch. Ech mengen, ech hat dat d'leschte Kéier scho gesot. Déi Fotoen, dat si Biller déi mer aus dem Programm huelen. Déi passen natierlech net ëmmer op den Text. Dat si Generiquen. Déi Biller hunn absolutt keng Valeur. Reglementaresch gesinn ass et nëmme den Text, dee mer hei stëmmen, an net d'Biller.

Mir hu keen Accès op déi Biller, wou jiddwereen, all d'Bureau-d'étuden drop zougräifen. Mir hu keen Accès, fir nei Schëlter ze schafen an nei Texter ze maachen. Dat wär en enormen Opwand, fir dat ze maachen.

Wann dat Iech awer terribel stéiert, kënne mer d'Biller einfach ewechloossen. Da stëmme mer just nach den Text a mir loossen d'Biller ewech.

Ech hunn awer bis elo ëmmer gemengt, dass et vläicht zum Verständnis bäidréit, wann ee mierkt, hei schwätze mer am Text vun engem Stoppschëld oder vun enger Vitesse, dass mer d'Schëld niewendru maachen, wat dat uweist. A wann deen Text, deen drënner ass, e Generique ass, dass een da seet: Et geet ëm déi Philosophie.

Mä et ass den Text, dee gëllt an net d'Schëld. Mä wann de Gemengerot der Meenung ass, dass dat net kohärent ass, dass dat guer net geet, da loosse mer d'Schëlter ewech, da stëmme mer

7. Règlements communaux / 8. Motion déi Lénk

just iwwert den Text of. Dann ass dat eben esou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Richartz, mir huelen Är Iwwerleeung mat. D'Entrée en ville vun Nidderkuer ass haut anescht wéi d'Entrée en ville virun e puer Joer. Do si Betriber bäikomm. Eis Gemengesservicer komme bäi. Dat heescht, et ass eppes ganz anescht hautdesdaags wéi viru fënnef Joer.

Dofir géif ech mengen, datt een dat matthält an d'Verkéierskommissioun, Här Liesch, datt een eng Kéier driwwer kuckt. Hien hält dat mat, Madamm Richartz. An da kucke mer dat. Well et ass wierklech, och wann eis Gemengesservicer herno do sinn, net méi wéi virun. Mir schwätzen eng Kéier doriwwer.

Madamm Richartz, nach eng Fro?

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo. Dir hutt elo alleguer gelaacht, wéi ech dat gesot hunn. Firwat stellt een dann net e blot Schëld dohin, e blot Schëld mat wäisser Schrëft? Dat heescht jo, dass een net muss awer kann, dat blot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat mat

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Ass gutt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kucke mer, wat de Staat seet, ob mer dann do eng Äntwert kréien. Ech muss Iech soen, mir waarden op vill Äntwerten am Moment vu Ponts et Chaussées.

Da géife mer déi zur Ofstëmmung bréngen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du règlement du règlement de circulation.

Dann nach d'Règlement-temporairen, Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass näischt Extraes. Et sinn déi üblich Saachen, wou Leit plënnere, eng Stee opriichten, wou geschafft gëtt. Zweek, déi ee kann eraushiewen, dat sinn d'Nidderkuerer Kiermes, wéi Der matkritt hutt, an de Chantier bei der École Woiwer. Wou en Deel vum Parking geholl gëtt, fir d'Installation chantier. Dat sinn déi zwou eenzeg, déi elo net direkt eppes mat enger Stee oder mat soss eppes ze dinn hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da géife mer déi zur Ofstëmmung bréngen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Changementer vun der Kommissioun si keng erakomm. Da géife mer nach zu de Froe kommen an zu enger Motioun. Ech géif d'Motioun vun deene Lénke virhuelen. Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mäi Computer streikt. Dee vun der Gemeng, deen hunn ech nach net zrëckkritt zënter e puer Méint. Soudass ech dem Här Meisch säi Blat muss huelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hu se hei, wann Der se braucht.

sier. Il répète que seul le texte fait foi.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute que l'entrée en ville de Niederkorn a évolué ces dernières années. Désormais, il y a des entreprises. Plusieurs services communaux vont y emménager. C'est pourquoi la commission de la circulation devrait débattre de la question abordée par M^{me} Richartz-Nilles.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) signale que tout le monde a ri tout à l'heure quand elle a posé la question.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'a fait que lui sourire.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) rappelle que tout le monde a ri. Pourquoi ne pas remplacer le panneau actuel par un panneau bleu et blanc?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) essaiera d'obtenir une réponse de l'État. Mais les Ponts et Chaussées mettent du temps à répondre. (Vote)
Roberto Traversini passe aux règlements temporaires.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique qu'il n'y a rien de particulier à signaler. Il mentionne cependant la kermesse de Niederkorn et le chantier de l'école du Woiwer. (Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique qu'il n'y a pas de changements dans les commissions. Il passe à une motion de déi Lénk.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que son ordinateur ne fonctionne pas et qu'on ne lui a pas rendu celui de la commune.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) peut lui donner la motion.

8. Motion déi Lénk

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *va utiliser la feuille de M. Meisch.*

Il est question de l'allocation de solidarité. Gary Diderich n'a pas l'impression que le règlement reflète les discussions menées par le conseil communal et les commissions consultatives.

Il n'a pas l'intention de remettre en question le nouveau système consistant à relier l'allocation de solidarité à l'allocation de vie chère. La commune ne verse une allocation que si le Fonds national de solidarité fait de même. Cette allocation représente un pourcentage de celle du Fonds. Il a aussi été dit que personne ne devrait toucher moins qu'avec l'ancien barème.

Or d'après la formulation du nouveau règlement, seules les personnes ayant bénéficié de l'allocation de solidarité en 2018 auront droit à un ajustement. Par conséquent, il faut avoir habité à Differdange et avoir eu besoin d'une aide sociale en 2018. En plus, l'ajustement à l'ancien barème ne sera possible que si la situation du bénéficiaire n'a pas changé. Mais entre-temps, il peut y avoir eu un décès, une naissance, un divorce... Les situations peuvent évoluer d'une année à l'autre. Toutes ces personnes ne bénéficieront donc pas de l'ajustement au barème de l'année dernière et toucheront moins d'argent. Gary Diderich suppose que le collègue échevinal veut traiter tous les habitants de la même façon. Or dans sa forme actuelle, le nouveau règlement ne le permet pas.

Le conseiller communal cite l'exemple de deux personnes bénéficiant du Revis. La première a divorcé dans le courant de l'année et vit désormais seule. Elle ne toucherait plus que 198 €. La deuxième vit seule comme l'année dernière. Elle toucherait jusqu'à 420 €, soit plus du double. Or il s'agit de deux citoyens ayant les mêmes droits et devoirs.

C'est pourquoi Gary Diderich propose de laisser ces conditions de côté et de s'assurer que personne ne touche moins que l'année dernière. Les citoyens doivent tous être traités de la même manière sans que la commune fasse des économies sur le dos de ceux qui sont dans le besoin.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass gutt, ech hunn elo alles, wat ech brauch.

Léif Kolleeginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, ech hunn dës Motioun abruecht, well et mer geschéngt huet, wéi wann déi Diskussioun, wéi mer se gefouert hunn an de Kommissiounen an och hei am Gemengerot, sech net tel quel am Reglement esou erëmgespigelt huet, wéi am Fong d'Intentioun, menger Aschätzung no, war.

Et ass esou, dass mer hei diskutéiert hunn, en neie System anzeféieren, deem ech mat dëser Motioun net a Fro stellen. E System, wou d'Allocation de solidarité liéiert gëtt un d'Allocation de vie chère. Dat heescht, dass mir als Gemeng just eng Allocation de solidarité ginn, wann de Fonds national de solidarité eng Allocation de vie chère gëtt.

A mir hu gesot, mir setzen do e Pourcentage fest, well dat déi eenzeg Aart a Weis ass. An et soll awer méiglechst keen dobäi verléieren. Wann een eppes géif verléieren, par rapport zum ale System, da géife mir dat ausgläichen, nom ale Barème.

Elo ass et awer esou, dass d'Aart a Weis, wéi et formuléiert ass am Reglement, do am Fong gesot gëtt „les bénéficiaires d'une allocation de solidarité accordée en 2018“. Dat heescht, et muss ee fir d'éischt emol iwwerhaapt 2018 esou eng Hëllef kritt hunn. Dat heescht, et muss een och hei gewunnt hunn an et muss een an der Situatioun gewiescht sinn, dass ee se gebraucht huet.

An dann: „... pour qui la nouvelle allocation est inférieure au montant accordé en 2018, peuvent bénéficier d'un ajustement à l'ancien barème, si leur situation n'a pas changée“.

Dat heescht, och wann een d'lescht Joer hei gewunnt huet a vläicht och eng Allocation de solidarité kritt huet, awer eng nei Situatioun dëst Joer huet, duerch e Schicksalsschlag, et ass vläicht ee gestuerwen, et ass ee gescheet ginn, et ass och vläicht e Kand bäikomm – also et gëtt och schéin Evenementer, déi kënnen vun engem Joer zum anere geschéien –, dann ass déi Situatioun schonn direkt changéiert.

Dee Passage mécht, dass et eben déi eng gëtt, déi deen Ausgläich kréien, dat heescht méi kréie vun der Gemeng. An et anerer gëtt, déi da manner kréien, well se entweder d'lescht Joer net hei gewunnt hunn oder well hir Situatioun changéiert huet. An dann hu se ebe manner zegutt.

Ech ginn emol dovun aus, dass mer eis hoffentlech eens sinn, dass mer eis Bierger net ënnerschiddlech wëlle behandelen, wa se am Fong an där nämmelechter Situatioun elo dëst Joer sinn. Dat wär nämlech de Fall, wa mer dat Reglement esou loossen, wéi et am Moment ass.

Da géif nämlech deen een elengstoende Revis-Empfänger, zum Beispill, dee vläicht och d'lescht Joer schonn hei gewunnt huet, oder och net, deen awer vläicht gescheet ginn ass, dann eleng wunnt, dee géif 198 Euro kréien. An deen, wou d'lescht Joer am Revis, oder RMG dann nach, war an elengstoend ass, dee géif awer bis zu 420 Euro kréien. Wat méi wéi dat Duebelt ass.

An deem Sënn ass dat awer e groussen Ënnerschied tëschent deenen zwee Leit. An et sinn awer allen zwee Bierger mat all hire Rechter a Flichten. A virun allem enger Situatioun vun Necessitéit hei an der Gemeng. An ech mengen, da sollte mer se alleguer gläich behandelen als Gemeng.

An deem Sënn schloen ech vir, dee Saz, deen ech virdrun zitéiert hunn, ze ersetzen duerch e Saz, dee géif soen: „Les bénéficiaires, pour qui la nouvelle allocation est inférieure au montant actuel, auquel ils auraient eu droit selon le barème en vigueur en 2018, peuvent bénéficier d'un ajustement à l'ancien barème“.

Duerch déi Präzisioun géife mer, mengen ech, dee Feeler, dee mer gemaach hunn, deen ech och mat votéiert a mat gemaach hunn, korrigéieren. A sécherstellen, dass keen eppes verléiert 2019. An dass mer eis Bierger d'nämmlecht behandelen. A virun allem am Endeffekt net spueren op de Schëllere vun deenen, déi am meeschten am Besoin sinn.

Et muss een och soen, déi Tableauen, déi mer virgeluecht kritt haten, hate jo indiquéiert, wéi vill mer vläicht géifen

8. Motion déi Lénk

ausginn no deem neie Modell a wéi vill mer nom ale Modell ausginn hunn. De groussen Ënnerscheid ass awer deem, dass et duebel esou vill Demandë kéinte si mat deem neie Modell. Dat heescht, et kënne méi Leit dovunner profitéieren, wat jo positiv ass.

Dat heescht awer, dass eenzel Leit oder ganz vill eenzel Leit manner wäerte kréien. Well et kënnt bal op deem nämmelechte Montant. Et sinn 100.000 Euro méi, déi mer jo géifen ausginn, wa jiddereen eng Demande géif maachen. Wat jo och net onbedéngt de Fall ass, dass jiddereen dat matkritt an dass jiddereen déi Demarche mécht, nodeem en d'Allocation de vie chère kritt huet.

Deen Ënnerscheid weist jo schonn emol, dass no deem neie System mat deene 15 Prozent, déi hei virgeschloe gi waren – wou awer scho gesot ginn ass, dass dat wahrscheinlech net duergeet an dass een op méi en héije Pourcentage misst goen –, eng Rei Leit manner wäerte kréien. An ech denken, dat ass net dat Signal, wat mer solle ginn un déi Leit, déi am meeschten eis Ënnerstützung brauchen.

Dat gesot, hoffen ech, dass dee ganze Gemengerot bereet ass, déi Präzisoun matzestëmme an domadder dee Feeler esou séier wéi méiglech ze korrigéieren, fir dass mer dat fir d'Joer nach an d'Rei bréngen.

D'Motioun rífft och nach eng Kéier dozou op, wat mer scho gesot hunn an der leschter Gemengerotssëtzung: Wou mer d'Reglement fir 2020 net gestëmmt hunn, well dat jo virgesinn hätt, dass mer komplett an deem neie System gaange wäeren a guer keen Ausgläich méi ginn hätten.

Dass mer dat eréischt stëmme, wa mer iwwerhaupt wëssen, wat deem neie System fir Differenze gëtt fir d'Leit. An dee Pourcentage jo wahrscheinlech net héich genuch ass, dass mer deem esou adaptéieren, dass herno keen eppes géif verléieren. Dat heescht, do gëtt et bestëmmt ee Pourcentage, dee mer opgrond vun de Statistike kënnen erausfannen.

Respektiv si jo fënnef, sechs verschiddenen Tranchë bei der Allocation de vie chère, et kann een och soen: Fir déi

niddregst Tranche, wou een eleng ass an esou weider, gëtt et dee Pourcentage. A fir e Menage mat méi Leit ass jo eng aner Tranche, do gëtt een en anere Pourcentage. Fir dass een esou no wéi méiglech dorunner kënnt, dass keen eppes verléiert par rapport zu deem ale Barème, dee mer hei zu Déifferdeng hatten. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, Dir bréngt mech ëmmer erëm un d'Staunen. Ech hunn elo net ëmmer alles verstanen. Ech hoffen, datt de Rescht vum Gemengerot alles verstanen huet, wat Der wëllt.

Éischtens emol muss ech soen, datt dat alles an de Kommissiounen duerchgeschwat ginn ass. Alles. An zwou Kommissiounen, vu vir bis hannen. Et ass hei unanime gestëmmt ginn. An elo ass erëm eppes, wat net soll. Wou ech Iech d'leschte Kéier scho gesot hat, et géif ee Joer gekuckt ginn.

Ech kann net soen, ob et duebel ass. Dir wësst schonn erëm, datt et duebel wäert sinn. Dir wësst heiansdo Saachen, ech sinn einfach ëmmer iwwerrascht.

An dofir mengen ech, datt déi Motioun einfach iwwerflësseg ass. Well genau dat, wat Der elo fuerdert, hunn ech jo d'leschte Kéier gesot. Ech weess et net. Ech weess net, ob et duergeet oder net. A wann et net duergeet, komme mer am Hierscht an de Gemengerot a stëmmen Saachen no.

An haut gi mir eis jo och d'Moyenen, aneschtens ze kontrolléieren. Mir ware vu Leit op d'A gedréckt ginn. Mir ginn net méi vun deene Leit op d'A gedréckt. Also hunn déi absolutt kee Sou méi ze kréien. Ech fannen, wa Leit eng Administratioun op d'A drécken, dann hunn déi näischt méi zegutt. An déi wäerten dann och näischt méi kréien. An all déi aner, déi d'lescht Joer eppes kritt hunn, kréien d'Joer genau datselwecht. An d'nächst Joer vläicht och, wann de Gemengerot dat decidéiert.

Ech hat mam Responsabele geschwat, dat leeft jo schonn un, et ass schonn ugelaft, déi sämtlech Demanden. Dat heescht, fir dat elo réckgängeg ze maa-

Théoriquement, la commune peut s'attendre à deux fois plus de demandes. C'est une bonne chose. Mais si tout le monde soumet une demande d'allocation, les dépenses supplémentaires par rapport à l'année dernière se monteraient à 100 000 €. Cependant, tous ceux qui obtiennent l'allocation de vie chère ne demanderont pas forcément l'allocation de solidarité.

L'allocation de solidarité s'élèvera à 15 % de l'allocation de vie chère. La dernière fois, le conseil communal a déjà constaté que ce pourcentage pourrait se révéler trop bas. Beaucoup de gens toucheront moins. Ce n'est pas le signal à envoyer aux personnes ayant besoin d'aide.

Gary Diderich espère que le conseil communal approuvera la motion afin de corriger cette erreur aussi vite que possible.

La dernière fois, le conseil communal n'a pas approuvé le règlement pour 2020 parce qu'il ne prévoyait pas d'ajustement à l'ancien barème et que le pourcentage actuel n'est pas assez élevé. Il s'agit de faire en sorte que le nouveau barème soit le plus proche possible de l'ancien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que M. Diderich ne cesse de l'étonner. Il n'a pas tout compris, mais espère que le reste du conseil communal sait ce que M. Diderich veut.

Le nouveau règlement a été débattu dans son intégralité par deux commissions et a été approuvé à l'unanimité. Et voilà que M. Diderich trouve matière à se plaindre. Roberto Traversini a déjà dit la dernière fois qu'il faudrait revoir le règlement dans un an. Par ailleurs, lorsque M. Diderich dit qu'il y aura deux fois plus de demandes, il en sait plus que le bourgmestre. C'est surprenant.

Pour Roberto Traversini, la motion est superflue. Elle ne fait que répéter ce qu'il a dit la dernière fois. Le bourgmestre ne sait pas si le budget prévu est suffisant. Autrement, il faudra l'adapter en automne.

Roberto Traversini rappelle que les autres années, certaines personnes trichaient pour toucher l'allocation. Ces personnes-là n'auront plus droit à rien. Les autres toucheront la même somme que l'année

8. Motion déi Lénk

dernière. Pour ce qui est de l'année prochaine, ce sera au conseil communal de décider.

Le processus a démarré. Les gens ont adressé leurs demandes. Il serait difficile de faire machine arrière. L'année prochaine, la commune pourra procéder à des améliorations.

Il n'est pas du tout question de faire des économies. Une commune n'est de toute façon pas obligée de verser une allocation. Or l'allocation de la Ville de Differdange est passée de 30 000 € à près de 500 000 €.

Roberto Traversini a l'impression que M. Diderich change d'avis dès qu'un citoyen se plaint. Il fait machine arrière au lieu d'aller de l'avant. Si une famille vient d'emménager à Differdange, elle ne remplit pas les conditions cette année. Mais la commune ne lui enlève rien puisqu'elle n'a rien touché l'année dernière.

Roberto Traversini demande à M. Diderich de retirer sa motion et de poser ses questions aux commissions. Il ne voit pas d'inconvénient à modifier le mode de calcul de l'allocation. Il ne s'agit pas d'enlever de l'argent aux gens, mais de soutenir ceux qui en ont vraiment besoin.

(Interruption)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que M. Traversini a dit ne pas comprendre ce qu'il souhaite. C'est sans doute ce qui explique sa réaction.

(Interruption de M. Traversini)

Gary Diderich constate que M. Traversini ne voit pas où se trouve le problème.

(Interruption de M. Traversini)

Or les citoyens ne sont pas tous traités de la même façon.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) ajoute que certains sont pénalisés deux fois. Ils ont été victimes d'un coup du destin et ils n'ont pas droit à l'allocation de solidarité.

Gary Diderich n'a jamais dit que le collège échevinal voulait faire des économies. Mais les commissions sont d'avis que personne ne doit

chen, dat ass immens komplizéiert. Kommt, mir ginn där Saach elo emol eng Chance. An da kucke mer d'nächst Joer, wat d'Servicer, déi do schaffen, eis fir Zuele ginn, wéi vill Leit et sinn a wéi vill Leit et net sinn. An da verbessere mer.

Et geet hei absolutt net drëm ze spueren. Well wa mer wéilte spueren, da géife mer et komplett ofschafen. Well eng Gemeng, Här Diderich, eng Gemeng ass absolutt net verpflichtet, dat ze ginn. Eng Gemeng ass net verpflichtet, dat ze ginn.

A mir si vun 30.000 Euro, dat hat ech d'leschte Kéier gesot, op bal eng hallef Millioun gaangen, wou mer soen, mir ënnerstëtzen dat. An Dir wësst ganz genau, datt dat jo net déi eenzeg Hëllef ass, déi mer ginn.

Mä ech hunn d'Gefill, all Kéiers, wann zwee Leit dobaussen net eiser Meinung sinn, da kippt Dir erëm ëm. Dir laaft ëmmer hannendrun, amplatz virdrun ze lafen. Ech hunn dat Gefill. Dat ass mäi perséinlecht Gefill. Kommt, mir ginn der Saach dach eng Chance, wou mer zesumme gestëmmt hunn, wou mer zesummen, mateneen an de Kommissiounen geschwat hunn. Kommt, mir waarden dat of. Et ass jo net méi laang bis Enn dës Joers. An da maache mer déi Adaptatiounen.

Ech mengen, wann eng Famill hei bäi-geplënnert ass an déi hätt 2018 eppes zegutt, jo, da kritt se dëst Joer vläicht näischt, well se net deene Konditiounen entsprécht. Mä, jo, dat ass awer esou. Do hunn ech awer elo net d'Gefill, datt ech de Leit géif Suen aus der Täsch huelen, déi se d'ailleurs nach net kritt hunn.

Dofir géif ech virschloen, zitt déi Motioun w.e.gl. zréck, an da kucke mer dat d'nächste Kéier an de Kommissiounen. Do kënnt Der all Fro stellen. Do kritt Der iwwerall eng Äntwert. An do sinn och déi Leit präsent, déi dat ausbezuelen, fir d'Barëmen ze kucken, ob mer müssen upassen.

Ech hunn absolutt kee Problem, datt mer d'nächste Kéier op 20, 30, 40 Prozent eropginn. Absolutt net. Et geet hei net drëms, de Leit eppes ewechzehuelen. Et geet just drëm, deenen ze ginn, déi et batter néideg hunn.

ENG STËMM:

Richteg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Diderich an den Här Ruckert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir hutt gesot, Dir verstitt net, wat ech soen. Dat mierken ech un Ärer Reaktioun, dass Der net verstitt, wat ech hei soen. Dir sot, fir Iech ass et kee Problem, well et si jo net méi vill Méint fir ofzewaarden.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Fir Iech ass et da kee Problem, entretemps a Kaf ze huelen, dass Leit, déi an enger nammlechter Situatioun sinn, déi och Bierger si vun der Gemeng, dass déi eng da méi kréien an déi aner manner kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Déi vläicht duerch e Schicksalsschlag op eemol eleng dostinn amplatz, dass se zu zwee dostinn. Déi ganz an deen neie System falen an dann och manner kréien, dat heescht duebel bestrooft ginn duerch dee Schicksalsschlag. Ech hunn hei a kengem Wuert gesot, dass et Iech drëm geet ze spueren.

Ech hu gesot, mir waren eis all eens an de Kommissiounen. Jo, mir hunn an de Kommissiounen driwwer geschwat, dat hunn ech begréisst an dat war gutt, dass dat gemaach ginn ass. An de Kommissiounen an hei ware mer eis all eens, dass kee soll manner kréien. Dofir bréngen ech dat als Präzisioun eran.

8. Motion déi Lénk

Net fir d'Reglement u sech a Fro ze stellen. Ech hu gesot, déi Kontroll, déi hei kënnt duerch de Fonds National de Solidarité, gëtt heiderum jo net a Fro gestallt. Dat gëtt heimat bekräftegt.

Hei gëtt just de Champ vun deenen, déi eng Eligibilitéit hu fir deen Ausgleich, déi Differenz, méi grouss gemaach. Dee gëtt esou gemaach, dass mer Bierger vun zwou Klasse kréien, déi aarm, déi e bësse méi kréien an déi aarm, déi manner kréien. An dat ass dee Feeler, deen ënnerlaf ass. An ech soe jo och, dass ech dee Feeler, leider, net gesinn hunn. An ech mengen, dass kengem eng Zack aus der Kroun fällt – mir op jidde Fall net –, fir ze soen: Mir hunn dee Feeler gemaach, mir mussen dee verbesseren.

ENG STËMM:

Richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An dat ass dat, wat ech mat där heite Motioun virschloen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gutt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll op jidde Fall net ontäteg no-kucken, wa Leit, déi an enger prekärer Situatioun sinn dëst Joer – an ech kann net soen, wéi vill Leit et sinn, mä ech sinn awer vun enger Rei Leit drop ugeschwat ginn –, manner kréien, wéi se kritt hätte mat deem ale System.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da si mer mol gespaant, Här Diderich. Den Här Manger huet d'Wuert gefrot. Den Här Ruckert, Pardon. Här Ruckert, entschëllegt.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech konnt leider net an där Sitzung sinn, wou iwwert déi Alloca-

tioun do geschwat ginn ass, well den Termin vun der Sitzung kuerzfristeg geännert ginn ass, soudass ech net zu Lëtzebuerg war. Mä ech muss Iech awer soen, wann ech hei gewiescht wär, hätt ech net derfir gestëmmt. An et huet mech gewonnen, muss ech soen, dass dat eestëmmege ugeholl ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir waart jo awer an de Kommissiounen.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech war an der Kommissioun. An ech sinn an der Finanzkommissioun. An op meng Initiativ hin ass an der Finanzkommissioun an de Bericht geschriwwen ginn, dass de System esou sollt gemaach ginn, dass keen eppes manner kritt an Zukunft. Esou steet dat an deem Bericht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et och.

ALI RUCKERT (KPL):

Elo schéngt et awer esou ze sinn, dass dat net de Fall ass. Ëmsou méi – an dat muss ee jo och bedenken –, wa bei all Sou gespuert gëtt, an et elo gemaach gëtt, wéi wann do all Mënsch géif Schmu maachen. Dat gëtt elo all Kéiers ervirgestrach. Da gi Batailloune vu Leit opbruecht fir ze kucken, ob net do iergend een ass, dee Schmu mécht.

Ech fannen esou Saache wierklech e Skandal. Ëmsou méi jo déi Leit, déi d'Allocation de solidarité kréien, haut vill manner kréien, wéi se zegutt hätten. Well d'Regierung zënter Joren déi Allocation de solidarité net ugepasst huet un d'Solidarité de vie chère, un d'Präisentwécklung. Soudass se haut 20 Prozent manner hunn. Dat gëtt iwwerhaapt net hei vun der Gemeng berécksiichtegt.

(Diskussiounen)

toucher moins que l'année dernière. Or ici, on crée un système à deux classes: les pauvres qui touchent plus et les pauvres qui touchent moins. Gary Diderich ne s'en est malheureusement pas aperçu à temps. Le collège échevinal pourrait simplement admettre son erreur et la corriger.

(Interruption)

Gary Diderich insiste sur le fait que c'est tout ce qu'il demande.

(Interruption de M. Traversini)

Gary Diderich ne veut pas rester les bras croisés alors que certains citoyens touchent moins que l'année dernière.

ALI RUCKERT (KPL) *n'a pas pu participer à la réunion sur l'allocation de solidarité parce que la date a été changée au dernier moment et qu'il se trouvait à l'étranger. Mais il ne l'aurait pas approuvée s'il avait été là. Il s'étonne d'ailleurs qu'elle ait été approuvée à l'unanimité.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique que M. Ruckert a pourtant assisté aux commissions.*

ALI RUCKERT (KPL) *confirme qu'il fait partie de la commission des finances.*

(Interruption de M. Traversini)

Ali Ruckert signale qu'à son initiative, la commission a rédigé un rapport demandant que personne ne touche moins à l'avenir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que ce sera le cas.*

ALI RUCKERT (KPL) *insiste sur le fait que ce n'est plus ce qui est prévu. La commune veut faire des économies et prétend que tout le monde triche. C'est un scandale, et ce d'autant plus que le gouvernement n'a pas adapté l'allocation de vie chère à l'évolution des prix.*

(Discussions)

8. Motion déi Lénk

Ali Ruckert regrette que les économes se fassent sur le dos de ceux qui ont moins. M. Traversini a beau se moquer de la motion...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

proteste. Il n'a fait que demander à M. Diderich de la retirer.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que M. Traversini a dit ne pas la comprendre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

l'admet.

ALI RUCKERT (KPL) signale que les personnes qui ont peu d'argent et qui ne toucheront pas d'allocation comprennent la motion.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne veut pas qu'on lui fasse la morale. Ses parents n'avaient rien à manger. Il sait d'où il vient. Il ne veut pas s'entendre dire ces choses par M. Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL) n'a pas voulu lui faire la morale.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale à M. Ruckert qu'il n'a pas la parole. Et oui, il vient de lui faire la morale.

ALI RUCKERT (KPL) proteste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rétorque que le résultat est le même.

(Interruption de M. Ruckert)

Roberto Traversini regrette que M. Ruckert prétende être le seul à soutenir les pauvres et que les autres soient des ordures.

ALI RUCKERT (KPL) proteste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

sait que M. Ruckert ne s'est pas exprimé de la sorte, mais il est capable de lire entre les lignes.

ALI RUCKERT (KPL) sait que M. Traversini fait partie d'un parti politique ayant contribué à donner moins aux gens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

proteste.

Et gëtt um Bockel vun deene Leit gespuert, déi am mannsten hunn. An dofir wëll ech och soen, Dir kënnt elo vläicht de Geck maachen iwwert déi Motioun do ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hu kee Geck gemaach. Ech hu just gesot, e soll se zrëckzéien.

ALI RUCKERT (KPL):

... oder soen, Dir géift et net verstoen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Wësst Der, déi Leit, déi net vill hunn an déi näischt bäikréien oder eppes ewechgeholl kréien, déi verstinn dat. Wann Dir et och net verstitt. An dofir wëll ech och déi Motioun als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech brauch keng Moralpriedegt vun Iech gehalen ze kréien. Meng Elteren hunn alt deeglaang näischt giess. Ech weess, vu wou ech kommen. An dat heiten ass net de Fall. Ech brauch dat net vun Iech gesot ze kréien, Här Ruckert, gleeft mer et.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, ech halen Iech keng ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt d'Wuert net, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

... Moralpriedegt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dach, Dir haalt eng. Dir kommt ëmmer erëm op datselwecht eraus.

ALI RUCKERT (KPL):

Nee, Ech soe just ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd just do fir déi aarm Leit, a mir sinn d'Säckdréier. An et ass net esou. Gleeft mer et.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat hunn ech net gesot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech weess, dass Der et net gesot hutt, mä ech kann heiansdo Gedanke liesen.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech weess jo och, dass Dir an enger Partei sidd, déi mat dozou bäigedroen huet, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass gutt.

ALI RUCKERT (KPL):

... dass d'Leit net méi kréien, mä manner kréien. Dass se haut 20 Prozent manner hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, da rechent ...

8. Motion déi Lénk

ALI RUCKERT (KPL):

Ënnerhuet emol eppes an der Chamber, dass dat geännert gëtt. Dat hutt Der bis elo och nach net gemaach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gutt. Sot dat d'nächst Kéier dann an der Chamber, Här Ruckert. Den Här Mangel huet d'Wuert gefrot.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Mir hate geschwat, also et war ganz eendeiteg entscheet ginn, an ech hunn dat och deene Responsabele vum Service social gesot: Et kritt kee manner. Et gëtt ugepasst. Wann elo eng Differenz do ass, wat se fir 2018 zegutt haten, wa se manner kréien, kréie se dat ausbezuelt. Also et kritt kee manner. Dat ass emol dat éischt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och wann se net hei gewunnt hunn 2018?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Nee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee. Wéi solle mer dat da rechnen? Haalt dach op, Här Diderich.

(Diskussiounen)

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Du kanns net eppes verléieren, wat s de net has.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Wa se elo 2019 heihinner kommen, si sinn elo an d'Gemeng komm, elo 2019, dann hätte se no deem ale System kee Recht op d'Allocation de solidarité. Et huet ee missen an der Gemeng wunne vum 1. Januar un.

Déi Leit, déi elo heihinner zéien, 2019, kréien elo, no deem neie System, eppes, wat se virdrun net kritt hätten. Ech mengen, däers muss ee sech jo awer och bewusst sinn. Quitte, datt se nëmme 15 Prozent kréie vun der Allocation de vie chère. Do kann een elo driwwer diskutéieren. Mä do hu mer jo gesot, datt mer déi Situatioun analyséieren.

Mä een, deen elo bäikomm ass, dee kritt eppes. An deen hätt no deem ale System, dee virdu bestanen huet, näischt kritt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wann en dann am Oktober 2018 bäikomm wär, hätt en 2019 ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, jiddwereen huet elo seng Argumenter gesot. Mir kommen einfach zum Vott vun der Motioun. Merci.

Le conseil communal décide avec 14 voix non et 2 voix oui de rejeter la motion suivante de déi Lénk:

Le conseil communal,

- considérant le vote du conseil communal lors de la séance du 5 juin 2019 qui portait sur un nouveau règlement pour l'octroi de l'allocation de solidarité;*
- considérant que le but principal de cette réforme de l'allocation de solidarité visait la simplification administrative à travers un traitement plus rapide des demandes en liant l'octroi de l'allocation de solidarité à l'octroi de l'allocation de vie chère octroyée par le Fonds national de solidarité;*
- observant que dans son rapport intitulé « Indice socioéconomique par commune », le STATEC a analysé en détail l'indice socioéconomique luxembourgeois au niveau des communes et que dans les variables « taux de chômage », « salaire médian », « part des professions CITP de "bas niveau" », « part des personnes bénéficiant du RMG, le rapport a constaté qu'une grande partie de la*

ALI RUCKERT (KPL) insiste sur le fait qu'ils ont 20 % de moins.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
l'invite à faire le calcul.

ALI RUCKERT (KPL) exhorte M. Traversini à intervenir à la Chambre des députés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
proteste.

ALI RUCKERT (KPL) réplique que M. Traversini n'est toujours pas intervenu.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque que M. Ruckert n'a qu'à aborder la question à la Chambre.

ROBERT MANGEN (CSV) indique à son tour que personne ne touchera moins que l'année dernière. En cas de différence, le montant sera adapté.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
confirme les propos de M. Mangel. (Interruption de M. Diderich)
Roberto Traversini constate que c'est impossible à calculer. (Discussions)

ROBERT MANGEN (CSV) précise que selon l'ancien système, quelqu'un ayant emménagé à Differdange dans le courant de l'année n'aurait pas eu droit à l'allocation. Par conséquent, ceux qui emménagent à Differdange en 2019 toucheront une aide qu'ils n'auraient pas perçue autrement et qui se montera à 15 % de l'allocation de vie chère. On peut discuter du montant, mais la situation sera analysée.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) mentionne les gens qui ont emménagé en octobre 2018.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
l'interrompt. Chacun a donné ses arguments. Il est temps de passer au vote. (Vote)

8. Motion déi Lénk / Questions

Roberto Traversini passe aux questions.

ERNY MULLER (LSAP) regrette que M. Ulveling soit sorti.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) donne la parole à M. Diderich.

ERNY MULLER (LSAP) précise qu'il a deux questions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) revient sur la procédure du PAG. Les citoyens peuvent déposer des réclamations jusqu'au 21 juillet. Ces réclamations doivent être adressées au collège échevinal, qui reçoit ensuite les réclamants.

Gary Diderich cite l'exemple d'un échevin possédant un terrain ou une bâtisse. Il se pourrait qu'un de ses voisins réclame. C'est notamment le cas de la maison Quaino dans la route de Pétange, dont le terrain est classé « terrain à bâtir », alors que ce n'est pas le cas pour les terrains de ses voisins. Il pourrait y avoir conflit d'intérêts.

Gary Diderich comprend qu'un écologiste ayant réussi à dénicher une maison dans le vert veuille la garder dans le vert. Mais le réclamant sera-t-il entendu par ce même écologiste ?

population de la Ville de Differdange est dans une situation matérielle précaire ;

- *mettant en évidence qu'à l'occasion de la récente réforme des finances communales la Ville de Differdange s'est vue accorder 11 millions de recettes additionnelles qui proviennent du Fonds de dotation communale et ceci en fonction de son indice socioéconomique important afin de s'assumer sa responsabilité importante pour contrer la pauvreté ;*

invite le collège des bourgmestre et échevins

- *à remplacer dans le nouveau règlement la phrase « Les bénéficiaires d'une allocation de solidarité accordée en 2018 peuvent bénéficier d'un ajustement à l'ancien barème si leur situation n'a pas changé. » par le passage suivant : « Les bénéficiaires pour qui la nouvelle allocation est inférieure au montant auquel ils auraient eu droit selon le barème en vigueur en 2018 peuvent bénéficier d'un ajustement à l'ancien barème. »*
- *à s'assurer que chaque bénéficiaire d'une allocation de vie chère et résident-e de la Ville de Differdange soit informé de son droit de recevoir une allocation de solidarité de la commune ;*
- *à s'assurer que chaque bénéficiaire d'une allocation de solidarité soit informé de ce droit à cet ajustement en leur fournissant le barème 2018 ;*
- *à évaluer avant le vote du règlement de l'allocation de solidarité pour 2020 les différences entre le système 2018 et le nouveau système 2019 et d'identifier un/des pourcentage(s) qui permettra d'éviter toute réduction de l'allocation de solidarité.*

Da géife mer zu de Froe kommen. Den Här Muller hat der ugefrot, an den Här Diderich hat der ugefrot.

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass schued, dass den Här Ulveling elo net do ass, well ech hunn e puer Froen un hie gestallt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mä da géif ech mengen, dann huelen ech den Här Diderich vir an da ginn ech Iech ...

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn zwou verschidde Froen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma da stellt eng Fro. Nee, Här Diderich, ech ginn Iech d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass gutt. Okay.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Eng Fro un den Här Liesch. Et betrëfft d'Prozedur fir de PAG. Et ass jo esou, dass elo nach bis den 21. Juli d'Leit kënnen Reklamatiounen eraginn. An déi musse jo un de Schäfferot adresséiert ginn. An et ass och de Schäfferot, dee d'Reklamanten héiert, nodeems se eng schrëftlech Reklamatioun eraginn hunn.

Et sinn zwou, dräi zesummenhängend Froen. De Fall gesat, een aus dem Schäfferot ass a Besëtzt vun engem Terrain oder engem Gebai. An et reklaméiert een, dee vläicht Terrain ronderëm huet. Zum Beispill: Engem säin Terrain ass net klasséiert ginn am Wunnegebit, awer den Terrain, zum Beispill vum Här Buergermeeschter – fir elo e Beispill ze huelen, dat sougenannte Quainoshaus am Péitenger Wee –, ass awer als Wunnegebit klasséiert ginn. Da kéint jo eventuell e Conflit d'intérêt bestoen.

Ech ka verstoen, dass een als Gréngen, wann een dat Gléck huet, en Haus am Gréngen ze ergatteren, dat vläicht

éischter och gréng ronderëm wëll loos-sen. Mä d'Fro ass: Wann elo een do reklaméiert, gëtt déi Persoun dann och vun där Persoun gehéiert, déi selwer am Fall ass?

An och d'Fro: Beim Ausschaffe vum PAG war do bewosst – also net nëm-men elo zu deem Beispill, mä allgemeng –, war am Schäfferot jidderengem bewosst, wien a Besëtz vu wéi engen Terrainen oder vu wéi enge Gebaier ass?

Wéi sidd Dir domadder ëmgaange bei den Diskussiounen, fir sécherzestellen, dass keen, deen iergendwou – seng Famill oder ee selwer – do en Interêt hätt, un den Diskussiounen géif deelhuele. Wéi Dir domadder ëmgaange sidd, fir dass mer net herno am PAG iergendwou Problemer kréien domadder, dass vläicht Saachen net agehale gi sinn, well net drop opgepasst ginn ass, déi awer wichteg sinn an der Prozedur. A mer herno mam PAG do hänken.

Als drëtt Fro, elo och um konkrete Beispill ugehaangen, wollt ech d'Fro stellen, ob bei deem Haus, wat nom ale PAG net an engem Baugebitt ass, dat ass jo Zone labourable, do hätt een am Fong jo keen Haus dierfe bauen, dierfen aktuell do Aarbechte gemaach ginn? Do ginn Aarbechte gemaach. Sinn déi Aarbechten autoriséiert vun deem Haus 15A, rue de Pétange?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech fänken emol u mat de Propriétéiten. Wa mer dat gemaach hätten, fir erauszefannen, wien ëmmer Proprietär ass, fir de PAG opzestellen, ech mengen, dann hätte mer dëst Joer nach kee PAG gestëmmt.

Doriwwer eraus hutt Der vläicht matkritt, dass et iwwert den Dateschutz jo en neit Gesetz gëtt, dass pro Gemeng véier Leit Accès op den SIG hunn, fir d'Propriétéitsverhältnissen ze kucke pro Gemeng. Dat heescht, Knapphouschent huet der véier an Déifferdeng huet der véier. Doriwwer kann ee jo och diskutéieren. An dat ass keen aus dem Schäfferot. Dat heescht, vun eise Fonctionnaires, wat jo vereedegt Beamte sinn, sinn der véier, déi Accès hunn. Déi also wëssen, oder erausfanne kënnen, wien iwwerhaapt Proprietär ass.

An ech mengen, den Här Muller kann dat bestëmmt bestätegen: Mir hunn eis hei am Schäfferot ni doriwwer ënnerhalen, wie wou Proprietär ass iwwert d'Ausrichtung vum PAG. Dat féiert zu absolutt guer näischt. Mir hu weder gekuckt, ob dat de Jempi, den Nicki oder wien et ass. Mir hunn eise PAG gemaach. An Dir hutt jo gesinn, dass mer och do iwwer Industrieterrain gaange sinn, an egal wien dat war, hu mer gesot, mir maachen de PAG en vue vun Déifferdeng an net vun eenzele Leit. Also dat hu mer sécher net gemaach.

Zu Ärem zweete Punkt: Natierlech, wann en Interessenskonflikt besteet, wann elo ee reklaméiert, zum Beispill, et géif een eng Reklamatioun maachen iwwert Äert Haus, wou Dir elo am Moment wunnt, an e géif fannen, dat misst an eng Zone verte klasséiert ginn, da misste mer dee jo héieren.

An et ass kee vum Schäfferot, deen dat mécht. Dat maachen eis Fonctionnaires. Do gëtt e kleng Rapport gemaach. Déi Leit ginn empfaangen. Et gëtt gefrot, si sollen hir Reklamatiounen nach eng Kéier erklären, well de Brëf net ëmmer aussokräfteg genuch ass. An esou ass et jo och am Gesetz virgesinn.

Dat heescht, déi Leit gi gehéiert, sollen nach eng Kéier erklären, ëm wat hir Reklamatioun geet. Eis Fonctionnaires halen e kleng Rapport fest. Dee kënnt an de Schäfferot. An da gëtt zesumme mat eise Leit gekuckt: Sinn déi Reklamatiounen berechtigt? Well där sinn der bestëmmt dobäi, wou mer soen, do ass effektiv eppes, wat eis duerch d'Lappe gaangen ass, wou mer verbesseren. An aner Saachen, wou mer soen: Domat si mer net averstanen. Dat bleift dann esou sinn.

An déi kommen alleguerten herno beim zweete Vott hei an de Gemengerot. A wa mer se alleguerten eenzel duerchhuelen an et hätt ee bei Ärem Haus reklaméiert, dat sollt an d'Zone verte kommen, dierft Dier natierlech un deem Vott net deelhuele, well Dir jo do en Interêt de conflit hutt. Esou hunn ech d'Lektür vun dem Gesetzestext op jidde Fall gemaach. Dat leeft ganz transparent of.

Lors de l'élaboration du PAG, le collège échevinal savait-il à qui appartenaient les différents terrains et bâtisses? Comment le collège échevinal a-t-il procédé pour s'assurer que quelqu'un ayant un conflit d'intérêts ne participe pas aux discussions? Il s'agit d'éviter des problèmes dans la procédure d'adoption du PAG.

La maison sur laquelle porte la question de M. Diderich se trouvait dans une zone labourable selon l'ancien PAG. Elle n'aurait donc pas dû être construite. Des travaux peuvent-ils y être réalisés aujourd'hui?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond que si le collège échevinal avait essayé de trouver le propriétaire de chaque bâtisse, le PAG n'aurait pas été prêt d'être fini. En outre, la nouvelle loi sur la protection des données fixe à quatre le nombre de personnes par commune pouvant vérifier ce type d'informations — qu'il s'agisse de Differdange ou de Knaphoscheid.

M. Muller peut par ailleurs confirmer que le collège échevinal a réalisé le PAG sans tenir compte des questions de propriété. Le PAG a été réalisé au service de Differdange et non des particuliers.

Pour ce qui est des réclamations, si quelqu'un estime que la maison de M. Diderich devrait se trouver dans une zone verte, il sera entendu par un fonctionnaire. Celui-ci rédigera un petit rapport de l'entrevue. Ensuite, le collège échevinal prendra une décision avec les fonctionnaires et modifiera le PAG le cas échéant. Toutes ces décisions devront être approuvées lors du deuxième vote du PAG. Si une des réclamations portait sur la maison de M. Diderich, celui-ci ne pourrait pas participer au vote. C'est en tout cas de cette façon que Georges Liesch comprend la loi. Le processus est entièrement transparent.

La dernière question de M. Diderich n'a rien à voir avec le PAG. Quand on construit ou rénove une maison, il faut demander une autorisation. Cela vaut pour chaque bâtisse à Differdange. La même remarque vaut donc pour les travaux dans une zone verte. C'est la raison pour laquelle plusieurs maisons ont

été reclassées. Car il ne sert à rien de forcer les gens à demander une autorisation à la ministre pour remplacer une fenêtre.

(Interruption de M. Diderich)

Georges Liesch répond qu'il devra vérifier.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

prendra position lors de la partie à huis clos.

ERNY MULLER (LSAP) *s'est rendu récemment à la Jugendfabrik. Malheureusement, il n'y avait pas d'activités. C'est pourquoi il voudrait savoir si tout se passe comme prévu. Y a-t-il des problèmes? Erny Muller y est allé le soir.*

Pour ce qui est du site, le conseiller communal a été choqué de l'état dans lequel il se trouve. Sur le terrain de l'AS se trouve du matériel, des blocs en béton... C'est un véritable chantier alors que l'on n'y travaille plus. En plus, des voitures y sont garées alors qu'elles n'ont rien à faire à cet endroit.

M. Ulveling pourrait-il fournir des informations à ce sujet? L'accès à la maison des jeunes aurait dû être achevé. Erny Muller trouve cette situation inacceptable. Lorsque le nouveau hall polyvalent sera inauguré, les alentours et l'accès seront finis.

(Interruption de M. Ulveling)

Erny Muller demande à M. Ulveling de fournir des explications. Il verra ensuite s'il peut les accepter.

Sa deuxième question porte sur le Wangert. Il a appris qu'une deuxième réunion y aura lieu. Apparemment, les résidents ne sont pas contents. Que s'est-il passé?

Déi lescht Fro huet jo eigentlech näischt mam PAG ze dinn. Dat ass fir all Haus, wat an Déifferdeng ass. Wann een eppes baut oder renovéiert oder wéi och ëmmer, soll en natierlech eng Baugeneemegung hei ufroen. A wann et an der Zone verte ass an et sinn Aarbechten, déi eng Autorisatioun brauchen, aus der Zone verte, da muss en déi ufroen.

Dat ass jo och de Grond, firwat mer eng ganz Partie Haiser, déi haut an der Zone verte sinn, mat erageholl hunn. Well mer gesot hunn, dat mécht jo kee Sënn, dass déi Leit, wa se den Daach wëlle frësch maachen oder Fënstere wëlle frësch maachen, mussen un d'Ministesch schreiwen. Wat jo eng Formalitéit ass, wat awer ëmmer alles accordéiert gëtt. Mä dat mécht awer eigentlech absolutt kee Sënn. Dofir hu mer se elo erageholl, fir dass déi Prozedure vill méi einfach ginn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An et besteet an deem Fall do eng Autorisatioun?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Kann ech Iech net soen. Muss ech nokucken.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech géif gär dozou Stellung huelen, awer an der Netëffentlecher.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn zwou Froen, et ass eng Duebelfro. Ech wollt se am Fong scho bei der Maison des jeunes stellen, mä do ware mer séier beim Vott, soudass ech se elo stellen. Et geet em d'Jugendfabrik.

Ech war mer dat ukucken. Leider muss ech soen, war ech do ukomm, wou

keng Aktivitéit war. Duerfir wollt ech froen, ob do alles an der Rei ass. Ob d'Aktivitéit do normal leeft. Ob do eventuell Problemer sinn. Ech war méi spéit owes do, du war keng Aktivitéit do. Duerfir wollt ech froen, ob dat gutt besicht ass a wéi dat leeft.

Wéi ech awer dohikomm sinn, sollt ech bal e Schlag kréien. Ech géif kengem Jugendlechen zomudden, iwwer esou en Accès an e Gebai ze goen. Do musse mer awer eppes maachen, dat kënne mer net esou si loossen.

Op där Plaz, fir se net ze nennen, den AS-Terrain, do läit Material, do leie Bëtongsbléck, do si Schlaken. Do ass e ganze Chantier nach, obwuel do net méi geschafft gëtt. Do stinn Autoen, déi näischt do verluer hunn.

An duerfir kënnt déi zweet Fro un den Här Ulveling. Mir hu scho laang dee Projet gestëmmt heibannen, an do wollt ech awer emol froen, wéi geet et viru mam Park AS-Terrain? Op d'mannst hätt den Accès fir an d'Jugendhaus scho kënne fäerdeg sinn. Ech fanne dat do net an der Rei, dass mir dat einfach esou leie loossen an do net virufueren.

Ech wëll Iech just drun erënneren, wann Der elo deemnächst den Uewerkuerer Hal polyvalent aweit, dass da ronderëm d'Alentouren alles fäerdeg ass, och den Accès. Wann Der dat macht. An esou hätt et och kënnen ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat maache mir jo och. Dat hei ...

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, Dir kënnt mer jo erklären, firwat dass et net virugeet. Da kucken ech, ob ech dat kann acceptéieren oder net. Dat ass dann eng perséinlech Saach.

Déi zweet Fro: Ech sollt e Schlag kréien, wéi ech elo erëmkomm sinn. Ech hu gelies, elo ass schonn erëm eng Reunioun am Wangert. An ech hunn erausfonnt, dass d'Leit do allegueren opbruecht sinn. Op jidde Fall e groussen Deel vun deenen, déi do wunnen.

Ech wollt Iech emol froen: Wat ass do lass am Wangert? Do geschitt och,

mengen ech, näischt méi momentan, mat den Aarbechten. Ech weess just, dass muer erëm eng Reunioun ass. Dofir wollt ech emol vun Iech wëssen, wat do lass ass. A wéi dat do virugeet mam Wangert. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Gutt Fro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Zur Jugendfabrik: Wann Der owes dohinner gitt, ass d'Jugendfabrik natierlech zou. Et geet um siwen Auer zou. Ech weess net, um wéi vill Auer Dir do waart. Dat heescht, dann ass zou. Et ass freides, wou e bësse méi laang op ass.

Wichtig fir eis ze wëssen heibannen, an och fir mech selwer, ass, datt en Agreement besteet. Dat heescht, et ass en Agreement op deem Ganzen. Natierlech ass den Accès gekuckt ginn, an och hannenaus. Mä Dir hutt vollkommerecht, do ass wierklech ... Et muss ee wëllen dohinner.

Et muss een awer och soen: Déi Jonk wëllen. Well et ass wierklech extrem, extrem vill Betrib doranner. Mä ech mengen och, datt een do muss, bis de Park och fäerdeg ass, misst een do e bëssen dran investéieren. Mä et besteet en Agreement op dat Gebai.

Den Här Ulveling huet sech dat opgeschriwwen. An e wäert dann och kucken, datt et vläicht e bësse méi attrayant ass.

ERNY MULLER (LSAP):

Kéinte mer dann nach gewuer ginn, wéini et mam Park lassgeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, dat mécht den Här Ulveling. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zwou Froen huet den Här Muller mer gestallt, déi ganz berechtigt sinn.

Déi en rapport mat eise fréieren AS-Terrain: Do ass leider de Problem, dass mir dat net sollen an d'Rei bréngen, mä d'Ponts et Chaussées. Am Ufank war gesot ginn, déi kéinten en Deel vun den Aarbechte maache mat enger Extensioun vum Marché vun der Strooss. An duerno hu se awer gesot, dat géif net goen. Dat hat alles erëm missen nei ausgeschriwwen ginn. Dofir hänke mer elo.

Mir ware jo schonn Demandeur, mir wollten am Fong scho Beem setzen, schonn d'lescht Joer. Mä dat soll elo am September, Oktober dëst Joer lassgoen. Mä wéi gesot, dee gréissten Deel vun de ganzen Aarbechte gëtt vu Ponts et Chaussées bezuelt. An dofir hänke mer do.

Zum Wangert: Wéi Der wësst, geet et drëms, fir déi Strooss nei ze maachen. Do hu mer erausfonnt, ee ganze Koup vun den Terrainen, Stécker vun de Leit hiren Terraine leien an der Strooss, si Partie intégrante vun der Strooss a vum Trottoir.

An enger éischter Phas hu mer d'Leit zesummegeruff an hinnen erkläert: Am Fong ass dat net eis Strooss, et ass Är Strooss. An Dir misst eis, wéi mer dat och schonn op anere Plaze gemaach hunn, dat Stéck Terrain cedéieren, fir dass mer dee ganze Projet richteg maache kënnen.

Mir hunn de Leit de Plang gewisen. Et waren heiansdo nëmmen e puer Meter-carré, ganz rar war et e bësse méi eng grouss Fläch. Et huet sech ëmmer nëmmen un den Trottoir gehaangen oder un d'Stéck vun der Strooss. An där Reunioun konnten e puer Leit direkt ënnerschreien, dass se d'accord wäeren, dass se eis dat géife cedéieren. Anerer hu gesot: Ech iwwerleeë mer et. Ech huelen dat mat heem a bréngen et dann zrëck.

Wéi et fäerdeg war, hate mer eng 20-22 Leit, déi d'accord waren. Dunn op eemol krute mer e Brëif vun engem Affekot, an deem stoung, dass elo e Grupp vu Signataire, ech mengen, et waren eng 20 Leit, sech do zesummegedoen haten a gesot hunn, si wäeren net domat d'accord.

Les travaux ne semblent pas avancer. Demain se tiendra une réunion. De quoi s'agit-il?

TOM ULVELING (CSV) trouve que c'est une bonne question.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que la Jugendfabrik est fermée le soir après sept heures.

(Interruption)

Roberto Traversini répète qu'elle est fermée. Seul le vendredi, elle reste ouverte un peu plus longtemps.

Il faut savoir qu'il existe un agrément. La commune a veillé à réaliser un accès. La Jugendfabrik est bien fréquentée. Mais lorsque le parc sera terminé, il faudra procéder à quelques investissements. M. Ulveling en a pris note et veillera à rendre le site plus attractif.

ERNY MULLER (LSAP) demande quand l'aménagement du parc va commencer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

cède la parole à M. Ulveling pour répondre à cette question.

TOM ULVELING (CSV) rappelle que l'ancien terrain de l'AS n'est pas réaménagé par la commune, mais par les Ponts et Chaussées. Le retard est dû au fait qu'ils ont dû lancer deux soumissions.

La commune a demandé à planter les arbres l'année dernière. Mais le gros des travaux sera réalisé par les Ponts et Chaussées.

Pour ce qui est du Wangert, la route doit être refaite. Or il est apparu que des bouts de trottoirs et de route font partie des terrains des propriétaires. Le collège échevinal a donc demandé aux propriétaires de céder la route à la commune pour qu'elle puisse réaliser les travaux. En général, il s'agit de quelques mètres carrés; parfois, les surfaces sont un peu plus grandes. Certains propriétaires ont signé l'acte de cession immédiatement; d'autres ont pris du temps pour réfléchir.

Entretemps, 22 propriétaires ont donné leur accord. Mais la commune a reçu ensuite la lettre d'un avocat représentant vingt propriétaires ne voulant pas vendre. Cer-

10. Questions

tains avaient pourtant déjà donné leur accord. C'est pourquoi une réunion aura lieu demain soir. Le collègue échevinal leur communiquera qu'ils ne sont pas obligés de vendre, mais que dans ce cas, tout ce qui arrivera sur leurs parcelles sera de leur responsabilité.

S'ils refusent de vendre, le projet sera hypothéqué. Tom Ulveling rappelle que Sudgaz souhaite rénover les réseaux, car ils sont vieux et représentent un danger. La commune voulait en profiter pour remettre en état la route. Désormais, le collègue échevinal doit attendre les résultats de la réunion.

Tom Ulveling précise que rien ne changera pour les riverains. Ils continueront à vivre dans cette rue comme ils l'ont toujours fait. Si les parties ne trouvent pas une solution, des questions d'ordre légal vont se poser. Qui sera responsable s'il arrive quelque chose? Les gens veulent rester propriétaires de ces parcelles parce que cela leur permet par exemple d'y garer leurs voitures. Tom Ulveling espère pouvoir trouver un arrangement. Autrement, seul Sudgaz réalisera ses travaux. La commune est disposée à embellir le quartier, mais elle ne veut pas forcer les habitants.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

clôture la séance publique.

Mir haten dat analyséiert a festgestellt, dass komescherweis scho Leit, déi eis den Accord ginn haten, op eemol op där Lëscht stoungen, si wäeren net méi d'accord.

Dofir hu mer fir muer den Owend nach eng Kéier eng Sitzung aberuff, fir de Leit ze soen: Mir kënnen keen zwéngen, mä wa si net d'accord sinn, fir dat ze maachen, da bleift et ëmmer nach hir Parzell an dann ass och alles, wat op där Parzell geschitt, ënner hirer Responsabilitéit.

A si hypothekéieren dee ganze Projet. Et hat jo domat ugefaangen, dass Sudgaz Demandeur war, well eben eng Gefor besteet, well déi Reseau relativ al sinn, fir déi ze erneieren. Du wollte mir dovunner profitéieren, wa schonn alles opgerappt gëtt, dass mer dat géifen an en uerdentlechen Zoustand bréngen.

An elo wäerte mer ofwaarden, wat muer den Owend erauskënnt. De Leit nach eng Kéier erklären. Well et geschitt absolutement guer näischt. Et ass keen, deen iergendwéi e Meter ewechgeholl kritt. D'Leit kënnen esou do wunnen, wéi se ëmmer do gewunnt hunn. Mä wéi gesot, et ass elo net méi hiert Stéck vun der Strooss, wat se deelweis iwwerhaapt och emol net wousten.

Mä do stelle sech effektiv, wann déi Situation net berengegt gëtt, nach legal Problemer: Ween ass responsabel, wann do eppes geschitt? Et sinn natierlech Leit, déi soen: Et ass mäin Terrain, da kann ech och do parken. Et ass jo mäi Parking. An dat sinn e bëssen esou Saachen.

Dofir versiche mer elo nach eng Kéier, mat de Leit ze schwätzen an hoffen, dass mer do en Arrangement fannen. Mä wa mer deen net fannen, da wäerte mer do nëmmen e Minimum kënnen maachen. A wäerten deen och nëmme maachen, just Sudgaz dann.

An da musse se ebe weider esou liewen, wéi se do elo liewen. Wann dat hinne gefält. Mä ech mengen, d'Gemeng huet jo gewisen, dass se bereet ass, eppes ze maachen, fir dee Quartier ze verschéieren. Wann et net gewollt ass, da kënnen mir et och net mat der Briechstaang maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ech soen eisen zwee Journalisten och Merci. An da géife mer zu der Netëffentlecher kommen.

Opening act: Doug MacLeod

BUDDA POWER BLUES

29 NOVEMBER 2019

8 PM

25 € / 12,50 € + fees

KINO AM AALT STADHAUS

AALT STADHAUS DIFFERDANGE

ENTRÉE: 5 €
+ FRAISE PRO FILM

29. OKTOBER 2019 - 15H00

MENG KOLLEGEN AUS DEM ALL

ANIMATIOUNSFILM VUN DER FABRIQUE D'IMAGES

12. NOVEMBER 2019 - 19H00


COLONIA

E FILM VUM FLORIAN GALLENBERGER MAM EMMA WATSON AN DANIEL BRÜHL

21. NOVEMBER 2019 - 19H00 - GRATIS ENTRÉE

LA FINALE

E FILM VUM ROBIN SYKES MAM THIERRY LHERMITTE



4. DEZEMBER 2019 - 19H00

SAWAH

E FILM VUM ADOLF EL ASSAL



WWW.STADHAUS.LU

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT●●●●●
STADHAUS
Differdange